
RAPPORT ANALYTIQUE
Nº 2 / 2009

# ESCHER GEMENGEROT





Séances du Conseil communal du

vendredi 20 mars 2009
vendredi 03 avril 2009

**WWW.ESCH.LU**

Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg den 20. Mäerz 2009

**Conseillers présents:**
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

**Conseillers absents:**
M. Frunnes Maroldt – M. Roger Roller

# Ordre du jour


| | | Page |
|---|---|---|
| Réunion à huis clos: 10.30 – 10.45 hres | | |
| 1. | Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions, peines disciplinaires); décision | 4 |
| 2. | Enseignement :contrats de louage de service ; décision | 4 |

| | | Page |
|---|---|---|
| Réunion publique: 10.45 – 14.00 hres | | |
| 3. | Information au public des décisions de personnel | 4 |
| 4. | Correspondance | 4 |
| 5. | Nouveau Parking souterrain Brill : | 4 |
| | a. Avancement des travaux | 4 |
| | b. Acte de cautionnement avec la société du parking Brill | 4 |
| 6. | Chèques-service accueil : information et règlement-taxe ; décision | 7 |
| 7. | Conseil communal transfrontalier du 27 mars 2009; discussion préparatoire | 12 |
| 8. | PAP rue de l'Usine : 2e vote ; décision | 16 |
| 9. | City Management Sud Esch-Belval-Sanem : convention ; décision | 17 |
| 10. | Enseignement : identification des écoles ; décision | 17 |
| 11. | Convention relative aux aides de la construction d'ensembles ; décision | 17 |
| 12. | Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage,…) ; décision | 17 |
| 13. | Convention relative à la rédaction du compte-rendu analytique ; décision | 18 |
| 14. | Relevé et rôle principal de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2009 ; décision | 18 |
| 15. | Commissions consultatives : modification ; décision | 18 |
| 16. | Contrats de bail ; décision | 19 |
| 17. | Autorisation d'ester en justice ; décision | 19 |
| 18. | Subsides extraordinaires ; décision | 20 |
| 19. | Concessions sépulcrales ; décision | 21 |
| 20. | Règlements de la circulation routière; confirmation et décision | 21 |


Les deux premiers points seront traités en séance secrète.


Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 20 mars 2009 22

## 3. Information au public des décisions de personnel

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Ënner Punkt 3 wäerte mer Iech da wéi gewinnt Informatioune ginn iwwert d'Décisioun déi mer zu de Personalfroe geholl hunn.

*A)*
*1) Démission honorable accordée à Monsieur John Schlentz.*
*2) Démission honorable accordée à Madame Josette Thelen ép. Dumont.*
*3) Démission honorable accordée à Madame Nicole Lahyr ép. Pleger.*
*B)*
*1) Nomination définitive de Monsieur Marc Bohnert aux fonctions de rédacteur.*
*2) Nomination définitive de Madame Sandy Hansen aux fonctions de rédacteur.*
*C)*
*Avancements en traitement accordés à MM Bertemes Arthur et Michely Claude.*
*D)*
*1) L'occupation du poste d'agent scientifique spécialisé dans le domaine de l'aménagement du territoire et de l'urbanisme sera décidée suite à une nouvelle publication.*
*2) Prolongation de l'engagement à temps partiel de Madame Catia Morgado.*

Dir wësst, Kolleginnen a Kollegen, dass mer de Mueren eis Gemengerotssëtzung méi spéit ugefaangen hu well mer en historesche Rendez-vous haten, nämlech de Coup de pelle vum éischten Deel vun der Universitéit. Dat war e ganz wichtege Moment an dat huet dann nach eng agréabel Niewenerscheinung, well mer dann d'Geleeënheet kréien, herno zesummen ze Mëtten ze iessen – dat riicht sech och un d'Kolleginnen an d'Kollegen hei vun der Press – well dann den Timing net méi respektéiert ass fir um eng Auer kënnen opzehalen.

## 4. Correspondance

Mir hunn awer ënnert dem Punkt Korrespondenz Iech zwou Informatiounen ze ginn. Déi eng hu mer scho schrëftlech virleien an déi aner wäerte mer deemnächst schrëftlech virleien hunn, déi ginn ech Iech also mëndlech. Dat éischt ass déi, dass déi vill Efforten déi hei haaptsächlech vum Här Kulturschäffe gemaach gi sinn, dass déi hir Friichte gedroen hunn, an dass mer eng Participatioun vum Kulturministère fir eisen Theater kréien, an enger Héicht vu 4,5 Milliounen Euro. An do wëllt ech och hei jiddwerengem Merci soe well jiddweree mengen ech, huet hei mat dozou bäigedroen duerch seng Interventiounen, dass d'Stad Esch konnt geltend maachen, dass et net a Fro ka kommen, dass e regionale Kulturzentrum wéi den Theater en ass, an en iwwerregionale Kulturzentrum wéi den Theater en duerstellt, keng Participatioun ka kréien. Esou dass mer dann awer erëm eisem gudden Numm vun der Stad Esch als Kulturstad kënne Rechnung droen.

Déi zweet Informatioun déi mer Iech ze ginn hunn, ass dass mer Iech déi gutt Nouvelle hei kënne ginn, dass mer d'Konsulat kréie fir d'Besoine vun der Stad Esch. D'Konsulat respektiv d'Casa d'Italia wäert an deenen nächste Woche bis zum 15. Juli iwwert e Compromis un d'Stad Esch eriwwer goen. Den Ambassadeur huet eis dofir säi mëndlechen Accord ginn a mir hunn och en Engagement, dass bis zum 15. November déi Raimlechkeeten och definitiv an eise Besëtz iwwerginn. D'Tatsaach, dass dat e puer Méint méi laang dauert, ass op reng administrativ organisatoresch Problemer vu Säite vun der italienescher Regierung zeréck ze féieren, déi d'Prozedure muss entaméiere fir déi Vente ze maachen. A mir hunn elo ausgemaach an enger Entrevue déi ech mam italieneschen Ambassadeur ganz rezent hat, dass dat doten a Schrëftform an deenen nächste Woche virläit. Deen Accord, dee mer mëndlech fonnt hunn, an dass mer dann och an d'Ëffentlechkeet gi fir dat mat hinne gemeinsam public ze maachen. Mir hunn awer als Schäfferot gemengt, dass dat esou eng wichteg Informatioun wier, dass mer déi schonn zu dësem Zäitpunkt wollten eisem Gemengerot ginn an domat och der Press. A vu dass do eng ganz Rei vu wichtegen Décisioune mat drunhänken, wäerte mer och dee Punkt, soubal mer deen Échange par écrit fäerdeg hunn, op den Ordre du jour setzen, well mer dann och wëlle mat Iech zesummen driwwer diskutéiere wat déi spéider Notzungsméiglechkeete vun där Gebailechkeet ubelaangt a virun allem och wéi mir et dann ufänken, haaptsächlech iwwert eisen Här Kulturschäffen, fir aus där doter Gebailechkeet e weidere wichtege Pilier vum Escher Kulturliewen ze maachen. Dat sinn déi zwou Informatiounen ënner Korrespondenz.

## 5. Nouveau Parking souterrain Brill
## a) Avancement des travaux
## b) Acte de cautionnement avec la société du parking Brill

Mir kéimen dann direkt zu eisem Punkt 5. Dat ass eisen neie Parking souterrain Brill, wou eise Bauteschäffen eng Rei vun Informatioune wäert ginn. A wat natierlech och der erfreelecher Tatsaach Rechnung dréit, dass mer dann am direkten Zentrumsberäich nieft dem Parking ënnert der Stadhausplaz, deen e ganz erfollegräiche Fonctionnement huet, och nach e weidere Parking souterrain mat nach méi Parkméiglechkeete wéi mer der elo schonn hei hunn, kënnen un d'Escher Populatioun an un déi déi eis besiche kommen, weider ginn.

Här Bauteschäffen.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Also et geschitt jo eppes op der Brillplaz an et geschitt virun allem mëttlerweil och schonn eppes ënnert de Brillplaz. Mir hu jo e bësse Retard kritt duerch déi Marchésattributioun. Ursprénglech sollte mer jo scho mat den Terrassementsaarbechten am Abrëll d'lescht Joer ufänken. Wéi mer awer do déi Schwieregkeeten hate mat der Firma Kurt, hu mer frësch missten adjudikéieren un d'Entreprise LuxTP an do ass natierlech och en neie Planing opgestallt ginn. Deen huet jo missten do am Marché nei opgestallt ginn.

D'Infrastrukturaarbechten déi hunn d'lescht Joer am Juni ugefaangen. Waren am Dezember dëst Joer fäerdeg. Dat heescht déi an der Pasteurstrooss a ronderëm d'Pasteurstrooss. Déi zweet elo vu virbereedenden Aarbechten, den Travaux préparatoires, déi hunn am Oktober d'lescht Joer ugefaangen. Fir d'éischt mol selbstverständlech mat der Installatioun vun der Clôture de chantier an d'Forrage vun de Betonspieuen, well et ass jo och wann et net ronn ass, awer deeselwechte Konstruktiounsprinzip fir dëse Parking wéi deen hei virum Stadhaus. Dee vun de gesägte Betonpfähle oder de Pieux sécants op franséisch, wou sech da selwer ofdichten, ee géint deen aneren. Déi Aarbechte sinn elo termingeméiss Enn vum Februar fäerdeg ginn a vun dohier konnten dann do déi éischt Aarbechte fir d'Preparatioun fir d'Aushiewe vun der Baugruef ugoen.

Wat elo de Moment geschitt dat ass uewen déi Käpp vun deene Pieue frësch ze faassen an doraus e Gesamtverbund ze maachen, dass déi Dall stabil gëtt an da gëtt ronderëm d'Pieuen déi gebuert si bis an d'Déift erof esou iwwerall op 5 Meter breet en éischten Deel vun der Dall gegoss. Firwat gëtt dat gemaach? Fir dat uewen auszesteife wann dat ënnen ausgehuewe gëtt. Wann dat ënnen eidel gebaggert gëtt, well déi Pieuen eleng géinge soss vum Drock vum Äerdräich no banne kippen, an dofir gëtt ee 5 Meter breede Pourtour gegoss fir dass dee ganzen Ouvrage stabil bleift an net iwwert d'Äerdräich an duerch déi Massen déi och duerch d'Gebaier ronderëm do sinn, zesumme gedréckt gëtt.

Bon, déi Aarbechte si schonn op der Säit vum Musée fäerdeg. Do ass dee Kragen, deen Aussteifungskragen ass scho gemaach. Op der Säit vun der Uelzechtstrooss a vun der Brillstrooss sinn déi Aarbechten amgaang. Also, do ass de Coffrage, d'Eisen an d'Betonéieren ass zum Deel realiséiert an do sinn och schonn déi éischt Säitemaueren déi bis op den Niveau vun de Plaz erop ginn. Op der Pasteurstrooss, op där Säit, ass amgaang ausgebuddelt ze gi fir genau deen Aussteifungskragen do och kënnen ze maachen. Dir hutt gesinn, dass déi Palissade ronderëm dekoréiert ginn ass. Eng ganz flott lieweg Dekoratioun Kultur, Jugend e bëssen d'Vokatioun vun deem Quartier a vun deem Carré do och erëm ginn.

A wat och elo an deenen nächsten Deeg geschitt, wat ganz wichteg ass fir déi Leit déi regelméisseg déi Chantieren inspizéiere ginn, eis eeler Escher déi vläicht méi Zäit hunn, déi kréien dann hir Lächer, genau wéi hei och virum Stadhaus, an d'Palissade gebuert, dass se selwer kënne live mat erliewe wat hannendru geschitt. An et gëtt och, wéi hei, an deenen nächste Wochen eng Aussiichtsplattform hiergeriicht, wou ee kann erop kucke goen, an dat wäert ganz impressionant ginn, well dat gëtt dës Kéier e grousst Lach wat ee gesäit. Hei huet een d'Lach net gesinn, mä dës Kéier gesäit ee wierklech dee ganzen Äerdaushub live an dat gëtt och an deenen nächsten Deeg a Woche realiséiert, esou dass d'Escher Leit dat kënne live mat erliewe wéi dee Parking do gebaut gëtt.

Travaux de terrassement, déi ginn also an deenen nächste 14 Deeg un an do si ronn 60.000 m3 Buedem eraus ze hiewen an am Prinzip ass geduecht, dass déi Aarbechten do virun de kollektiv Congéen dëst Joer solle fäerdeg sinn. Also fir d'kollektiv Congéen gëtt déi Aarbecht fäerdeg. Am September, direkt no de kollektiv Congée, gëtt da vum Niveau 5 un ugefaangen erop ze bauen, fir dass dann am Dezember 2010 de Parking souterrain kann definitiv fäerdeg ofgeholl a Betrib goen. An de Moment läit alles am Planing wéi e beim Marché festgeluegt ginn ass dran. Mir sinn do op där Plaz net zevill duerch d'Intempérien gebremst ginn, well do dee Forrage vun de Pieuxen net esou sensibel ass, wat de Frascht ugeet, well dat eigentlech eng Technik ass, déi am Permafraschtbuedem a Sibyrien développéiert ginn ass.

Voilà, dat zu den Informatiounen. Wat mer awer haut als administrative Punkt och um Ordre du jour hunn, dat ass den Acte de cautionnement ze stëmmen. Wéi mer d'Konventioun gestëmmt hu mam Marché, do ass jo virgesi ginn, dass d'Gemeng d'Kautioun iwwerhëlt wann de Co-Contractant géing Déchu ginn. D'Konditioune si genau fest an et ass wéi d'leschte Kéier, dass d'Gemeng sech eigentlech nëmme fir deen Deel wou och wierklech herno eppes Haardes, Zoliddes am Buedem steet, wat ee kann iwwerhuelen, also fir deen Deel vum Parking vum Emprunt bei der Spuerkeess, dee fir d'Konstruktioun vum Ouvrage ass, iwwerhëlt d'Gemeng d'Kautioun. An och selbstverständlech, esou wéi d'leschte Kéier, nëmme fir deen Deel deen nom Plan de remboursement nach ze rembourséiere wär. Also, et ass ëmmer dann eng Balance wou dat wat am Buedem da steet jo un d'Gemeng da géing zréckfalen an nëmmen deen Deel dee mer, wa mer et an eege Regie géinge finanzéieren, och souwisou ze finanzéiere wär.

Den Här Jaerling.

**Une voix:** De Spezialist!

**Aly Jaerling (Indépendant):** Also, dat hei huet näischt mat Spezialist ze dinn, dat hei huet einfach mat kloerem Mënscheverstand ze di wann een dergéint ass, dass hei mat Steiersuen e Privatpromoteur gestäipt gëtt, an dass d'Gemeng d'Garantie iwwerhëlt, dass wann dee krups geet, dass d'Gemeng dann dat bezilt. Dat si Steiersuen an ech hunn dat vun Ufank u gesot an domatter kann ech net, a wäert ech net d'accord sinn. An ech soen et nach eng Kéier hei: Et ass einfach onverantwortlech an dat si Praktiken déi einfach net zoulässeg sinn. Besonnesch elo, an der Situatioun wou mer elo sinn, wou mer all Frang hannen a vir brauchen a wou mer alles mussen ofsécheren, fir dass mer deene Leit gehollef kréien déi wierklech an Nout sinn, gi mer dann elo nach hin an da gi mer esou Abenteuer an. Et gëtt keng Garantie, dass dat do gutt ausgeet.

Et kann een elo soen, deen ee Parking deen huet gutt fonctionnéiert, dat klappt wonnerbar. Da géif ech mol vläicht gär wësse wéivill Plazen dass an deem Parking verkaaft gi sinn a wéivill dass der gelount ginn all Dag. Et schéngt mer jo, wéi wann awer eng Rei vun deene Plazen verkaaft gi sinn, esou dass dat net esou oppen ass wéi een dat sech vläicht ka virstellen. Dat géif ech och mol gär wëssen.

A fir dat anert, ech mengen do bleiwen ech bei menger Meenung. Et ass net zoulässeg, dass hei mat Steiersuen e Privatpromoteur eng Garantie kritt déi herno de Steierzueler kann 10,6 Millioune kaschten, an och do ënne wann et eng Kéier net méi esou geet wéi se sech et virstellen, dass do nach 6 Milliounen Euro dobäi kommen. Ech géif mengen dann ass dat einfach fir mech eng onverantwortlech Politik. Well soss ka jo mar all anere Promoteur kommen an déiselwecht Rechter verlaange fir dann hei an Esch iergendee Projet ze bauen. Gidd Dir deem dann och déi Garantien do? Stäipt Dir deen dann och mat Steiersuen oder ass dat nëmme fir ee bestëmmte Promoteur geduecht, dass dat do esou fonctionnéiert? Wéi ass dat da wann elo aner Promoteure kommen déi e PAP oder iergendeen anere Projet heihinner duerleeën? Zum Beispill dee Projet op Terres Rouges, wann do iergendeng Kéier eppes sollt kommen. Wann do elo zum Beispill géif ee komme fir dee Fussballsterrain ze bauen, gidd Dir dann do och hin an da gidd Dir do och mat als Bierg? Gëtt dat dann elo eng Ketten ouni Enn oder ass dat hei en Ausnamefall? Dofir, ech soen Iech also mat där Aart Politik do fir mat de Steiersuen ëmzegoen, kann ech net d'accord sinn.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Den Här Knaff.

**Pierre-Marc Knaff (DP):** Jo, Här Schäffen. Dir frot jo awer hei, datt mir d'Gemeng engagéieren an engem relativ schwéierwiegenden Akt, also Cautionnement dat ass jo awer schonn net näischt. Dat ass en Akt wou mir mussen, wann déi Société net kann hir Obligatioun erfëllen, an hir Plaz komme fir dat ze maachen. Normalerweis ass de Cautionnement en Akt deen op der Confiance baséiert, déi een zu deem huet deen ee cautionnéiert. Et kënnt dann heiansdo vir, wann an enger

Famill de Bouf en Haus keeft, datt de Papp dann als Bierg matgeet fir dann deem seng Garantien ze ginn. Dat ass eng Relation de confiance. Hei frot Dir eis, datt mir eng Relation de confiance sollen hunn zu enger Sociétéit wou mer elo mol net wëssen, ween do dohannert stécht. Dat heescht, mir sollen hei cautionnéieren eng Société anonyme SPB, Société du parking Brill, vun där ech speziell näischt weess. Ech géif gär wëssen, ween ass do derhannert. Ech géif gär wësse wéi eng Sociétéite, wéi e Kapital hunn déi, wéi sinn déi opgestallt? Sinn déi seriös? Kënnen déi esou ee Projet iwwert d'Bühn zéien? Ier mir eis engagéieren. Ech kann lech net soen esou, ech sinn elo mat, ech ginn elo gréng Luucht, datt mir deen Akt do maachen.

Wann Dir mer awer elo sot: Dat ass, ech weess net wéi, e Grupp, hei an do, deen esou vill Milliarde Kapital huet, an deen esou vill Chantercher gemaach huet, da kann ech mech vläicht domat ufrënnen. Mä elo weess ech net ween dat ass, deem ech soll déi Confiance do accordéieren. An ech hunn domatter bëssen e Problem. Ech hu souwisou e bësse Problemer, datt mir mussen als Gemeng, als Collectivité publique do Kautioun spillen an engem Privatmarché. Ech weess net ob dat esou ass. Dat ass jo am Fong eng Firma déi jo e Projet mécht. Déi mécht jo dat fir Suen ze verdéngen. Déi verdéngt och Suen. Si hëlt do e gewëssene Risiko, mä fir dee Risiko kritt se am Fong hire Benefiss. A mir huele jo am Fong de Risiko ewech an ech weess net, ob dat wierklech eise Rôle ass.

Pour le reste, wann ech net méi Informatioune kréien, stëmmen ech deen Acte de cautionnement net an ech géif mech dann enthalen.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Här Weidig.

**Paul Weidig (LSAP):** Ganz kuerz, ween ass dee Promoteur? Mir wëssen all, dass et dee Promoteur ass deen hei virun der Gemeng gebaut huet. Deen e Parking geschafen huet, dee gutt akzeptéiert gëtt vun de Leit a wou mir hei am Conseil eng Garantie de recette votéiert hunn, fir eventuell Perten ze decken. Dat heescht, mir ware mat der Prozedur fir dëse Parking ze bauen d'accord.

Ech sinn also der Meenung mir brauchen dee Parking. Dat ass ganz kloer. Et huet sech erausgestallt an et huet een et och vu Geschäftsleit konfirméiert kritt, dass dee Parking hei virun der Gemeng ganz vill zum Essort vun de Geschäfter an der Uelzechtstrooss bäigedroen huet. An ouni d'Parkingen hätte mer nach méi Problemer fir kënnen d'finanziell Struktur vun der Escher Geschäftswelt ze assuréieren, an dat an der Konkurrenz zu Belval, an zu aneren Akafzentren. Fazit ass, dass Parkingen eng conditio sine qua non fir eng gesond an konkurrenzfäeg Geschäftswelt am Zentrum vun Esch sinn.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Wéi eng Wuertmeldunge waren nach do? Da kann direkt den Här Bauteschäffen äntwerten.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Merci. Den Här Jaerling wëllt et net verstoen, well ech halen hien net fir esou domm, dass hien no all deenen Débaten, de Montage elo nach net verstanen huet. Mir ginn do net iergendengem Promoteur Geld. Mir engagéieren eis nëmmen am Fall wou dee Parking net géing korrekt fonktionnéieren wa mir doduerch an der Exploitatioun dee Comissionnaire géingen erausgeheien, aus iergendenger Ursaach wéise an der Konventioun festgeluecht sinn, an dass dann awer de ganze Parking esou wéi en da gebaut ass, un d'Gemeng fält. Esou ass et an där Konventioun, déi hei gestëmmt ginn ass. An dass just nach deen Emprunt résiduel deen hannen dann nach do ass fir de Rescht vum Ouvrage ze finanzéieren, deen an deem Moment vun der Gemeng nach finanzéiert gëtt. Also mir maachen hei näischt aneschter a mer gi keen anere Risiko fir d'Gemeng, a wéi wa mer e selwer géinge bauen a selwer géingen den Emprunt ophuelen an e selwer géingen amortiséieren opgrond vun de Recetten. Mä dat ass scho bei der leschter Kéier erkläert ginn, et ass schonn e puermol erkläert ginn.

An da fir ze soen, et kann dach jiddweree Promoteur hei elo an d'Escher Gemeng e Cautionnement froen. Mä selbstverständlech net, Här Jaerling, an dat wësst Dir och. Am Kader vun engem Marché public deen ausgeschriwwe war, wou d'Konditioune virdru festlloungen an déi bei der Adjudicatioun scho festlloungen, kann een eventuell esou eppes froen, awer net jiddweree ka sech elo hei un d'Kees vun der Gemeng drunhänke fir Projeten ofgewéckelt ze kréien. Allerdéngs, d'Regierung mécht de Moment awer esou Saache. Am Intérêt vun der Wirtschaft an am Intérêt vum Land spréngt se a fir Entreprisen ze stäipen, fir dass net alles kollaboréiert. An eigentlech maache mir mat eisem Cautionnement hei e ganz klenge bescheidene Beitrag, deen eis mol nach net selwer eppes kascht, fir da vläicht der Bauwirtschaft och e bëssen ze hëllefen.

Här Knaff, ween hannert der Sociétéit stécht. Et ass déiselwecht Sociétéit wéi mer se hei hunn. D'Société du parking Esch huet elo eng zweet separat Sociétéit gegrënnt, Société Parking Brill. Well se als zweet klasséiert eréicht dat kritt hunn, hu se eng zweet Sociétéit misste grënnen. Dat hate se awer och ugekënnegt, dass se eng separat Sociétéit géinge grënnen an et ass d'Société parking Gullaume déi d'Maison mère ass dervun déi dat dat och elo adjudicéiert kritt huet an och herno bedreiwe wäert. Also dat als Informatioun. Et ass net iergend en Hasardeur. Et ass déi Sociétéit, déi an der Stad scho jorzéngtelaang Parkinge bedreiwt, déi hei elo zënter dräi Joer e Parking bedreiwt, deen, mengen ech, zur vollster Zefriddenheet leeft, an déi elo deen do Parking dann och nach wäert bedreiwen an hir Kapitalstruktur ass sécher och am Memorial nozeliesen.

Ech wëll just eppes soen zu enger Ënnerstellung déi den Här Jaerling awer och nach gemaach huet. Hei si genau esou vill Parkplaze verkaaft gi wéi der ursprénglech an der Ausschreiwung an an der Konventioun festgeluegt waren. Dat heescht 70. Dee Montant war ganz genau präzis festgeluegt, an et ass keng méi a keng manner verkaaft ginn. An dat kënnt Dir nokontrolléieren, well déi Akte jo och all Kéiers musse gemaach ginn. An dohanne sinn et der, wann ech et richteg am Kapp hunn, 200, well et mussen der 300 am Public bleiwen an an der courte durée bleiwen.

Ech mengen domat wär op all Froe weitesgehend geäntwert. Den Här Weidig huet nach eng Kéier d'Opportunitéit vun deem Parking, dee jo awer och hei ni kontestéiert ginn ass, rappeléiert an dofir géinge mer lech awer froen, deem Acte de cautionnement zouzestëmmen, dee leschtendlech net méi Risiko beinhalt wéi wa mer dee Parking selwer géinge bauen a selwer den Emprunt ophuelen a selwer den Emprunt géingen tilgen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette*

*Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve par 16 voix oui et 1 voix non l'acte de cautionnement pour le parking souterrain Place de la Résistance.*

*Ont voté oui: Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Baum, Becker, Codello, Hannen, Hildgen, Huss, Knaff, Snel, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Le conseiller Jaerling a voté non.*

## 6. Chèques-service accueil: information et règlement-taxe; décision

Sou, mir kéimen dann zu eisem Punkt 6, dat sinn d'Chèques-service wou eis zoustänneg Schäffin lech net nëmmen Explikatioune gëtt dozou wéi dat hei zu Esch gehandhaabt gëtt. Mä wou mer och direkt haut vun der Gemengerotssitzung profitéiere fir d'Règlement-taxe virzeleeën, déi mer dann ofstëmmen.

Madame Spautz.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Mir hu wéi gesot d'Reglement vun de Chèques-service virleien. En Thema, dee scho fir munch Onrou gesuergt huet a verschiddene Gemengen am Land an och fir munch Polemik. An heiansdo kann een et zum Deel och verstoen, well awer Etleches changéiert huet ab dem 1. Mäerz fir d'Gemenge wat déi ganz Diskussioune ronderëm d'Chèques-service ugeet.

Viru 14 Deeg hu mir hei zu Esch dräi nei Maisons Relais ageweit. Offiziell ageweit. A mir hunn net drop gewaard ob d'Aféiere vun de Chèques-service fir ze erkennen, datt et wichteg wier, datt mer misste weider investéieren a Kannerbetreiungsinfrastrukturen, Maisons Relais wéi et haut genannt gëtt, d'Schoulen, d'Kantinen an esou weider. Mir sinn amgaangen, dee ganze Programm do duerch ze féieren. Wéi gesot, dräi Maisons Relais sinn am Bau, et kommen der nach eng Kéier dräi dobäi, an ech mengen da ka keen eis virgeheien, an de Ministère mécht dat och net, hei zu Esch ëmzesetzen wat mer eis virgeholl hunn, fir an d'Zukunft vun eise Kanner ze investéieren.

Elo si mer awer domatter konfrontéiert, datt mer ab dem 1. Mäerz déi Aféierung vun de Chèques-service hunn. Am Prinzip kann een absolut näischt do dergéint hunn. Am Prinzip sollt et an eng Richtung goe vu Gratuitéit u Kannerbetreiungsinfrastrukturen, datt d'Elteren d'Gratuitéit hu fir hir Kanner an d'Crèche, Maison Relais oder wou och ëmmer ze schécken. Et gi verschidde Beanstandungen déi ee ka maachen. Et ass leider nëmme fir Kanner vun 0 – 12 Joer, leider elo nëmme fir déi. Et geet net fir déi Kanner bis 18 Joer zum Beispill. Enner anerem hat de Statsminister gesot gehat, d'Chèques-service géifen agefouert gi wéinst der Désindexéierung vun den Allocations familiales an amplaz do an eng Augmentatioun eran ze goen, géife se dat heite proposéieren. Dat ass alles schéin a gutt. Ech denke just, fir nach eng Kéier drop zréck ze kommen, déi Escher sinn amgaangen hire ganze Programm ëmzesetzen. Et gi wierklech nach Gemengen, déi iwwerhaapt keng Kannerbetreiungsinfrastrukturen hunn. Domatter sollt dat heiten och en Drockmëttel ginn, mä d'Drockmëttel läit awer am Moment och op eis. An et huet einfach domatter ze dinn, wéi d'Chèquen agefouert ginn. Dat ass eiser Meenung no e bësselchen iwwerstierzt ginn. A firwat dat de Fall ass, dat wäert Dir och elo gläich matkréien.

D'Chèques-service sinn, wéi gesot, och dofir do fir eng gewëssen Egalité des chances zwëschent de Kanner ze kréien. Dat heescht fir all Kand, ob et un der Aarmutsgrenz ass, ob seng Elteren am RMG sinn, ob se vill verdéngen, d'Chèques-service riichte sech un d'Kanner vun 0-12 Joer vun de ganze lëtzebuergesche Gemengen. Dat heescht, et betrëfft net d'Kanner vu Frontalieren. An déi hei zu Lëtzebuerg nach d'Primärschoul besichen. Chèques-service ass onofhängeg vun dem Salaire vun den Elteren an dat heescht, et gi mindestens dräi Stonnen d'Woch gratis Betreiung fir d'Kanner déi de Stat iwwerhëlt. Do kommen nach eng Kéier 21 Stonne bäi zum ermässegtem Tarif. Et hänkt awer och all Kéiers vun der Akommenssituatioun vun den Elteren a wéivill Kanner am Stot liewen of. Dat heescht, de Rang vun der Geschwësterfolleg. An ech erspueren lech wierklech wéi et gerechent gëtt, well et ass héich komplizéiert. Dir hutt et an enger halwer Minutt vergiess wann ech et gesot hunn. Et ass wierklech net evident. Ech erspueren lech dat alles, wann et een interesséiert, da kann hien herno Rechebeispiller kucke kommen, mä do brauch hien nach eng Kéier Explikatioune vun der Compta oder vu weem och ëmmer.

Also, et ass zimlech komplizéiert an et ass och e bësselchen dat, wat d'Gemengen alleguerte bemängelt hunn, wéi komplizéiert dat wier fir et auszerechnen, well et awer problematesch ass am Moment an eise Servicer fir dat doten ëmzesetzen. Ech wëll iwwert dëse Wee hei, besonnesch dem Biergeramt e riese grousse Merci soen, deen ënnert dem Här Jost hei eng enorm Aarbecht gemaach huet vun un datt d'Chèques-service ugebuede gi fir de Leit déi kënnen auszestellen. An an de Maisons Relais selwer, och déi, wou do déi ganz Donnéeën opgeholl hu fir kënnen déi Chèquen auszestellen.

Hei zu Esch heescht dat, datt ongeféier 4.000 Kanner d'Recht op e Chèque-service hunn. Dat sinn der immens vill. An et muss ee bedenken, mir hunn et duerchgespillt gehat am Ufank ier se agefouert gi sinn, datt ee pro Dossier zwëschent 20 a 25 Minutte brauch fir den Dossier ze erstellen, mat alleguerten den Ënnerlagen déi gebraucht gi fir an de Genoss vun de Chèque-service ze kommen. Ech sinn awer iwwert eng Saach och enorm frou. Dat ass déi, datt mir eigentlech hei zu Esch déi sozialst Präisser hätten, an de Chèque-service am nootste komm sinn. Mir si wierklech déi Gemeng, déi am mannsten den Eltere gefrot huet, wat d'Kannerbetreiung ugeet, an de Maisons Relais, an den Accueilen. An duerch d'Aféiere vun de Chèques-service ass et trotzdem esou, datt d'Majoritéit vun den Elteren nach Ermässegunge kritt. D'Majoritéit vun deenen déi bei eis ageschriwwe sinn, bezuelen nach manner wéi se virdrun haten. Also, ech ënnersträichen et ëmmer erëm, do sinn ech och wierklech immens frou driwwer, well jo dat och eng Polemik war an deene ganze Konventioune ronderëm d'Maisons Relais, datt gesot ginn ass, et muss vill méi bezuelt gi vun den Elteren. De Stat leet nëmmen esou vill bäi. Da mussen eben d'Participatioune vun den Elteren augmentéiert ginn un hirer Participatioun an datt mir dat net gemaach hunn, war de richtege Wee hei zu Esch. Well, dat weist och ganz einfach wéi eis Bevëlkerung zesumme gesat ass a ween dovunner profitéiert. Wéi gesot, et ass den éischte Schratt an eng Richtung fir op d'Gratisbetreiung ze goen.

Ech denken, jiddwereee kritt mat wat am Moment leeft, d'Wirtschaftskris, d'Finanzkris. Wat de Chèque-service virgesäit, dat ass, datt et zum Beispill soll méiglech si während fënnef Joer laang fir Kanner an der Mëttesstonn zwëschent 11 an 14 Auer och Iessen unzebidden a Raimlechkeeten déi bis elo net a Maisons Relais sinn. Dat ass awer eng Problematik déi mir eis awer ganz genau hei zu Esch iwwerleeën. Mir sinn der Meenung, datt Kannerbetreiung, esou wéi mer se am Moment umgaang sinn opzebauen, virun allem mat Qualitéit ze dinn huet a mat qualifizéiertem Personal muss gemaach ginn. Dat war och ëmmer e ganz groussen, wichtege Punkt, dee mir hei zu Esch berücksichtegt hunn. Qualifizéiert Personal anzestellen. An elo geet de Ministère awer an eng Richtung wou hie seet, an den nächste fënnef Joer kéint Dir zum Beispill, wann Dir grouss Listes d'attente hutt, an eng Sportshal goen oder, ech weess net, iergendwou eppes bäilounen, wou Dir da kënnt eng Équipe astellen, déi mer lech bezuelen, déi net qualifizéiert ass, fir mam Bus op déi Plaz ze fueren, a wou d'Kanner an der Mëttesstonn während deenen dräi Stonnen dann ze iesse kréien. Fir mech ass dat Zweeklassegesellschaft, ganz kloer. Dat heescht déi, déi mir elo an de Maisons Relais hu ginn anstänneg betreit an hunn eng gewësse Qualitéit an deenen Haiser. An ech denken déi, wou mat waren, déi déi Haiser gesinn hunn, déi wëssen dat. Et ass och dat wat mer ëmmer wollten. An elo maache mer et dann op fir Kanner ze betreien an iergendenger Turnhal. Mir waren endlech dovunner ewech. Et huet laang gedauert, bis mer dovun ewech waren, datt een egal wou konnt déi Kannerbetreiung maachen. Dat huet vill Diskussioune kascht gehat am Ministère de la Famille an hei géif et da méi einfach ginn en Agreement ze kréien, wou een da vun 11 – 14 Auer, 15 Auer dann ebe kann och Personal astelle wat net qualifizéiert ass fir de Kanner ze iessen ze ginn. Dat géif jo dann heeschen, datt et déi wieren op de Listes d'attente déi dann nach déi gratis Betreiung hunn. Dann hätte mer awer wierklech eng Zweetklassegesellschaft: déi eng déi sech et leeschte kënnen an déi aner net, déi an der Turnhal z'iesse kréien oder op soss enger Plaz. Also an déi Richtung wëlle mir wierklech net goen a baue konsequent eise Programm do aus.

Fir lech einfach mol eng Iwwersiicht ze ginn: Mir hu bis elo 809 Inscriptioune fir d'Chèques-service. Dovunner sinn et 200 vun eisen eegene Maisons Relais. Den Datum ass jo nach net ofgelaf wou d'Kanner sech sollen aschreiwe kommen. 200 vun eisen eegene Servicer. Dir wësst, dat ass och fir privat Crèchen, fir Assistants parentaux wou ee sech kann aschreiwen, fir Internater. Vu 4.000 Kanner hei zu Esch déi se kéinte kréien, 2.400 schoulflichteger, 809 déi mer bis elo hunn, hu mer natierlech elo schonn eng Liste d'attente. Mä déi Liste d'attente déi hu mer souwisou, mir haten eng Liste d'attente fir souwisou an eis Maison Relais ze kommen an dat heite sinn elo déi, wou nach zousätzlech dobäi komme vun de Chèques-service. Fir datt mer net an eng Richtung ginn, an an eng Richtung kommen, wou Elteren, an dat ass leider de Fall, ugeruff hunn a gesot hunn, ech schreiwe mäi Kand während dräi Deeg an der Mëttesstonn an, well et da gratis betreit gëtt an da kann iesse komme fir 2 Euro d'Stonn. Deemno wat se verdéngt hunn, hu mer gesot hei zu Esch, mir setzen nach an d'Reglement dobäi, datt mir a Plagë fueren. Et kann een net méi schaffe wann d'Elteren hir Kanner nëmmen eng Stonn umellen. Eng Stonn mëttes vu 4 bis 5, eng Stonn moies vu 7 bis 8, do kann ee pädagogesch keng Aarbecht méi maachen. A mir sinn an déi Richtung gaangen, ech hu gesinn nieft der Stad Lëtzebuerg déi et och gemaach huet, datt mer gesot hunn, op d'mannst Plagë vun zwou Stonnen, soss ass et net méi méiglech Aktivitéite mat deene Kanner ze maachen. An datt mer der ganz vill maachen an nach vill wëlles hunn, dat hutt Dir mat kritt. Soss ass et wierklech net méiglech ze schaffen.

Et ass leider och esou, datt vun un, dass dat Reglement a Kraaft ass, Elteren ugeruff hunn a gesot hunn, datt, wa se zum Beispill Kanner vun der Nopesch versuergt kritt haten, oder och punktuell vun Elteren, Freides vun deenen gesot kritt hunn, déi géife se ab Méindes net méi versuergen, well et géife jo elo gratis Stonne gi fir an eng Maison Relais oder an eng Crèche ze goen, also sollte se sech da melle bei der Gemeng. Dat setzt eis alles immens ënner Drock. Well mir kënnen déi net einfach alleguer esou ophuelen, an dat ass eben dat, wou mer eis och un de Ministère oder soe mer mol, wou mer mam Ministère am Klinsch loungen. D'Aféierung fir den 1. Mäerz war einfach ze kuerz gesat obwuel net méi Plaze wäerten am September do sinn, dat ass mer och bewosst, an anere Gemengen. Mä et hätt missten iwwert en anere Wee trotzdem gemaach ginn.

Ëmsou méi och, datt de Programm vum SIGI nach net fäerdeg ass, deen d'Facturatioun mécht. Do sinn d'nächst Woch eréischt Formatiounen, déi hunn hire Programm nach ëmmer net fäerdeg a mir maachen eis hei op eng Lawin gefaasst wou um Enn vum Mount Rechnungen erausginn déi falsch sinn a wou d'Leit bei eis reklaméiere kommen a mir d'Donnéeën net hunn, well déi iwwert de SIGI eragezu ginn, sou dass mir dann hei en décke Problem kréien op deem Niveau do, wat d'Facturatioun ugeet, well dat Saache sinn déi direkt un de SIGI ginn.

Dat heiten ass kee Gesetz mat deem mer et ze dinn hunn. Dat heiten ass e Règlement grand-ducal esou wéi deemools d'Maison Relais am Summer op eemol op de Kapp gefall sinn an agefouert gi sinn. Genau esou sinn hei d'Chèques-service iwwert e Règlement grand-ducal komm. Nach eng Kéier ënnerstëtzend, et ass absolut richteg an eng gratis Kannerbetreiung ze goen. Wa mer iwwert e Gesetz hätte kënnten an de Kommissiounen driwwer diskutéieren, da wieren héchstwahrscheinlech eng ganz Rei Saachen net esou heidra wéi se elo dra sinn, wou awer eng Rei Gemengen domat e bësselche Problemer hu fir kënnen domatter eens ze ginn.

Dir gesidd hei an dem Dossier vum Gemengerot hu mer drageluegt wéi d'Article sinn. Also ech wëll wierklech, wat elo d'Berechnung ugeet, net an d'Detailer eragoe well et einfach komplizéiert ass. Awer Dir gesidd, wéi déi Gratuité partielle opgedeelt ass fir Kanner déi un der Aarmutsgrenz sinn, respektiv déi wou d'Elteren den RMG kréien. An Dir hutt hannendrun d'Kategorie vun de Bénéficiaire wéi et ausgedréckt ass, wat se bezuelen. Also ech wëll wierklech nach eng Kéier ënnersträichen, datt bei eis d'absolut Majoritéit manner bezilt wéi virdrun, mä d'Ausrechnung fir dohinner ze kommen, no Rang an no Revenue wéi se erakommen, ass awer zimlech komplizéiert.

D'Vakanzenaktivitéite wäerten an Zukunft och mat bezuelt ginn an et muss ee wëssen, dat heite Reglement ass vum Ministère de l'Intérieur autoriséiert ginn, fir et réckwierkend anzeféieren, well et jo den 1. Mäerz ugefaangen huet. Mir hunn d'Konventioun nach net fir d'Maisons Relais. Och dat gëtt eng Ausnam elo, well déi Konventioun kënnt jo eréischt. Déi baséiert dann och op der Aféierung vun de Chèques-service an do kommen dann esou Saachen op eis zou, déi mer och zesumme

verhandelt hu mam Syvicol, mam Ministère, wou d'Escher Gemeng och mat derbäi war. Wou mer verhandelt hunn, datt d'Participatioune vum Stat awer an Zukunft trotzdem sollte gehéicht ginn, well et an déi Richtung soll goen, datt se wëllen un den Infrastrukture manner bezuelen. 50% bei dem Personal, elo ginn et 75% beim Personal an Zukunft. An d'Infrastrukture ginn dann net méi bezuelt. Et gëtt dann awer eng Iwwergangsbestëmmung. Dat heescht déi Konventioun déi kënnt eréischt, déi si mer amgaang auszeschaffen. Mä déi huet heimatter ze dinn an do kommen nach eng Rei Saachen op eis zou wou mer einfach och mussen als Escher nach eng Kéier verhandelen, wéi ëmgaange gëtt mat deem wat mir jo amgaange sinn ze maachen. Net datt mir op eemol d'nächst Joer gesot kréien de Krunn ass zou a mir sinn awer amgaangen eng Rei Saachen ze plangen.

Mir hunn zwou Sondersituatiounen hei zu Esch. Do fënnt nach eng Kéier eng Entrevue mam Ministère statt. Mir hunn engersäits d'Ganzdaagsschoul, wou déi Maison Relais nach net do steet a wou mer nach wie vor déi Problemer hunn déi mer och schonn oft hei diskutéiert hunn: Zwee Ministèren, wee bezilt wat? Do fënnt eng Entrevue an der Ouschtervakanz statt. Mir hunn awer elo mol gesot kritt, datt fir d'Iessen op d'mannst d'Kanner sollen och Chèques-service kréien. Fir d'Iessen an der Mëttesstonn, wat d'Betreiung ugeet, dat kläre mer nach mam Ministère. Do si mer nach net esou wäit. An déi zweet ass, déi Sondersituatioun vun eiser Crèche Parc Laval. Wat eng Gemengecrèche ass déi net konventionéiert war, wou mer awer och an d'Richtung kënne goen déi ënner Maison Relais elo fonctionnéieren ze loossen, an dann och kënnen hei vun de Chèques-service ze profitéieren. Déi soll jo och ausgebaut ginn déi Crèche. Do leien d'Pläng vir, dat ass jo schonn am Budget, fir en Ausbau do ze maachen, well mer do eng grouss Liste d'attente hunn a fir dann do och kënnen d'Chèques-service anzeféieren.

Also et sinn nach Frozeechen an deem ganzen Domaine. Et wäerten och nach Saache musse gekläert ginn. Mir sinn awer der Meenung, datt et wichteg ass, dem Reglement zouzestëmmen, well, wéi gesot, d'Elteren net méi schlecht ewech kommen. Au contraire. Mä wann et de Fall wier, da géife mer wéi ëmmer large domatter ëmgoen hei zu Esch, wéi mer et ëmmer gemaach hunn, a kucken och mam Office social eng Léisung ze fannen. Mir hunn der schonn aktuell wou dann eng Enquête elo dobäi komm ass, a wou mer dann den Elteren och d'Gratuitéit vun de Servicer zougesti wann dat finanziell fir si net méiglech ass.

Also ech géif vläicht dat einfach esou als Erklärungen ofginn. Wann nach Froe sinn, äntwerten ech gären drop. Mä ech erspueren Iech wierklech de Rechemodell.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Madame Spautz, fir déi komplett Informatiounen. Den Här Jaerling hat sech gemellt an dann d'Madame Hildgen.

**Aly Jaerling (Indépendant):** Merci, Madame Buergermeeschter. An der ganzer Diskussioun ass et effektiv esou wéi d'Madame Spautz gesot huet. Wann ee mat deene Chèques-service den normale parlamentaresche Wee gaange wier, iwwert d'Kommissiounen, dann hätt ee wierklech eng Rei Saache schonn am Virfeld kënne klären, duerchchecken, an dann hätt ee méi Kloerheet gehat. Esou e Règlement ministériel, dat hat effektiv dee Bäigeschmaach vun engem Wahlkado. Et wëll ee jo kengem eppes ënnerstellen, dat géif ech mer jo ni erlaben, och wann den Här Hinterscheid dat ëmmer seet. Heiansdo rutscht mer dann eppes e bëssen esou eraus.

An där ganzer Diskussioun ass och nach een Aspekt deen net genau beliicht ginn ass. Mir schwätzen ëmmer vu Maisons Relais, mir schwätzen ëmmer vun de Gemengestrukturen, mir wëssen dass mer net Strukture genuch hunn, dass mer der nach brauche fir der Demande Meeschter ze ginn. Mä et gëtt awer och eng Rei Dagesmammen déi en Agreement hu vum Ministèren, déi jo dann och missten theoretesch ënnert de Benefiss vun deene Chèques-service falen. An et wär vläicht guer net esou falsch, wann ee géif do kucken an dat och vläicht mol ausbauen, dass et awer nach Leit ginn déi géifen zum Beispill hëllefe Kanner betreie wa se méi genau wéissten, dass se an de Genoss dovunner kommen, dass se hir Kanner och kënne bei sougenannten Dagesmamme ginn, wou d'Strukture jo schonn do sinn. Dat heescht d'Strukture si jo do schonn do. Do brauch ee keng Strukturen ze erfannen, déi sinn do. Se kommen an eng Famill, déi Leit gi jo och kontrolléiert, soss kréie se den Agreement net. Si gi sécher gutt betreit. Si sinn och méi an engem perséinleche Verhältnis, wat fir mech awer eppes wier, wat ee misst onbedéngt ausbauen a wat och fir d'Kanner an och fir d'Gesellschaft positiv wier. Dass et eben eng Rei Famillje gëtt deenen hir Kanner scho grouss sinn, déi awer nach gäre vläicht géinge mathëllefen, aner Leit hir Kanner ze betreien. Dat wär déi eng Saach wou een eventuell kënnt mat an dee ganze System awer méi intensiv mat erabréngen. Da bräicht d'Gemeng vläicht net esou vill Strukturen.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Et ass mat dran, an ech erklären herno wéi.

**Aly Jaerling (Indépendant):** Jo, jo. An da bräicht d'Gemeng vläicht net esou vill Strukturen, mä et ass awer net esou bekannt, och wann et mat dran ass.

Déi aner Saach, mir schwätze vu Chancëgläichheet an et gëtt awer nach Fraen déi hir Kanner doheem betreien. An ech fannen, dass een déi och net sollt vergiessen. Et ass jo an eiser Gesellschaft praktesch zum Usus ginn, dass ee seet, all Fra muss bal schaffe goe wat ech menger Usicht no falsch fannen. All Fra sollt d'Fräiwiel hu fir schaffen ze goen a kënnen hir Kanner doheem ze betreien oder net. Dat muss eng fräi Wiel sinn a wann déi Wahl getraff ass, ech mengen da mussen déiselwecht Rechter gëlle fir jiddwereen. Well de Stat iwwerhëlt jo och d'Käschte vu Kannerbetreiung wa se a staatlech Strukture ginn, oder anerwäerts ginn. Ech sinn einfach der Meenung, dass een dann och soll deene Fraen déi doheem sinn an hir Kanner betreien, dann och awer iergendwéi eng Ënnerstëtzung ginn, net fir dass se sollen doheem bleiwen, mä wa se de Choix getraff hunn, musse se déiselwecht Rechter kréie wéi déi aner och. Dat muss jo net eng direkt finanziell Ënnerstëtzung sinn, mä et muss iergendwéi awer trotzdem eng Chancëgläichheet sinn, och fir déi Fraen, déi de Choix treffe fir hir Kanner doheem ze betreien. Ech mengen, ech wollt dat nach hei an der Diskussioun mat bäibréngen.

Mä ech wëll awer wierklech d'Efforte begréissen, déi hei vun der Escher Gemeng gemaach gi fir wierklech déi Strukturen, a wierklech d'Kannerbetreiung awer op e Maximum erop ze schrauwen. Mer wësse jo ganz genau an dësen Zäiten, d'Madame Spautz huet et scho gesot, a mer hoffe jo och, dass mer iergendwann eng Kéier eng Diskussioun kréien iwwerhaapt déi sozial Situatioun déi hei an Esch ass. Et wär net schlecht, wa mer hei eng Kéier géifen en ausseruerdentleche Gemengerot maachen, wou mer nëmmen doriwwer schwätzen, wou mer einfach mol d'Problemer beliichten, déi mer um soziale Plang hei an Esch hunn. Elo mat de Kris, oder

déi mer scho virun der Kris haten. Ech géif mengen, dat wär schonn eng ausseruerdentlech Gemengerotssitzung wäert, wou mer dat wierklech géifen am Fong diskutéieren. Well d'Problemer ginn net méi kleng a mer lafe schonn elo hannert dem Won, dass mer awer wierklech géife kucken, wat fir Moyenen dass mer hei hunn an nach kënne kréie fir där Situatioun awer do Meeschter ze ginn. Well Esch wäert déi Stad sinn, huelen ech un, déi am déifste betraff gëtt vun deene Problemer, an dofir wär ech frou, Madame Buergermeeschter, wann Dir mer eng Sekonn géift nolauschteren, dass ech …

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Här Jaerling, mir lauschtere ganz gutt no!

**Aly Jaerling (Indépendant):** Ween hätt dat geduecht! Dass mer awer déi Diskussioun nach eng Kéier hei solle kréien. Ech soen lech Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Jaerling. Et ass dann un der Madame Hildgen an dono un der Madame Becker.

**Annette Hildgen (CSV):** Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Also fir d'alleréischt wëll ech op dëst opmierksam maachen, et ass eng Faute de frappe. Dat heescht, d'Leit déi dat hei ganz genee liesen, kënnten eventuell an eng Konfusioun erakommen. Dat ass op der zweeter Säit an der Mëtt. Do steet: la plage horaire vun 12 bis 14 Auer comprend un repas qui sera facturé séparément. Ok. An da kënnt: la plage horaire de 18.00 à 19.00 heures est obligatoirement combinée avec la plage horaire de 18.00 à 19.00 heures. Dat heescht dat misst .... faute de frappe, et ass keen Drama. Dir hutt dat an Uecht geholl, ok, kee Problem, et ass alles an de Rei.

Do hate mir just nach e puer Froen. Dir hat gesot, ongeféier 4.000 Kanner hei zu Esch, déi hunn e Recht op Chèques-service. Bis elo hu sech der eréischt 809 ageschriwwen. Elo hunn ech déi Fro, firwat, wou sinn déi aner? Ass déi Informatioun vläicht net esou gelaf, datt déi Leit dat och nach wëssen. Ech war zweemol hei am Biergeramt, do wollt ech eppes maache kommen. Do sinn ech guer net erakomm. Do stoungen d'Leit an enger Schlaang bis vir zur Dier eraus. Et ass dat wat d'Madame Spautz gesot huet, déi Leit si komplett iwwerrannt ginn dobannen, hunn awer mat enger absoluter Gentillesse, hu se déi Leit servéiert. Dat heescht, ech ka mer virstellen, datt do aus deem Grond och vläicht vill Leit duerfir sech nach net gemellt hunn.

Dir hutt och gesot vun där Zweetklassegesellschaft. Do si mir natierlech komplett dergéint, well mir wëllen net, datt d'Kanner op Späicheren an a Kellere musse versuergt ginn, vun Turnhalen och net ze schwätzen. D'Kanner, déi sollen adequat versuergt ginn, se solle qualifizéiert Personal hunn a si sollen déi beschte Betreiung kréien déi se eigentlech zegutt hunn. An do ass och schonn d'Fro vun der Plaz. Wouhinner schécke mer déi Kanner? Musse mer erëm eng Kéier drun denke fir erëm eng Kéier bäizebauen? Wéi ass et mam Personal? Dat musse mer jo och vun iergendwou hierkréien. Mir kënnen dat jo net vun haut op mar aus engem Stee schloen. Dat ass jo reng onméiglech. An do ware mer de Moien op de Broochen an do ass gesot ginn, datt do esou vill Leit dohinner kommen. Do si schonn iwwer 2.500 Leit déi circuléieren, an ass do och schonn dru geduecht gi fir do eng Maison Relais eventuell ze bauen? Well do kommen och jonk Stéit, déi kommen net alleguerten op Suessem wunnen. Do komme jo och Leit an Appartementer déi do gebaut ginn, dat heescht och do ass et wichteg a mengen Ae fir Kanner vu Studenten zum Beispill och opzefänken. Dat heescht, dass och well schonn Zäit wier, fir dat eventuell ze envisagéieren.

An dann ass an deem ganzen eng Dénominatioun déi ganz schlëmm ass, mä do kënnt Dir net derfir, dat kënnt vum Ministère. Dat sinn déi Enfants exposés au risque pauvreté. An et muss ee sech bewosst sinn, datt et méi där Kanner gi wéi mir denken a wéi mir wëssen. Et gi ganz vill Problemen déi gi vun den Eltere verstoppt. Ech géif souguer drop goe fir ze soen, d'Kanner gi scho bal verstoppt, well d'Leit net wësse wouhin an eleng duerfir ass et enorm wichteg, datt esou eppes wéi dat hei, déi Chèques-service, agefouert ginn ass. Well et si just déi Kanner, déi herno duerch de Sift fale vum sozialen Netz, an déi enorm Schwieregkeete kréien an hirem Liewen, wat berufflech ass an och um sozialen. Dat heescht, mir als CSV sti voll a ganz hannendrun.

Wat natierlech net einfach ass, ass d'Ëmsetzung fir eng Gemeng. Elu hu mir hei zu Esch déi Méiglechkeet, datt mer awer eng relativ grouss Gemeng sinn. Aner Gemengen hu vläicht méi Problemer, mä dat soll elo net hei de Problem vum Escher Gemengerot sinn, wéi déi aner Leit hir Problemer léisen. A mir stinn op jidde Fall voll a ganz hei derhannert. Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Madame Hildgen. D'Madame Becker.

**Jeanne Becker (LSAP):** Merci fir d'Wuert. Ech hätt nach just e puer Froe wat d'Crèchen ubetrëfft. Et ass hei gesot ginn, déi privat Crèche sinn och concernéiert, wann ech dat richteg verstanen hunn. Gëllt dat dann och déi dräi Stonne fir Kanner déi nëmmen deelweis mengetwegen zwee Mëtteger oder zwee Muerenter an eng Crèche ginn? A kritt een déi Chèquen hei bei eis um Biergeramt? A muss do och e Formular ausgefëllt gi mat allen Donnéeë vum Revenu vun den Elteren oder wéi geet dat vir sech? Dat ass just dat wat ech wollt wëssen, well ech elo geschwë concernéiert sinn. Also, nee, nee, ech gi mäi Kand net of, well et elo gratis ass, jo.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Madame Becker. Si soss nach Froen do? Da kann d'Madame Spautz äntwerten. O mam o mam, entschëllegt Här Baum. Ech hat lech awer gesinn, ëntschëllegt.

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** Ass kee Problem. Jo, ech wéilt am Fong vun der Geleeënheet profitéiere fir de Servicer Merci ze soen déi wierklech, mengen ech, an enger Rekordzäit an an ënner Ëmstänn déi net evident sinn, notamment déi Problemer mam SIGI, probéieren dat Bescht ze maachen a gläichzäiteg vun enger Gentillesse bleiwen déi wierklech bewonnerenswäert ass.

D'Chèques-servicer, d'Madame Spautz huet et virdru gesot, datt et a Richtung Gratuitéit geet, an dat d'Zil d'Egalité des chances ass. Jo, dat kann een esou gesinn. Et muss een awer soen, et ass nach ëmmer keng Gratuitéit. An déi Berechnungsmodien, déi Rechebeispiller, déi ee kann duerchféieren, wann een dat hei kuckt, da gesäit een, datt am Fong zwar an engem ganz groussen Deel vu Fäll Leit ganz vill dovunner profitéieren. Oder Leit iwwerproportional méi profitéieren, déi aus, soen ech mol, mi aiséierte soziale Situatioune kommen, an datt déi effektiv sozial schwaach proportional manner profitéiere vun deene Chèques-servicer wéi ëmgekéiert.

Trotzdem wäerte mer dat hei votéieren, mat natierlech och deene kritesche Remarquen. Ech mengen, d'Madame Spautz huet et selwer gesot wéi et virugaangen ass, och

d'Prozedur iwwert e Règlement grand-ducal, dat sinn alles Saachen déi een awer mengen ech, wierklech kritiséiere kann.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Baum. Elo dann d'Madame Spautz.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Jo. Zu deem Punkt wat d'Dagesmammen ugeet, Betreiung doheem, déi si mat an de Chèque-servicer dran. Awer op eng Aart a Weis, wéi soll ech soen, wou mer als Gemengen an och beim Syvicol geltend gemaach hunn, datt se eigentlech jo net déi Qualifikatioun hu wéi zum Beispill Educateurs gradués oder Leit an de Maisons Relais, an de Crèchen. An déi sinn elo mat dobäi iwwert dee Service Dageselteren a sinn dofir zoustänneg. Also d'Chèques-service kann ee bei hinnen aléise vu Méindes bis Freides, vun nuets 12 bis owes 8, well och gesot ginn ass, datt Crèchen a Maisons Relais am Prinzip jo vu moies 7 bis owes 7 fonctionnéieren an dono dann déi Dagesmammen, Dagespappen, Dageseltere kommen, fir d'Kanner ze betreien, esou gutt och fir d'Weekender oder a Fäll wou d'Kanner krank sinn.

Do wier et flott, Kollegen, wann Dir géift e bësse méi lues maachen -

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Also et ass e wichtege Sujet. Kommt mir lauschteren der Madame Spautz no, well dat huet vill Repercussioune fir Esch.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Also, wéi gesot, d'Dagesmamme si mat dobäi.

Wat déi privat Crèchen ugeet, ass hei zu Esch, wéi soll ech dat nennen, de Chaos ausgebrach. Ech hu mat e puer geschwat, déi sinn total ënner Drock, bei deene schellt et permanent wou och Leit hir Kanner aschreiwe kommen, well do jo och déi dräi Stonnen zielen. Also, et sinn e puer Crèchen, déi mer matgedeelt hunn, datt déi onwahrscheinlech ënner Drock si fir Kanner opzehuelen an eben och net d'Méiglechkeet hunn, an d'Plaz net hunn, fir dat ze maachen. Well mir geheie jo net d'Kanner eraus déi elo do si fir dann anerer eran ze huelen. Do sinn zum Beispill esou Iwwerleeunge gefouert ginn, wat e bëssen absurd ass, datt een déi Kanner elo soll ophuelen an Zukunft ,wou mer sécher sinn, datt de Stat jo eppes bäileet. Well da kritt ee jo all Mount Revenu. De Stat bezilt jo. An da vläicht aner Elteren, déi hir Rechnungen net regelméisseg bezuelen, datt een deenen hir Kanner net géif huelen. Also och esou Saache fänken op eemol u matzespillen, well mer eben enk sinn an de Plazen, an do ass dat einfach e waarmen Appel u sämtlech Gemengen, hei wierklech en Effort ze maache fir a Maisons Relais ze investéieren. Well et sinn och vill Nopeschgemengen, och vill anerer, déi bretze sech zwar, datt se der hunn awer ni en Ausbau dovunner geplangt hunn. Dat heescht, déi sinn um Stand bliwwe wéi se sinn.

Also, wéi gesot, och bei de privat Crèchen ass de liichte Wahnsinn ausgebrach. Ab September wäert e vläicht nach eng Kéier ausbriechen, well jo drasteet, datt ab September dëst Joer, d'Chèquen och anzeléise sinn an de Musekschoulen, an de Sportsveräiner, an op anere Plazen. An déi Diskussioune mat deenen, déi si mol nach net richteg ugefaangen. An ech wëll just soen, datt dat mar ass. An ech weess, wéi dat heiten ausgaangen ass, dann ass och do d'Aféierung vun deene Chèques-servicer mar an da fänkt dat och u ganz enk ze gi mat deenen Diskussiounen do.

En plus gi permanent Ouverturë gemaach – villäicht huet dat eppes mat de Wahlen ze dinn ... et huet ganz sëcher eppes mat de Wahlen ze dinn – ween nach alles kéint profitéieren dovunner. Dat sinn Diskussiounen déi mir ni gefouert hunn. An do musse mer einfach kucken, déi nach ze féieren, fir datt mer awer e bësse geuerdnet duerch déi ganz Chèques-service kommen an awer och d'Qualitéit behalen.

Déi Fro vun der Madame Hildgen, déi 4.000 Kanner hei zu Esch. Also déi 4.000 Kanner sinn déi, déi jo kënne profitéieren. Déi am Alter vun 0 bis 12 Joer sinn. An 809 sinn der bis elo ageschriwwen oder eppes méi. Do gehéiere jo alleguerten déi Kanner mat dobäi, ech soe mol d'Puppelcher, wou Elteren och nach doheem bleiwen an hire Puppelchen nach versuergen, déi dee jo nach guer net an e Service ënner ginn. Oder eben déi Elteren, déi Mammen déi doheem bleiwe fir hir Kanner ze versuergen. Mir wäerten net 4.000 Chèquë kréien. Dat sinn déi déi berechtegt si se ze kréien. Dofir sinn dat der elo net esou vill. Ech fannen awer scho bis elo 809 ass schonn net schlecht. Also dat heescht schonn, datt awer e grousse Besoin hei ass. Ech kann och nach eng Kéier mat méi aktuelle Chiffere komme wann den Délai ofgeschloss ass, wou d'Eltere sech eben elo kënnen aschreiwe fir dëst Joer.

An dann déi aner Fro mat deenen dräi Stonne gratis. A jo, vun der Madame Becker. Jo, egal wéi laang ee vun esou enger Infrastruktur profitéiert, huet een déi dräi Stonnen zegutt. Also et kann een och einfach soen, ech gi mäi Kand just dräi Stonnen an der Woch iergendwou hin a gratis. An dat war jo dat wourop mir ëmmer opmierksam gemaach hunn. Also, ech wëll beileiwe kengem ënnerstellen, datt hien dat wéilt maache fir säi Kand iergendwouhin ze ginn, nëmmen dräi Stonnen d'Woch well et gratis wier. Déi Diskussiounen hate mer nämlech wéi et drëms gaangen ass: Ass an der Mëttesstonn d'lesse gratis oder net? Well do wiere mer eventuell an de Fall komm, datt der gesot hätten: Da gi mer d'Kanner dohinner well d'lesse gratis ass. Op der anerer Säit gëtt et och e Besoin do derfir. Also ech hu virdru vun der Wirtschaftssituatioun geschwat. Gidd Iech ukucke wat bei der Stëmm vun der Strooss lass ass. Déi sti mëttlerweil och op der Strooss, oder beim Office social, do ass moies den Trottoire voll vu Leit déi dohinner ginn. Also mir wäerten nach ganz aneschters konfrontéiert ginn. Do sinn och, wéi gesot, déi dräi Stonne gratis fir een deen nëmmen dräi Stonnen d'Woch geet. Mä dofir hu mer jo déi Plagen agefouert, fir datt een trotzdem ka mat de Kanner schaffen. Fir zwee, dräimol d'Woch hu mer bewosst eben déi Plagen agefouert, wann et geet. Mä eis Servicer sinn esou voll, einfach scho besat, datt et schwéier gëtt fir do eng oder zwou Stonnen derzwëschent Kanner eraus ze huelen.

An da wat d'Donnéeën ugeet, jo, et war dat wat ech virdru gesot hunn. En Dossier dauert ongeféier 20 Minutte fir en auszefëllen. Mat de Revenuen an esou weider, dat geet an de SIGI. Mir gesinn awer herno net wat d'Eltere wierklech verdéngen. Wann dat falsch ass wat se als Rechnung kréien, komme se natierlech bei eis op d'Gemeng a mir hunn d'Ënnerlagen net wat se verdéngen. Si mussen et ugi fir de SIGI. Dat heescht si ginn dat eemol un an dann ass dat geschwäerzt an da geet dat an d'Stad a mir hunn déi Ënnerlagen net. Dat ass och, bon, ok, confidentiel, mä mir missten awer op d'mannst als Gemeng och d'Informatiounen hunn. Wa Saache sinn déi falsch gerechent gi sinn, wat ëmmer ka virkommen. Bis elo ass dat net, mä da léist sech vläicht och dee Knuet an den nächste Méint.

Et sinn nach méi Kniet do. Ech géif elo mol einfach fir haut froen, deem zouzestëmmen, datt mir kënnen drop schaffen, op deem System do a wann dann Neierunge kommen ...

Ech hunn et elo net verstanen, d'Fro vum ...?

**Annette Hildgen (CSV):** Broochen.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Vun de Broochen. Frichen. Also niewent deenen dräi, déi mer elo ageweit hunn, komme jo eigentlech nach sechs Maisons Relais dobäi. Op de Broochen, also do weess ech och vu Geschäfter déi do sinn, wou Leit jo och an déi Richtung kucken, och privater, fir do Crèchen zum Beispill ze maachen. Mir kënne jo nëmmen esou wäit Maisons Relais erweidere wéi et och zu der Escher Gemeng gehéiert. Mir baue keng fir déi Bieleser Gemeng. An den Nonnewisen zum Beispill maache mer jo och eng gréisser Maison Relais déi dann deen Deel och soll mat ofdecken. An ech si sécher, datt wann do e Besoin ass fir dat weider ze erweideren, niewent deem Programm dee mer elo souwisou schonn hunn, wäert de Schäfferot dat och weider mat lech décidéieren.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Au vote.

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le règlement-taxe de chèques-service accueil.*

## 7. Conseil communal transfrontalier du 27 mars 2009: discussions préparatoires

Mir kéimen dann zu Punkt 7. Do brauch Dir net ze fäerten, mir féieren nämlech net haut déi Diskussioun déi virgesinn ass fir déi nächst Woch. Mir wollte just vun der Geleeënheet profitéieren, fir lech nach eng Kéier ze rappeléieren, dass déi nächst Woch de 27. Mäerz den zweete Conseil communal transfrontalier ass. Dat ass bei eis aberuff mat allem wat dozou gehéiert, wéi e reguläre Gemengerot. An ech wéilt lech och wierklech bieden et als solch unzegesinn, well et ass ganz wichteg. Firwat ass et ganz wichteg? Majo éischtens, well mir net nëmme mat de franséischen Nopere ganz vill Kontakter an der Vergaangenheet haten, déi mer weider gefouert hunn. Mä virun allem, well en Deel vun eisem Entwécklungspotential a vun eisen Entwécklungsméiglechkeeten net anescht kënne wéi mat de franséischen Noperen ofgestëmmt ginn. Ech nennen als Beispill hei nëmme Belval oder och Terres Rouges. Villes vun deem, wat mir maachen, stéisst direkt un den Zouständegkeetsberäich an un d'Grenz vun eise franséischen Noperen. Onofhängeg dovunner ware mir all déi Joren déi, déi eis franséisch Noperen iwwer Belval kontinuéierlech informéiert gehalen hunn. Et ass relativ rezent, dass sech d'franséisch Regierung mat deenen eenzelne Préfaiten fir Belval an där Form interesséiert, wéi dat elo de Fall ass. Wat eis an déi gutt Situatioun setzt, fir déi Kontakter opgebaut ze hu vun deene mer haut kënne profitéieren et vice versa.

Mir haten en éischte Conseil communal transfrontalier, dee war ganz interessant, a mir hunn elo en zweete Conseil communal transfrontalier wou mer déi Schwéierpunktthemen drop gesat hunn, déi sech erausgeschielt haten déi leschte Kéier, wou mer net dozou komm sinn. An dat ass natierlech – bon, no dësem flotte Moien dee mer haten, ass dat och e bëssen normal – d'Universitéit. Awer net d'Universitéit als allgemenge Sujet, mä virun allem an Zesummenhang mam Logement. An do wëlle mer och dovu profitéieren, éischtens der Tatsaach Rechnung ze droen, dass mir als Stad Esch e Plan d'action logement hunn an och eng ganz Rei vu Logementer schonn ausgewisen hunn, dass mer eng gutt Zesummenaarbecht mat der Universitéit hunn an d'Fransouse wëllen och dovu profitéiere fir hire Programme local de l'habitat virzestellen.

Mir hunn dann als zweete Schwéierpunktthema d'Mobilitéit, wou mer net nëmme vun der Liaison Micheville an dem leschte Stand vun den Aarbechte wëlle schwätzen, mä virun allem och de Projet Tram Süden, deen eis, an net eis alleng, ganz staark um Häerz läit.

Mir hunn dann de Punkt 5 Aménagement. Dat ass en Informatiounsprojet vun de Fransouse fir eis ze informéiere wéi si mam Projet Alzette/Belval 2015 dru sinn. Dat ass hire Pendant zu eisem Développement Belval op lëtzebuerger Säit. Dat ass fir eis ganz interessant.

Dann de Punkt 6. Dat ass de GECT, de Groupement européen de coopération territoriale. Mir wëlle jo als véier lëtzebuerger Gemengen, Suessem, Monnerech, Schëffleng an Esch, e Groupement maache mat den aacht Gemenge vun dem Departement deen direkt un eis Grenz stéisst. An dat ass dofir wichteg, well mer da fir eng ganz Rei vun deenen Aktivitéiten europäesch Strukturfonge kënne kréien an eis Aktivitéiten openeen ofstëmmen. Dowéinst ass dat och ee vun de Schwéierpunktthemen a vu dass de Préfait jo eng Lettre de mission vum Här Fillon kritt huet fir alles drun ze setzen, dass esou e GECT kann zustane kommen an d'Fransouse ganz Demandeur sinn, arrangéiert dat eis gutt, well mir hunn och mat enger Déclaration d'intention déi elo schonn zwee Joer al ass, d'Jalone gesat fir esou eng Zesummenaarbecht, déi eigentlech nëmmen nach eng Fro vun der Zäit ass.

Ech wollt dem Sekretariat Merci soen dee wierklech hei, fir dass Dir lech kënnt virbereeden, e ganz flotte Preparatiounsdossier zesummegestallt huet. Wahrscheinlech kënne mer net all dat Wëssen oder déi Froen déi mer hunn do verschaffen an deem Gemengerot, well en dauert keng dräi Deeg, mä en dauert dräi Stonnen. Mä fir déi, déi sech interesséieren, ass et awer eng immens flott Dokumentatioun an do sinn och eng Rei vu Saachen dran, déi engem et nach erlaben e puer Froen ze verdéiwen, zum Beispill ronderëm den Entwécklungsstand Uni, wéi eng Gebaier wéini wouhinner kommen. Wéi eng Synergie méiglech sinn.

Ech wollt eigentlech elo haut wa Froen do sinn, op déi Froen äntwerten, awer haut dovunner profitéiere fir lech dat Dokument mat op de Wee ze ginn an en Appel un lech maachen, an och un d'Kolleginnen an d'Kollege Journaliste fir eis och ze begleeden, obwuel et dës Kéier a Frankräich stattfënnt, zu Réiseng, wat net wäit ass. Well mir maachen dat à tour de rôle. Fir eis mat enger maximaler Zuel do ze begleeden. Dat wier, mengen ech, net héiflech, wann eis d'Fransousen invitéieren, dass mer dann net géinge komplett dohinner goen.

Den Här Codello hat sech gemellt.

**Daniel Codello (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Dir hutt et scho gesot, et ass och net déi éischte Kéier, datt mer dozou schwätzen a mir wëssen och d'Bedeitung an d'Wichtegkeet vun eiser Relation transfrontalière. Ech mengen, ech hunn et schonn eng Kéier hei gesot, do ginn et Leit wéi de Willy Dondelinger, dee sech scho senger Zäit wéi e Pionéier als Beamten dorëm bekëmmert huet, eis d'Relatiounen zu eise franséischen Nopeschgemengen. Déi hu mer nach ëmmer als wichteg fonnt an d'Kooperatioun ass och ëmmer méi wichteg ginn a sämtlechen Domainer. Wat den Ordre du jour vun esou engem Conseil communal transfrontalier och erëmspigelt. Mä et muss een awer och soen, dass duerch verschidden Instrumenter wéi de GECT déi Relatiounen och um institutionelle Wee vereinfacht solle ginn. Mir hu genuch Sujeten, déi mer mat de Fransouse gemeinsam hunn, wéi d'Mobilitéit mat hire ganze Problemer. D'Frontalieren, déi all Dag duerch Esch passéiere fir heihinner schaffen ze kommen, oder weider an d'Stad fueren. D'Industriebrooch Belval mat hire ganze Repercussiounen och fir d'Fransousen, d'Gemengen op franséischer Säit. Dat ass alles genuch Diskussiounsstoff, esou dass et bal mat zwee Conseils communaux transfrontalier am Joer, wa mer do wëlle seriös driwwer diskutéieren, dass et domatter bal net duer geet.

Ech wéilt dofir ganz kuerz nach e puer Iwwerleeungen dozou soen. Dir hutt et selwer gesot, de Conseil soll dräi Stonnen daueren an et ass awer en Ordre du jour festgesat ginn deen zimlech étofféiert ass, wou mer alles musse behandele wat usteet, esou dass dat awer net kann op eng extensiv Aart a Weis diskutéiert ginn. Dofir proposéiere mer, an dat hu mer och schonn eng Kéier schrëftlech un de Schäfferot gemaach, dass e Groupe de suivi soll an d'Liewe geruff ginn, wou all déi Gemengen, déi 8 Fransousen an déi 4 Lëtzebuerger, sollen ee bis zwee Memberen nennen, mat engem stännege Sekretariat, deen e Suivi mécht, och vun deene Motiounen an deene Punkte wou an engem Conseil communal transfrontalier behandelt ginn. Dass mer do awer wéinstens dann e weidert Dokument hu fir deen nächste Conseil wou gewise gëtt wat entretemps geschafft ginn ass. Et war och eng Kéier ee Moment d'Idee opkomm fir déi eng oder aner Kommissiounen dertëschent ze nennen, déi sech mat Sujete befaassen, fir dann och villäicht an deene Kommissioune wou dann déi sämtlech Gemengen dra vertruede sinn, en Dokument ze erstelle wat dann dem Conseil communal transfrontalier ka virgestallt an zur Diskussioun bruecht ginn. Duerfir fanne mer, dass mer vläicht missten op e Wee komme wa mer dee Conseil communal transfrontalier, deen ech als fest Institutioun nieft dem GECT weider nach ëmmer gesinn, well déi Conseils communaux solle weiderhin awer nach bestoen, dass déi ganz Gemengeréit sollten informéiert ginn, dass deen awer da manner Sujeten op den Ordre du jour kritt an dann de Groupe de suivi dat op eng seriös Aart a Weis ëmmer soll preparéieren.

Dat zweet wat mer och schonn undiskutéiert hunn a wou de Schäfferot och gesot huet, dass en do mat op dee Wee géing goen, mir hu jo net nëmmen d'Association transfrontalière hei am Haus. Mir hunn e Projet Interreg-Trilux, dee mer mat der Gemeng Tréier zesummen hunn. Et gëtt elo geschwat, dass mer am Kader vun deem neie Projet Metroborder solle mat maachen. Mir hunn de LELA+, wat och ëmmer méi grouss Envergure kritt. Dofir hu mer et schonn eng Kéier hei am Conseil gesot, an et ass mat op de Wee geholl ginn, an de Schäfferot, fir hei um administrative Plang eng Koordinatiounsstell ze schafen déi sech mat de ganze Froen iwwert den Transfrontalier a mat eise Relatioune mat den anere Gemenge befaasst. Elo gi mer nach méi wäit, dat ass eppes wat mer awer och scho laang am Aen hunn, dass dee Beamte sech och soll an Zukunft ëm d'Fonds structurels européen bekëmmeren. Mir sinn eng vun deene Gemengen, déi hei am Land am mannste vun den europäesche Fonge profitéiert. Mir brauchen net wäit ze fueren. Eng ganz Partie éisleker Gemengen, wann Dir dohinner gidd, do hutt Dir op d'mannst ee Projet an der Gemeng dee cofinanzéiert ginn ass entweder iwwert de FEDER oder iwwert den Interreg. Ech huelen d'Beispill vum Centre culturel vu Maarnech, de Cube 521 dee Centre culturel ass zur halschent iwwert e FEDER-projet finanzéiert ginn. Dat muss och hei méiglech sinn. Mir mussen eis hei am Haus déi administrativ Kraaft bündelen, esou e Service crééieren. Dat muss kee Service mat fënnef Leit sinn. Zwee Leit missten do duergoen, dass déi Kräften do gebündelt ginn an dass mir fristgerecht déi Kandidature kënnen akloen an dass mir och esou Projete kënne mat europäesche Gelder finanzéiert a realiséiert kréien.

Dann nach en ...

(Interruption par M. Jaerling)

Ma dat ass e Beispill, Här Jaerling, mä do musse mer fir d'éischt mol déi Stellung hei crééieren an da kënne mer iwwert d'Terres Rouges schwätzen. Well wa keng Suen do sinn, kann och op Terres Rouges näischt geschéien.

D'Madame Buergermeeschter huet gesot, dass e Conseil communal transfrontalier do ass, dass op lëtzebuerger Säit Projete virgestallt ginn an op franséischer Säit. Dat Ganzt soll awer an enger gemeinsamer Struktur anenee verlafen. Eben an deem GECT. Dat ass eist Zil wou zesumme ka geschafft ginn. D'Statuten an d'Konventioun sinn och um Ordre du jour, mä do fannen ech, dass mer awer do och nach mussen an den nächste Stonnen an Deeg Ofstëmmungen op lëtzebuerger Säit fannen. Dat ass net ëmmer esou evident. Ech mengen et ass schonn eng Kéier hei ugeklongen, Esch a Suessem hunn déi gréisste Plusvalue vun engem GECT, à première vue, duerch de Site Belval. Mä mir mussen awer eisen Nopeschgemengen, Schëffleng a Monnerech, och soe wat d'Plusvalue an esou engem Gremium ass fir si. Zum Beispill am Kader vun der Mobilitéit. Dass mer deenen zwou Gemengen, déi vun Ufank un awer hir Volontéit ausgesprach hu fir mat ze maachen, dass mer deenen awer och eng Plusvalue kënne weisen an den Intérêt héich hale wat dat Ganzt ugeet.

D'Statuten an d'Konventioun dat ass eppes Techneschës, do soll jo an den nächsten Deeg nach eng Sitzung stattfanne fir do e Konsens ze fannen. Dofir wëlle mer haut och doropper net agoen, ech mengen dat ass och éischter nächste Freideg wou dat soll diskutéiert an ofgestëmmt ginn. Ech fannen, dass mer um gudde Wee si fir dëse GECT ze grënnen. D'Volontéit vu sämtleche Parteien ... an déi ass vu franséischer Säit do. Well, gleeft mer, dass d'franséisch Gemenge wierklech eng Zukunft och fir sech gesi fir do mat eis kënne mat ze schaffen. Also déi Volontéit muss nächste Freideg an deem Conseil communal transfrontalier ganz kloer erausgoen, dass mer do kënnen endlech déi juristesch Struktur schafe fir op enger vereinfachter Form ze schaffen.

Ech wëll awer eppes kloer soen: Mir däerfen eis och net ëmmer där falscher Illusioun do hierginn ... d'Chamber brauch dat Gesetz net ze stëmmen. Mir kënne mat deem GECT och elo schonn ufänken. Mir kënnen d'Reglement vum Parlement européen kënne mer direkt

applizéieren. Et ass do keen Hindernis wann dat soll vun iergendenger Säit ëmmer virbruecht ginn. Dat Reglement vum Parlement européen ass a Kraaft. Also mir brauchen net op en zweeten Avis vum Conseil d'Etat ze waarden, an op de Vote vun der Chamber. D'Aarbechte vum GECT kënnen ufänken, also d'Kreatioun dovunner, d'Volontéit ass do an dofir wënschen ech mer, dass déi Diskussiounen nächste Freideg grad esou fruchtbar sinn an och d'Aarbechten herno. Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Codello. Den Här Wohlfarth an den Här Zwally.

**Everard Wohlfarth (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Et sinn elo schonn eng ganz Rei Saache wou ech mer och hei notéiert hat vum Kolleg Codello, gesot ginn, trotzdem, ech mengen awer och, datt ech genau esou wéi hien dee Conseil communal transfrontalier nëmme ka begréissen. A wat och erfreelech ass, dat ass de Fait, datt eng logesch Suite am Ordre du jour ass par rapport zu eisem éischte Conseil communal transfrontalier, deen de 5. Juni 2008 war, wou eng ganz Partie vun Denkustéiss an Ideeën ervirbruecht gi sinn, déi quasi all Beräich touchéiert hunn. Et hunn dach awer dunn eng Rei Leit, notamment d'Hären Casoni, Aliventi a Braz dofir gewarnt, zevill Projete mateneen ze entaméieren oder unzegoen. An dat ass och richteg esou. Aus deene villen Ideeën hu sech awer da kloer Prioritéiten erausgeschielt wéi d'Mobilitéit, de Logement an d'Activité économique, wat besonnesch vun eiser Buergermeeschtesch ervirgestrach ginn ass. A mat Recht. Déi Sujeten déi gi jo och e Freideg zu Réiseng nach eng Kéier abordéiert, in extenso géif ech mengen. Dat wëllt awer net heeschen, datt aner Beräicher onwichteg sinn. Mä ech denke mol, datt een um Gebitt vu Sport a Kultur, Loisirs an ënner anerem, do kéinten éischt Approchen op associativem Plang gemaach ginn an duerno eventuell an héijere Gremien thematiséiert ginn.

Verwonnert sinn ech eigentlech, datt net iwwert de Volet Santé geschwat ginn ass, mä dat ka jo nach alles kommen. Vläicht schonn e Freideg.

Ech bedaueren och, datt et erëm eng helle Wull vun Orateure gëtt, mat beschränkter Riedezäit, esou dass et am Endeffekt sécherlech erëm eng Kéier eng Informatiounssëtzung gëtt a keng Diskussiounsronn. Do géing ech, an dat huet mäi Virriedner och scho gesot, eisem Schäfferot suggéréieren, datt mir menget wegen heibanne semestriellement e Conseil géifen aberuffen, dee sech nëmme mat all deenen nationalen an internationale Strukture géif beschäftege wou mir participéieren oder souguer federführend sinn. Lela+, Trilux, ProSud, City Management, Metroborder ass am Gespréich, fir d'Fachleit, RMTP Région métropolitaine transfrontalière polycentrique, all Mënsch kennt jo deen Terme. D'Communautés urbaines sinn an der Diskussioun an elo finalement eise proposéierte GECT. Ech mengen ech brauch mech net ze schumme fir hei anzegestoen, datt ech heiansdo den Iwwerbléck driwwer verléieren an ech froe mech muenchmol ob déi verschidde Strukture sech net iwwerschneiden oder souguer als double emploi kënnen zielen. Och do kéint de Schäfferot sech Gedanke maachen, dat och am Sënn vum Här Codello, e Service ze crééieren dee sech exklusiv mat deene virgenannte Strukture géif beschäftegen. D'Aarbecht géif deem Service mat Sécherheet net feelen.

Erlaabt mer dann nach e Wuert zur Mobilitéit ze soen. Ech sinn do net ganz d'accord mam Här Braz fir d'Mobilité douce esou absolut an de Virdergrond ze stellen. Ech denken och net, datt et de responsabele Leit u Kreativitéit feelt. Ech denken éischter, datt de bon sens dat diktéiert. D'Mobilité douce, dat heescht d'Mobilitéit déi duerch den Effort humain produzéiert gëtt, kann nëmmen als Complémentaire zur allgemenger Mobilitéit an notamment engem gutt organiséiertem ëffentlechen Transport betruecht ginn. Ech ka mer nämlech keen Transfrontalier virstellen, deen dorunner interesséiert wär, mat der Trottinette, mam Vëlo oder zu Fouss schaffen oder akafen ze kommen. An deem Domaine si jo och scho konkret Pläng mam SMOT tëschent dem Minister Lux an dem President vum CR Lorraine Masseret virgestallt ginn.

Déi ganz gesamt Entwécklung vu Belval huet jo ouni Zweifel eng enorm Dynamik an Intensifikatioun vun der nationaler, regionaler, grenziwwerschreidender Kooperatioun generéiert. Loosse mer esou weider fueren. Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Wohlfarth. Den Här Zwally.

**André Zwally (CSV):** Merci, Madame Buergermeeschter. Ech géif mech uschléissen un déi Wierder déi déi zwee Kollege virdrun hei vun der sozialistescher Fraktioun gesot hunn. Ech hu mer hei och e puer Remarquë gemaach. Et ass jo éischtensmol och de Wonsch vun der Regierung gewiescht fir iwwergräifend um Niveau vun dem europäeschem Gedanken, do wou et noutwenneg ass, fir déi Diskussioun respektiv och dat dote Liewen ze féiere fir iwwergräifend Diskussiounen ze maache mat gemeinsam Problemer déi aus deenen Développementer entstinn déi mir hei zu Esch kennen. Ech hu mer hei eng Remarque gemaach wat den Här Wohlfarth hei gesot huet, respektiv och den Här Codello, dat ass wa mir wëllen an Zukunft wierklech professionnel un esou eng Situatioun erugoen, mat alleguerten deene Leit déi schaffen, manner déi an der Pensioun sinn, ass et einfach wichteg, dass mir eng professionell Struktur hei an d'Gemeng kréie fir alles ze verfolgen. Fir dat um Niveau vun deem interregionale kënne richteg ze begleeden a mir géifen och dat matbegleede wann eng Kéier hei d'Diskussioune komme fir esou eng Struktur an deem ganzen hei ze maachen.

Mir ware schonn Demandeur als CSV, dass mer gesot hunn, et soll een et strikt trennen, dat wat Esch betrëfft als Ganzes, mat all deene Problemer déi mir souwisou all Dag hei zu Esch hunn, a mat deenen, déi dann iwwert den interregionale Plang mussen diskutéiert ginn. Dofir ass och vun eis aus de Wonsch do, fir esou wéi dat hei gesot ginn ass, semestriel hei eng Kéier zesummen ze kommen an dann ausserhalb vun deenen normale Séancen déi mer hunn, och eng Séance ze maachen, déi sech mat deem dote befaasst.

Ee Punkt schéngt mir nach ganz wichteg ze sinn. Dat hu mer och déi leschte Kéier festgestallt, dat ass, mir bréngen et fäerdeg gemeinsam Positiounen ze huelen, och wann et ëm den Développement vum Belval geet. Mir mussen och an dësem Fall gemeinsam Positiounen huelen. An et ass wichteg, dass et herno net zu engem Braddelveräi gëtt, wou jiddweree mengt, e misst opgrond vun enger neier Informatioun versichen dann och iergendeng Fro ze stellen. Mä mir als Escher sollen op de Wee goen, dass iergendeen, an dat ass schonn déi Demande déi ech gemaach hunn, de Spriecher duerstellt vun eisen Diskussiounen déi mer am Virfeld gefouert hunn. Dat solle mer och gemeinsam hei festleeën, an dass dat dann och deen ass, deen eigentlech eis Positioun vertrëtt fir do einfach keng onnëtz Riedezäiten an de Raum ze stellen an ze mengen et misst ee sech do duerch iergendeppes profiléiere wat net zum Thema passt. Also eise Wonsch ass fir hei mat

ze schaffen a mir wäerten och an Zukunft alles dat wat do ka fir eis sënnvoll sinn, mat ënnerstëtzen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Zwally an och de Virriedner. Also de Schäfferot kann all déi Iwwerleeunge bezüglech dem Conseil communal transfrontalier vun der nächster Woch mat droen a mat op de Wee huelen. Wann Dir Iech vläicht kënnt erënneren, mir hate fir de leschte grenziwwerschreidende Gemengerot véier oder fënnef verschidden Intervenants techniques fir se mol esou ze nennen, net politiques. Ënner anerem vum Landesplanungsministère an och vun enger Mobilitéitszentral, déi dann Exposéë gehalen hu vun 20 Minutten. Dat hu mer ganz ofgeschaaft. Well mir wollten eigentlech just kuerz Infoe vu 5 Minutten. Dir hutt dat och gesinn un der Zäit déi mer veranschlagt hunn, vu Leit déi entweder zu ganz punktuelle Saachen eng Ausféierung maachen an net grouss national Strategien a Saache Mobilitéit virstellen, oder politesch Intervenante, wéi zum Beispill de Buergermeeschter vu Suessem, deen d'Presentatioun mécht vun dem Tram Sud-Dossier. Dat ass eng komplett aner Organisatioun vum Ordre du jour. An och wann hei net steet Discussion bei all Punkt, a dach et steet zwar dobäi, dann ass dat de Schwéierpunkt an eisen Ae vun der Gemengerotssëtzung a wann ee vun eis méi wéi déi Zäit schwätzt déi mir ënner eis veranschlagt hunn, da musst Dir op eis schéissen. Well mir hu wierklech net wëlles ze monologéieren, mä mir hu wierklech wëlles zu enger Entente ze komme wat jo och dann herno an enger Motioun soll hiren Ausdrock fannen. Also déi Remarque wier wann et net komplett anescht geduecht wier, absolut begrënnt. Well mir haten d'leschte Kéier bal e rengen Informatiounsconseil communal.

Dann all déi Ideeën, déi hei si fir kontinuéierlech deen Thema hei ze beschwätzen. Deen ass a mengen Aen och bal genee esou wichteg wéi bal all Gemengerotssitzung iwwert d'Universitéit ze schwätzen. Dat ass einfach e Kader vu ganz ville Saachen déi mer maachen an eis komplett vernetzt mat verschiddene Ressorten an Departementer déi mer hei an der Gemeng hunn. An dofir si mer schonn amgaang, verstäerkt eis Servicer anzebannen an déi vill Strukturen. An, Här Wohlfarth, Dir braucht Iech guer net ze genéiere wann Dir sot, heiansdo mengt een et hätt een den Iwwerbléck net méi. Also eis geet et heiansdo d'selwecht. Et sinn esou vill onheemlech wichteg Engagementer vun der Stad Esch an deene leschte Jore geholl ginn, fir eis ze positionéieren am Land. Fir eis ze positionéieren an Dossieren. Fir eis virun ze brénge wat d'Kreatioun vun engem Pilier économique fir eis Regioun ubelaangt a regionale Strukturen, a grenziwwerschreidende Strukturen, an zum Deel internationale Strukture wou mer automatesch mat erakommen duerch Synergien déi mer als Universitéitsstad wäerte musse maachen. Dass et souguer fir eis heiansdo schwiereg ass fir ze soen, wee këmmert sech elo ëm wéi en Aspekt vu wat a ween huele mer mat aus de Servicer. Well mir hunn och keng 15 déi dat kënne maachen. Mir hunn och keng dosen Ekonomisten. Mir hunn déi Struktur déi mir eigentlech scho bal bräichten ... ech wëll net soe wéi d'Stad Lëtzebuerg, mir sinn net d'Haaptstad vum Land, mä d'Stad Lëtzebuerg ass awer fir eng Rei vu Strukturen déi se hunn, Gestiounsstrukturen an och Strukturen déi hinnen erlaben an deene ville Gremie Präsenz ze markéieren, méi wäit wéi mir. Dat muss ee ganz einfach unerkennen a si sinn och zum Deel fir déi Saache vill méi laang wéi mir amgaang. A si sinn och zum Deel bei enger Rei vu Saache méi wäit wéi mir a mir gesinn dat well mer mat hinnen zesumme schaffen a si sinn einfach bei engem Deel vu Saache wéi se et maachen, mat weem se et maachen, a mat wéi engem But se et maachen, e Virbild fir eis. Ech genéiere mech net dat ze soen. Eng ganz Rei vun deene Saachen déi d'Stad Lëtzebuerg entaméiert huet, wat d'Kontakter um regionalen, nationalen an internationale Plang ubelaangt, kënne mir bei hinne léieren. Si kënnen awer och bei eis bei enger Rei vu Saache léieren, mä dat ass jo haut net d'Thema.

Och déi Idee fir a Richtung vun enger spezialiséierter Struktur an der Gemeng ze goen. Ob dat elo e Service ass ... et huet och kee Sënn, dass mer fir alles e Service grënnen. Et ass awer eng Idee wäert fir sech ze froen, ob et net grad do interessant wier. Komme mer erëm op eng Idee zréck déi mir am Schäfferot schonn e puermol beschwat hunn, dass mer eigentlech eng Cellule bräichten – an eisen Ae kéint se zum Beispill am Beräich vun der Stadentwécklung existéieren - eng Cellule, wou mer déi Präsenz kënnen assuréiere bei LELA, Metroborder oder GECT, ProSud a Compagnie, an esou weider, an esou weider, dass mer dat do kënnen usiddelen an a Form vun engem Ekonomist oder weem och ëmmer mat enger Cellule déi ëm zouspillt, fir déi do anzesetzen an eis zur Säit ze stoen. Dat däerft Dir och net vergiessen: Mir sinn eng Geschäftsstad. Eng gewuesse Geschäftsstad, déi och méi grouss gëtt als Geschäftsstad. Mir hunn um Belval zousätzlech zum gewuessene Commerce nach zousätzlech Commerce dee sech entwéckelt deen erëm eng nei Ära vu Geschäfter fir eis op mécht. Mir hunn awer keng Persoun bei eis, déi eigentlech dee Volet Expansion économique an Développement commercial begleet. Mir hunn dat net. Et ass genee esou wichteg wéi dat anert. Mir mussen och een hunn deen en Interlocuteur privilégié ass vun engem Geschäftsverband, vun enger City-Managementstruktur. Et sinn esou vill positiv Chantescher op alle Pläng déi am Moment entaméiert gi sinn, dass et wierklech erstaunlech ass, dass mer mat deene Leit déi mer am Moment hunn, iwwerhaapt esou eng Präsenz kënne markéieren. An do muss ee soe „Chapeau", well do si Leit a verschiddene Servicer déi hunn heiansdo 3, 4, 5 Kape parallel un, fir souwuel um Dossier Belval, dee se scho bal komplett akaparéiert, a ronderëm d'Universitéit a wat mer do opbauen op d'Biomedezin, déi dann awer parallel och nach eis Représentanten an deenen anere Cellulë sinn. Ech kann Iech just soen, een dee mengt et géing net hei an der Stad Esch vill geschafft ginn op allen Niveauen, deen huet sech fatzeg geiert.

An ech kann nëmmen dat bestätegen, wat hei den Här Wohlfarth gesot huet, dass et derwäert ass, fir sech méi oft hei am Gemengerot iwwert déi dote Saachen ze ënnerhalen. Wat och dann eng Unerkennung ass fir déi Aarbecht déi d'Leit an deenen eenzelne Syndikater an deenen eenzelne Gremien an an deenen eenzelnen Diskussiounsfore leeschte fir de Schäfferot, do wou mir et net alleng géinge packen. Also déi Propositioune gräife mir gären alleguerten op. A wann dee Phasage do, deen Dir proposéiert hutt, dee vläicht elo generéis geduecht ass, wann dee soll entaméiert ginn, da muss Dir eis dat och heiansdo rappeléieren, dass mer et op den Ordre du jour huelen. Also mir sinn op alle Fall Demandeur do derfir.

Den Här Braz huet d'Wuert nach gefrot.

**Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG):** Jo, den Här Wohlfarth huet mech perséinlech genannt. Ech huelen un dass et mat de Wahlen ze dinn huet. Ech hoffen, dass et mat de Wahlen ze dinn huet, soss muss ech mer aner Froe stellen. Mä déi Duerstellung, déi Dir do gezeechent hutt, Här Wohlfarth, kann ech net esou akzeptéieren. Dir hutt e ganz

wënsche Bléck op d'Realitéit. Wann Dir mech scho perséinlech nennt, wëll ech awer rappeléieren, dass de Verkéiersschäffen zënter 2000 deen ass, deen dofir gesuergt huet an éischter Linn als Responsabel vum Dossier, net alleng, mä an éischter Linn, dass mer, an och ënnert senger Vizepresidentschaft beim TICE, de Véierelstonnentakt am Süde kritt hunn. Dir schwätzt vum Bus, do war ech an der éischter Rei mat derbäi wou mer dat beschloss hunn, och bei de Ministèren duerchgesat hunn, dass mer de City-Bus zu Esch agefouert hunn. Dass mer déi Parkinginfrastrukture kréien déi mer brauchen, dréngend brauchen. Do hunn der vill ronderëm de Bräi geschwat, a laang gedoktert, an dëst, an dat. Dat si Saache vum Verkéierskonzept. Wann Dir also eng Duerstellung maacht, wéi wann nëmmen déi douce Mobilitéit den Intérêt hätt an d'Opmierksamkeet hätt vum Verkéiersschäffen, da beschreift Dir e ganz klengen Deel nëmme vun der Realitéit vun der Aufgab a vun der Aarbecht déi ech zënter 9 Joer am Schäfferot op deem doten Dossier verrichten.

An ech soen lech och, Här Wohlfarth, wann Dir par conter mengt, dass een d'Verkéiersproblemer an enger Stad ka léisen ouni douce Mobilitéit, da leid Dir ganz falsch. An et wär och vläicht interessant fir lech als Sozialist, lech mol eng Kéier unzekucke wéivill Leit an de Stied, et gëtt doriwwer eng Etüd vum CEPS, guer net iwwert eng Automobilitéit verfügen. An da géing Dir gesinn, grad och, net nëmmen aus ekologeschen, mä och aus soziale Grënn, wéi wichteg et ass, dass een déi Mobilitéiten ausbaut, déi ouni Auto kënne stattfannen. Dozou gehéiert och déi douce Mobilitéit. Dat ass iwweregens eng Erkenntnis déi sech mëttlerweil awer iwwerall duerchgesat huet an ech mengen och hei zu Esch. Mir sinn eis awer elo net béiss. Et ass kee Problem.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Gutt. Merci fir dës Kontributiounen. Dann hoffen ech, dass mer lech ganz zahlräich den nächste Freideg zu Réiseng an der Salle polyvalente Agora rue Saint-Exupéry wäerte gesinn.

## 8. PAP rue de l'Usine; 2e vote; décision

A mer fueren dann direkt weider mam zweete Vote vum PAP rue de l'Usine. Här Bauteschäffen.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Dir kënnt lech drun erënneren, dass mer de PAP rue de l'Usine schonn eng Kéier hei haten. Eng éischte Kéier gestëmmt hunn, unanime gestëmmt hunn. A fir et nach eng Kéier ze situéieren, et ass do an der Hüttestrooss wou fréier d'Entreprise Reckinger hir Atelieren an hir Lager haten. An dat ass eng al Cour artisanal, déi awer mëttlerweil schonn ëmklasséiert ass an eng Cour d'habitation. Wéi d'Entreprise Reckinger erausgezunn ass, aus där Cour artisanal, ass dat lues a lues délabréiert an huet sech d'Fro misste gestallt gi wat sollt domat geschéien. De Propriétaire huet en Architekt domat chargéiert fir, - wann Dir fäerdeg sidd mat Ärer Privatkonferenz – en Architekt domat chargéiert fir do e PAP ze maachen, wéi een dat kënnt valoriséieren am Sënn vun deem wat mer eis ideal do virgestallt hunn als Cour d'habitation. Dat war eng éischte Kéier hei presentéiert ginn, hat och d'Approbatioun vum Gemengerot fonnt. Wéi et publizéiert ginn ass, sinn Awänn komm vun Noperen déi notamment d'Dimensioune vum Gebai monéiert hunn an déi d'Proximitéit zu de privat Parzelle monéiert hunn. A vun dohier hu mer déi ganz Reklamanten hei ugehéiert.

Et waren dräi Haaptaspekter. Et waren eenzel Detailaspekter, mä dräi Haaptaspekter,. Also den Nopere war d'Gebai ze grouss. Et ass ze no un d'privat Propriétéiten erukomm an der Aloyse Kayser Strooss, an der Martyrer Strooss. Et ass gefrot ginn, dass keen Trafik an där Cour intérieure ass a letztendlech ass och gefrot ginn ob et net méiglech wier, dass d'Leit kéinten e bëssen Terrain kréien, dee géing cédéiert ginn u si selwer fir hir privat Gäert méi grouss ze maachen. Dono ass diskutéiert gi mam Propriétaire a mam Architektebüro. A finalement kann een elo feststellen an dat hutt Dir an deem neie Plang virleien, dass d'Gebai op 16 Meter Déift reduzéiert ginn ass an an der Längt reduzéiert ginn ass, wou d'Reculë par rapport zu den Nopeschhaiser vill méi grouss gi sinn. Deen Espace verts public deen ass eng Verkéiersachs, awer just fir interne Verkéier. Dat heescht, wann d'Pompjeeë missten erakommen. Et ass eng Voie carrossable wou d'Pompjeeë kënnen erakommen a wou den Zougang iwwert eng Borne d'accès escamotable geregelt ass.

Et gesäit een an de Pläng, wann Dir déi Légende kuckt, et ass zimlech riicht wéi d'Bepflanzung ass, an do gëtt et en Espace vert privé de réserve. Dat ass wat all Kéiers un de Privatparzelle läit. Do ass de Promoteur bereet, dat dann och gegebenefalls ze cédéieren un d'Leit, dass déi kënnen hir Gäert méi grouss maachen. Firwat huet hien et awer elo an dësem Plang nach net cédéiert. Well soss herno d'Flächebilanz riskéiert erëm net méi opzegoen. Esou dass een elo dovun ausgoe kann, dass mer awer e konsensfäege Projet hunn.

D'Leit waren eppes gewinnt wat do war, wat awer, wann ee sech dat eng Kéier selwer ukucke war, och net onbedéngt schéi war. Wann een eng véier Meter héich ellen, al Zillemauer do stoen huet, déi och nach ufänkt baufälleg ze ginn, dann ass dat net onbedéngt ästhetesch, mä et ass eben dat e bëssen dat Gefill, dass zougebaut war bis elo. Op eng Kéier kritt ee Circulatioun hannendrun. Also et ass u sech sécher e Projet deen nach elo verbessert ass a wou mer lech och géinge proposéieren der Modifikatioun do elo zouzestëmmen.

Eng wichteg Remarque: Och dat, wat vun der Héicht monéiert ginn ass, ass dahingehend geännert ginn, u sech ass dat wat elo an der Cour intérieur gebaut gëtt, wéi Der dat kënnt op de Coupë gesinn, manner héich wéi dat wat haut do steet, well geplangt ass, dass en Deel vun der Topographie vum Terrain naturel genotzt gëtt an doduerch en Deel vum Souterrain wierklech nach méi déif vergruewe gëtt. Esou dass mer elo e wierkleche Rez-de-chaussée plus 1 Stack plus e Retrait am Gabarit hunn. An an der Héicht ass dat do manner héich wéi dat wat ronderëm ass. A wann ee misst reklaméieren iwwert d'Intimitéit, dass een eragesäit, ass et eigentlech éischter esou, dass déi déi vläicht nei dohikommen, kënnte reklaméieren, well dat ëmgedréintent ass net méiglech.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité définitivement le PAP "Rue de l'Usine".*

Ech géing lech proposéieren, dass mer nach d'Punkten 9 an 10 géinge mathuelen an dann ënnerbrieche bis eng Auer fir eppes Klenges iessen ze goen.

## 9. City Management Sud Esch-Belval-Sanem; convention; décision

An de Grond firwat ech optimistesch sinn, dass mer dann elo schnell kënnen iesse goen, ass dee well mer de City Management Süden eréischt am Gemengerot haten, fir lech dee komplett virzestellen a well mer lech awer ugekënnegt hunn, dass mer nach eng Kéier mussen erëm komme mat enger Konventioun, well do och am Detail de Finanzement opgelëscht ass, dee mer awer d'lescht Kéier an enger globaler Form scho genannt haten. Awer mat där Konventioun hu mer dann och déi éischt Tranche déi ka bezuelt ginn. Dofir brauch ech dann net e Rappel ze maache vun deem Ganzen.

Dir wësst, dass et eis haaptsächlech drëm geet fir mat deem City Management Sud Esch-Belval-Sanem dofir ze suergen, dass mer en Aktiounsplang kréien, deen eis et erlaabt, souwuel dee gewuessene Commerce vun der Stad Esch wéi och deen neie Commerce um Site Belval, net nëmmen uneneen ze koppelen, mä virun allem och allebéid ze valoriséieren. Dofir géing ech lech bieden dëser Konventioun Är Zoustëmmung ze ginn an dann och der Stad Esch d'Méiglechkeet ze gi fir der ASBL City Management eng éischt Subvention annuelle an der Héicht vu 57.608 Euro kënnen ze ginn, dass se kënne schaffen. An hei och als Ukënnegung, de Plan d'action wäerte mer lech an engem Mount kënnen am Gemengerot presentéieren.

Et si keng Wuertmeldungen do, dann au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et l'association City Management Sud Esch-Belval-Sanem asbl.*

## 10. Enseignement; identification des écoles; décision

An da komme mer nach zu Punkt 10 wou et net drëm geet ze identifizéiere wou d'Standuerter vun eise Schoule sinn, mä den Här Schoulschäffen erkläert lech wat d'Identification des écoles ass.

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** Jo. Am Kader vum neie Schoulgesetz wäerte mer elo nach öfters am Gemengerot hei schwätzen. Vu dass eng ganz Partie Saachen änneren. Wat Identification elo heescht, ass wat fréier eis Secteure waren. Et ass net vill geännert an Dir gesidd, mir mussen elo den Numm an d'Adress vun de Secteuren oder vun den Identités scolaires uginn. Do bleift alles. Dir gesidd just, dass de Jean Jaurès an den Ale Lycée eng Entité à part sinn an et ass am Fong eng Formalitéit, déi mer dem Ministère mussen eraginn. Dat nächst wat kënnt ass eis Schoulkommissioun, déi och ganz anescht gëtt. Do kommen elo Enseignanten dran an Elteren an dat wäerte mer och an enger vun den nächste Gemengeréit um Ordre du jour hunn. Mir hu gëschter an der Schoulkommissioun doriwwer geschwat a mer mussen doriwwer ofstëmmen an enger vun den nächste Gemengerotssitzungen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Tonnar, fir dës Explikatiounen. Da kéime mer och hei direkt zur Ofstëmmung.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'identification des écoles.*

Mir géingen dann ënnerbrieche bis eng Auer an dann nach d'Punkten 11 bis 20 evakuéieren. D'Sëtzung ass dann ënnerbrach.

## 11. Convention relative aux aides de la construction d'ensembles; décision

Ech géing lech proposéieren, dass mer weiderfuere mam Punkt 11. Dat ass eng Convention relative aux aides de la construction d'ensembles, do geet d'Wuert un eis Schäffin déi fir de Logement zoustänneg ass. D'Madame Spautz.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Merci. Hei kréie mer Geld. Dat ass e Projet 68, rue du Fossé hei zu Esch wou mer zwee Logementer renovéiert hunn an do vun dem Ministère du Logement 75% bäigeluegt kréien. Dat heescht 225.000 Euro wäerte mer kréien an ech bieden lech ganz einfach deem zouzestëmmen.

**Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG):** Si Wuertmeldungen? Wa keng Wuertmeldunge sinn, dann au vote wann ech gelift.

*Conseillers présents:*

*Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention relative aux aides à la construction d'emnsembles entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et le Ministère des Classes Moyennes.*

## 12. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage,....): décision

Fir d'Personalfroe vun der Séance publique geet d'Wuert un de Personalschäffen.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Merci. Mir hunn als éischt eng Création de poste. Dir kënnt lech drun erënneren, dass mer am Huis clos eng Dame aus eiser Comptabilitéit demissionéiert hunn. Op d'Demande vun der Chef comptable, der Madame Ecker, proposéiert de Schäfferot lech, dass mer dee Posten erophiewen an d'Qualifikatioun vun engem Redakter. Dass mer also e Poste vun engem Redakter créiéieren an der Comptabilitéit, an dass mer natierlech deen anere Posten domat net méi besetzen.

Dann hu mer ënnert de Questions de personnel och nach d'Demande vun der Madame Linda Van Goidsenoven fir vun 30/40tel op 40/40tel gehuewen ze ginn. Mir proposéieren och där Demande nozekommen, well en plus elo eisen Här Stein Edy an d'Pensioun ass, an dass d'Madame Goidse-

noven sech dann och ëm d'Telefonszentral këmmert, en attendant dass mer do déi nei Réorganisatioun vun der Telefonszentral duerchgezunn hunn.

Dann hu mer Indemnités et primes d'astreinte, wou Dir de Relevé hannendru leien hutt vun all deene Leit déi a Fro kommen.

Dann hu mer nach eng Prime fir eng Allocation au remplaçant du préposé du service écologique un den Här Jean Wagner. Dat ass dat wat nach d'lescht Joer, fir d'Joer 2008, wat den Här Wagner do nach kritt bis dee Moment wou hien natierlech säi Changement de carrière gemaach huet. A vun deem Moment un ass hien an där Carrière déi och där Fonctioun entspréicht.

Dat do si jo alles Saachen déi mer kënnen haart stëmmen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité:*

*A – la création d'un poste de fonctionnaire dans la carrière du rédacteur;*

*B – la modification du contrat d'engagement avec Mme Linda Van Goidsenoven;*

*C1 – le relevé des primes d'astreinte;*

*C2 – l'allocation à M. Jean Wagner d'une indemnité.*

## 13. Convention relative à la rédaction du compte-rendu analytique; décision

Da kéime mer zum Punkt 13. Dat ass eng Konventioun déi mer maache fir eisen Analyteschen. Dir wësst, dass mer an der Vergaangenheet iwwert eise Service mam Här Girardi eng ganz flott Formule fonnt haten, wou souwuel hien an och en Externen eis begleet hunn, fir eisen Analyteschen opzestellen. Esou dass mer wat d'inhaltlech Opbereedung eng gutt Situatioun haten. Mir hunn awer och a regelméissegen Ofstänn gemierkt, dass mer deen Zäitplang, dee mer eis hei ginn hunn, am Gemengerot, dass mer deen net agehale kritt hunn. Dat heescht inhaltlech mengen ech wier et wuel zu eiser Satisfactioun gewiescht, mä mir hunn awer dauernd, dauernd, dauernd misste Rappeler maachen an Dir wësst et ganz gutt, eisen Analytesche gëtt och genotzt als Informatiounstribün fir zum Beispill kulturell Aktivitéiten, déi mer hunn an dofir geet dat net, dass mer deen Zäitplang net anhalen. An do hu mer am Fong eis dofir interesséiert, ob mer net kéinten eng Alternativ fannen.

An d'Alternativ déi hutt Dir elo hei virun lech leien an déi Alternativ déi besteet an enger Konventioun mat enger Privatpersoun, déi genau déi Saach och bis elo scho gemaach huet. An d'Idee ass dann eben, an Dir hutt och déi Proposition d'amélioration dra leien, dass mer déi Persoun, déi hire Beweis net méi muss maachen, dass mer déi recrutéieren ob e Poste vun engem Rédacteur Freelance fir déi Rapports analytiques ze maachen. Si huet déi Qualifikatiounen. Reng finanziell ass et eng Win-win-Situatioun fir béid Säiten, esou dass mer an der Zukunft net nëmmen inhaltlech déi nämlech Garantie kënne ginn, mä virun allem och organisatoresch an am Zesummenhang mat den Délaien eng verbessert Situatioun an der Zukunft kréien an eng méi grouss Autonomie als Gemeng. Esou dass ech lech géing proposéiere fir dëser Konventioun Är Zoustëmmung ze ginn.

Jo, den Här Baum.

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** Ech faasse mech ganz kuerz. Ech wëll de Schäfferot félicitéiere fir déi do Décisioun. Ech mengen, datt d'Rapiditéit vun dem Analyteschen, wann en da bei de Bierger ukënnt, datt dat ganz vill dozou bäidréit zur Transparenz vun deene Sujeten déi mir hei diskutéieren, datt d'Leit séier gewuer gi wat am Gemengerot décidéiert ginn ass an diskutéiert ginn ass. An ech géif dat mat zwou Hänn ënnerstëtzen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Baum. Ech ginn dovunner aus, dass déi aner dat och esou gesinn, well et ass elo keng Wuertmeldung méi do. Do kéime mer direkt zur Ofstëmmung. Mir kënnen eis praktesch dem Här Baum ralliéieren, jo dat ass richteg. Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et Mme Joëlle Schmit.*

## 14. Relevé et rôle principal de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2009; décision

Mir kéimen dann direkt zu eiser Hondstaxe. Do hu mer fir de lafenden Exercice 2009 à ce stade schonn 65.320 Euro wou ech lech wéilt bieden deenen Är Zoustëmmung ze ginn, dass mer déi kënnen esou ausféieren. Jo, dat si vill Suen. Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le relevé et rôle principal de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2009.*

## 15. Commissions consultatives; modification; décision

Mir kéimen dann zu Punkt 15. Dat sinn Ännerungen an eise Commissions consultatives. Fir d'éischt kréie mer als Membre effectif eng Persoun vun der Communauté italienne bei d'Commission consultative à l'intégration dobäi an der Persoun vun der Madame Orlanda Pupita-Galassi. Mir hunn dann eng Propositioun fir den Här Steve Faltz als Expert

an d'Commission des espaces verts eran ze huelen. Dee mouss och vun eis nominéiert ginn.

Mir hunn dann nach vun der DP eng Rei vu Saache gemellt kritt déi awer méi eng Mise à jour vu bestoende Situatioune sinn, déi mer dann och mat engem Vote haut validéieren. A mir hunn domatter déi Ännerungen an der Commissions consultatives dann och schonn épuiséiert. Wann Dir d'accord sidd déi en bloc ze huelen? Ajo, et ass nach déi vun der LSAP wou mengen ech den Här Codello iwwerall ersat gëtt oder bal. Jo, dem Nowuess Plaz maachen. Hutt Dir déi Ännerungen déi d'LSAP eraginn huet, alleguer virun Iech leien? Sidd Dir d'accord dass mer déi Ännerungen en bloc kënnen ofstëmmen? Jo. Ass dat schrëftlech oder mëndlech? Bis elo war et ëmmer schrëftlech. Bis elo war et ëmmer e Vote secret.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal procède par vote secret et approuve par 14 voix oui et 1 bulletin blanc les modifications aux commissions consultatives.*

## 16. Contrats de bail; décision

Mir fueren en attendant scho weider mat eise Contrats de bail, Madame Spautz, a mer si geschwë fäerdeg. Wa mer eis nach e bësse konzentréiere si mer derduerch.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Genau. Dir hutt just ee Contrat de bail virleien. Ech muss do zwar eng Explikatioun ofginn. Dir gesidd, datt de Kontrakt mam Foyer de nuit Abrisud gemaach ass. D'Explikatioun dozou ass déi, mir hunn och schonn immens oft iwwert d'Funktiounsweis vun eisem Foyer de nuit an d'Approche wéi esou ee Foyer ze fonctionnéieren huet, hei geschwat. Hei gi mer enger Koppel d'Chance an eng Gemengewunneng eran ze kommen. Déi Koppel gehéiert eigentlech net méi an de Foyer de nuit eran. Mä et muss nach e Suivi gemaach ginn an enger Wunneng bis déi kënne selbststänneg liewen. An dat passéiert elo an enger Wunneng bei eis. An enger Gemengewunneng wou mer hinnen zur Verfügung stelle bis datt se herno dann, wann déi Situatioun sech nach géif verbesseren, wat mer hinne wierklech wënschen, kéinten dann och op de private Wunnengsmaart matgoen. Mir sinn der Meenung, datt se déi Chance hei verdéngt hunn an dofir ass dat zesumme mam Foyer de nuit Abrisud fir datt de Suivi och do ka gemaach ginn.

Ech bieden Iech, deem zouzestëmme wann ech gelift.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Waarde mer just ee Momentche fir de Vote ze huelen.

Au vote, dat sinn d'Contrats de bail, de Punkt 16.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les contrats de bail.*

Ech wollt Iech nach eng Kéier rappeléieren, dass Dir Ären Ziedel nëmmen eemol braucht ze falen. Also et ass ee Blanc a 14mol Oui.

## 17. Autorisation d'ester en justice; décision

Mir kéimen dann zu enger Autorisation d'ester en justice wou ech der Madame Spautz d'Wuert ginn.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Eng Autorisation d'ester en justice. Dës Kéier ass et eng déi da géint e Locataire vun enger vun eise Gemengewunnege geet. Ech mengen Dir kennt eis Politik, datt mer wierklech net genau, wéi soll ech soen, all Situatioun huele wann et mol Problemer gi bei de Locatairen. Hei huet sech awer eng Situatioun esou enorm zougespëtzt iwwer Joren, wou mer awer elo definitiv gesot hunn, et geet duer a mir ginn elo viru Geriicht. Also och dat kann an enger Gemengewunneng passéieren a mir bieden Iech den Accord ze kréie fir dat elo kënnen ze maachen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Madame Spautz. Da kënne mer och hei direkt d'Ofstëmmung virhuelen.

A nee, entschëllegt, den Här Snel hat sech gemellt.

**John Snel (LSAP):** Mer wäre frou, Madame Buergermeeschter, wa mer kéinten och herno wann d'Uerteel geschwat ass, dat Uerteel pour information gesinn. Ech wëll net soen, dass mer et hei mussen debattéieren, mä nëmme gesinn.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Jo, kënne mer villäicht déi Autorisation d'ester en justice mat hire Wäerdegäng vun deene leschte Méint a Joren eng Kéier en résumé kréie fir eisem Conseil déi virzestellen.

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Also et steet zimlech vill dran. Just als Explikatioun fir déi wou elo wierklech den Dossier net gelies hunn. Et gesäit esou aus, wéi wa mir e Mann do an enger Wunneng liewe loossen déi total verschimmelt ass an esou weider. Eis sinn d'Hänn permanent gebonne ginn. Mir sinn net erakomm. Hien huet selwer Saache maache gelooss. Also et war eng onméiglech Situatioun mat där mer ze dinn haten. Ech hunn de Mann selwer emfaangen, hien huet Kanner, et war onméiglech iergendwéi dat dote geléist ze kréien. Hien hätt souguer eng aner Wunneng kéinte kréien, awer bon, esou datt mer eben elo op deem Punkt hei sinn, wou mer sinn.

**Annette Hildgen (CSV):** Sinn d'Kanner bei him am Haus?

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** Leider.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Gutt. Dann d'Ofstëmmung wann ech gelift.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig –*

*M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'autoriser le collège des bourgmestre et échevins à représenter l'administration communale en instance d'appel devant les tribunaux.*

**18. Subsides extraordinaires; décision**

Mir kéimen dann zu de Subsides extraordinaires déi Dir hei virleien hutt. Ech wëll se elo net alleguerten opzielen, et sinn der nämlech ronn 30 a vu dass souwuel d'Kollege vun der Press wéi och Dir selwer se virleien hutt a wa se ee wëllen draus erausgräifen, ka jiddwereen dat maachen. Ech géing lech da proposéieren hinnen en bloc Är Zoustëmmung ze ginn.

*Conseillers présents:*

*Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les subsides extraordinaires suivants:*

| Nom de l'association | Date demande | Concerne | Montant |
|---|---|---|---|
| FGFC | 09/02/2009 | Subside conc. conférence « Alcool sur le lieu de travail » | 1.000,00 € |
| Stëmm vun der Strooss | 07/10/2008 | 2ième édition concert 'St'Emmbroch | 500,00 € |
| Harmonie Municipale Esch | 25/11/2008 | Subside pour location Philharmonie le 04.04.09 | 5.587,00 € |
| Camping Caravaning Club Esch | 03/12/2008 | Subside pour participation à la foire touristique | 1.000,00 € |
| BUS 34 asbl | 19/12/2008 | Don pour publication du livre « De Minettstram… » | Achat de 10 livres à 44 € (art.budg.du CE) |
| 100 Joër Fonni Tissen | 18/12/2008 | 100ième anniversaire de l'artiste | 500,00 € |
| Independant Little Lies | 26/11/2008 | Subside pour projet « Lagarce » | 1.500,00 € |
| Ass. de pêche ARE | 05/01/2009 | Subside | 250,00 € |
| Amicale Albert Ungeheuer | 01/2009 | Soutien pour leur cause | 100,00 € |
| LGE | 27/01/2009 | Subside pour MELOMANIA 09 | 250,00 € |
| Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché | 02/2009 | Don | 50,00 € |
| Institut de la Grande Région – Institut pour la coopération régionale ds. les régions transfrontalières intercommunautaires | 01/2009 | Cotisation | 25,00 € |
| D'Bréifdréieschgewerkschaft asbl Luxembourg | 06/02/2009 | Subside pour leur centenaire | Une page dans leur livre d'or : 100,00 € |
| Fräiwelleg Pomjëen-Lelz | 05/02/2009 | Carte membre | 125,00 € |
| D.T. Esch Abol_Comité d'org. du 45ième anniversaire | 10/02/2009 | Subside 45ième anniversaire | 1.500,00 € |
| Esch City Tourist Office | 10/03/2009 | Cavalcade 2009 : prise en charge des 3 prix pour 3 meilleurs déguisements | 450,00 € |

## 19. Concessions sépulcrales; décision

Den Här Kierfegschäffe fir de Punkt 19.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Mir hunn hei d'Lëscht vun de Concessions sépulcrales, déi mer fir d'Joer 2008 op eise Kierfeger, souwuel Griewer wéi Colombarien zougestanen hunn a mir géingen Iech och bieden där Lëscht Är Zoustëmmung ze ginn.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les concessions sépulcrales:*

## 20. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Mir hunn dann eise leschte Punkt, dat sinn d'Verkéiersreglementer. Här Braz.

**Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG):** Et sinn nëmmen temporärer, mä ech wollt et einfach och eng Kéier soen, mir haten och Aarbechten an der rue du Rock'n Roll, einfach aus Freed fir déi Avenue mam Numm ze nennen. Mir sinn houfreg op déi Strooss.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation:*

Sou, Kolleginnen a Kollegen, mir sinn dann um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Mir gesinn eis jo dann den nächste Freideg erëm fir eis grenziwwerschreidend Gemengerotssëtzung zu Réiseng. Et ass, mengen ech, um halwer 10, wann ech mech richteg erënneren. Ass et esou? Jo. Ech wollt Iech och rappeléieren, dass mer den 3. Abrëll nach eng Gemengerotsëtzung hunn, allerdéngs wäerte mer do nëmmen zwee Punkten um Ordre du jour hunn, oder dräi. Dat sinn déi déi mer musse maache fir dass déi Aarbechte kënne virugoen. Een Haaptpunkt: d'Cité des sciences. Déi haut op der Pressekonferenz ware wëssen schonn, dass dat de grousse PAP ass vun der Uni, wou dann och all d'Genehmegungen drunhänken. Ass also ganz wichteg. Ech géing awer proposéieren, vu dass eng Rei vun Iech mer signaléiert hunn, dass se an de wuelverdéngte Congé ginn, géing proposéieren, dass mer de Punkt Biomedezin, dee feste Bestanddeel vun deenen Diskussiounen ass, op eng spéider Gemengerotssëtzung verleeë fir dass mer och dee Volet hei in extenso kënnen diskutéieren, a wat dat fir eis bedeit. Sou dass dat hei sech op de Volet, de bauleche Volet vun der Universitéit konzentréiert.

Mir hunn dann nach de PAP vum Cactus a mer hunn och nach de PAP Ecole Nonnewisen, dee mer jo hei schonn haten, wou am Fong just eng technesch Adaptatioun ass. An ech mengen, dat misste mer dann an deenen Délaie packen, dass déi vun Iech déi éischter fort musse goen, dass déi awer nach kënnen de „Go" gi fir déi wichteg Projeten.

Da soen ech Merci a bis geschwënn.

## Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 20 mars 2009

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

### 3. Information au public des décisions de personnel

**Lydia Mutsch (LSAP)** présente les décisions de personnel prises en huis clos.

### 4. Correspondance

**Lydia Mutsch (LSAP)** est heureuse de pouvoir annoncer qu'enfin le Ministère de la Culture a accordé une participation de 4,5 mio € pour la rénovation du théâtre.

Ensuite, elle informe le Conseil de la bonne nouvelle que la Ville d'Esch reçoit la Casa d'Italia par un compromis.

### 5. Nouveau Parking souterrain Brill
### a) Avancement des travaux
### b) Acte de cautionnement avec la société du parking Brill

**Henri Hinterscheid (LSAP)** explique les raisons des retards des travaux. Suite à la défaillance de la société Kurt Constructions, il a été décidé d'adjuger les travaux à la société Lux TP.

Les travaux d'infrastructures souterraines nécessaires ont démarré en juin 2008 pour s'achever en décembre 2008. Les travaux préparatoires ont commencé en octobre 2008 par l'installation de la clôture du chantier et les travaux de forage des pieux.

A l'heure actuelle, les travaux de recépage des travaux des pieux ainsi que la réalisation de la dalle sur une largeur de 5 mètres sont en cours de réalisation. Côté musée, les travaux sont achevés ainsi que le mur de soutènement. Côté rue de l'Alzette et rue du Brill, les travaux ont démarré ; ferraillage et bétonnage sont réalisés, le mur de soutènement est en cours de réalisation. Côté rue Pasteur, les travaux de terrassement sont en cours de réalisation.

Parallèlement à ces travaux la pose de la clôture et de sa toile décorative sera achevée. Des trous seront percés et un podium installé pour permettre aux personnes intéressées de suivre l'évolution du chantier.

Les travaux de terrassement du parking démarreront fin mars 2009, avec un volume de terre à évacuer de 60.000 m3 et seront terminés pour les congés collectifs. En septembre commenceront les travaux de gros œuvre à partir du niveau -5. La mise en service du parking est prévue pour décembre 2010.

Monsieur Hinterscheid explique ensuite quelques détails de l'acte de cautionnement à voter.

**Aly Jaerling (Indépendant)** trouve inacceptable que la Ville, et donc le contribuable, se porte caution pour le projet d'une entreprise privée, surtout par les temps qui courent. Il aimerait savoir si ce droit peut être demandé par n'importe quel promoteur ou s'il s'agit plutôt d'une faveur accorée accordée à un seul promoteur.

**Pierre-Marc Knaff (DP)** demande des informations concernant la société en question puisqu'un acte de cautionnement se base toujours sur une relation de confiance. En outre, il se demande si c'est vraiment le rôle de la Ville d'éliminer les risques que toute entreprise doit prendre pour pouvoir réaliser des bénéfices.

**Paul Weidig (LSAP)** pense qu'il s'agit du même promoteur qui a déjà réalisé le parking Place Hôtel de Ville. Il est convaincu que le nouveau parking sera d'une importance capitale pour le commerce à Esch. Un tel projet se doit d'être soutenu par la commune.

**Henri Hinterscheid (LSAP)** s'exaspère du fait que Monsieur Jaerling refuse toujours, après tant de débats et d'explications, de comprendre le bien-fondé d'un tel acte de cautionnement. Il n'y a pas plus de risques pour la Ville que si elle construisait elle-même le parking. Il va de soi que cela restera une exception, exception propice à la relance de la conjoncture et gratuite pour la Ville.

Il confirme qu'il s'agit de la même société qui a construit le parking Hôtel de Ville. Il se rallie aux propos de Monsieur Weidig concernant l'importance du nouveau parking.

(Vote)

### 6. Chèques-service accueil: information et règlement-taxe; décision

En guise d'introduction, **Vera Spautz (LSAP)** souligne que la Ville d'Esch n'a pas attendu l'introduction des chèques-service pour prendre sa responsabilité en ce qui concerne les infrastructures de garderies.

En principe, les chèques sont un élément positif qui, cependant, ne s'adresse qu'aux enfants de 0 à 12 ans. Mais Madame Spautz est d'avis que l'introduction s'est faite de façon précipitée. Elle regrette en outre les calculs trop compliqués liés à l'octroi des chèques, qui nécessitent un travail d'environ 20 à 25 minutes par demande. A Esch, environ 4.000 enfants pourront bénéficier des chèques-service. Madame Spautz se réjouit du fait qu'Esch a les prix les plus sociaux concernant les offres de garderies.

Avec l'introduction des chèques-service, on devrait aussi offrir la possibilité de donner à manger aux enfants entre 11h00 et 14h00 dans des locaux hors de Maisons relais. Madame Spautz est cependant d'avis que si on donnera à manger aux enfants dans un gymnase par exemple, on serait en train d'établir une société à deux vitesses entre les enfants accueillis dans les maisons relais par du personnel qualifié et les enfants qui devront aller dans les gymnases ou autres locaux non-adaptés. Elle se refuse d'aller dans cette direction.

Pour le moment, il y a eu 809 inscriptions. Pour éviter que des parents font inscrire leurs enfants pour une heure le midi seulement pour ainsi pouvoir profiter de l'encadrement gratuit et du repas à 2 €, on a introduit des plages d'au moins 2 heures dans le règlement. En outre, des personnes qui ont habituellement pris soins d'enfants ont dit aux parents que maintenant qu'ils pourraient donner leurs enfants gratuitement dans une garderie, ils ne seraient plus disposés à s'en occuper. Tout cela fait pression sur les communes.

Ce qui aggrave le problème est le fait, que le programme de facturation n'est pas encore prêt.

Madame Spautz regrette que l'introduction des chèques-repas se soit faite par le biais d'un règlement grand-ducal au lieu d'une loi. Une loi aurait dû être discutée dans les commissions avant qu'elle soit appliquée.

Elle explique que le Ville est en train de discuter avec le Syvicol et le Ministère à propos de la convention concernant les

maisons relais et la participation de l'Etat aux infrastructures et au personnel de ces maisons.

On a deux cas spéciaux à Esch. 1. L'école à plein temps ; il semble que les enfants pourraient profiter des chèques-service pour les repas de midi. 2. La crèche Parc Laval ; bien qu'elle ne soit pas conventionnée, elle pourra probablement fonctionner comme une maison relais.

Madame Spautz propose de voter en faveur de ce règlement puisque les parents vont en profiter.

**Aly Jaerling (Indépendant)** se rallie aux propos de Madame Spautz concernant le fait que les dispositions ont été introduites par le biais d'un règlement grand-ducal.

Selon lui, le règlement devrait prévoir d'inclure aussi les nourrices et, dans l'optique d'une égalité des chances, on devrait aussi donner une aide aux mères au foyer.

**Annette Hildgen (CSV)** aimerait savoir pourquoi il n'y a pas plus de 809 enfants inscrits pour le moment.

Elle se rallie aux propos de Madame Spautz concernant la possibilité de donner à manger aux enfants dans des locaux hors de Maisons relais. Mais elle se demande où trouver la place pour héberger tous ces enfants.

Madame Hildgen est convaincue qu'il y a plus d'enfants exposés au risque pauvreté qu'on ne le croit.

**Jeanne Becker (LSAP)** veut savoir si les enfants qui ne fréquentent les crèches que sporadiquement peuvent aussi bénéficier des chèques-service, si dans ce cas on reçoit ces chèques aussi au Biergeramt et si les formulaires doivent alors comporter aussi toutes les données.

**Marc Baum (Déi Lénk)** est d'avis que les gens d'un milieu social plus aisé profitent plus de ce règlement que les gens défavorisés et se rallie aux propos de Madame Spautz concernant le fait que les dispositions ont été introduites par le biais d'un règlement grand-ducal. Néanmoins, il soutiendra ce règlement.

**Vera Spautz (LSAP)** répond à Monsieur Jaerling que les nourrices sont prévues au règlement.

Elle regrette que les crèches privées ont beaucoup de problèmes à s'adapter aux nouvelles données et elle fait un appel aux autres communes d'investir dans des maisons relais. Quand en septembre, les chèques peuvent être validés aussi dans les écoles de musique, les clubs sportifs, etc., Madame Spautz craint qu'il y ait autant de problèmes.

Elle rappelle à Madame Hildgen que le chiffre de 4.000 enfants comporte tous les enfants de 0 à 12 ans, nourrissons inclus. Il n'y aura donc jamais une demande de 4.000 chèques.

Elle répond à Madame Becker qu'en effet, les enfants qui ne fréquentent pas régulièrement les crèches peuvent aussi profiter des chèques. Pour empêcher les abus, on a introduit des plages de 2 heures.

Elle regrette que la commune ne dispose pas des mêmes données concernant les demandes et formulaires que le SIGI surtout en ce qui concerne les revenus. Elle comprend que ces données soient confidentielles, mais les gens vont venir faire leurs réclamations à la commune.

(Vote)

## 7. Conseil communal transfrontalier du 27 mars 2009: discussions préparatoires

**Lydia Mutsch (LSAP)** souligne l'importance du 2e conseil communal transfrontalier. Nos potentiels et possibilités de développement ne peuvent être réalisés qu'en collaboration avec nos voisins français.

Elle présente les différents points de l'ordre du jour :

Université de Luxembourg et logements avec le programme local de l'habitat ;

Mobilité avec la liaison Micheville et le projet Tram Sud ;

Aménagement avec un rappel du suivi du projet Alzette-Belval 2015 ;

GECT, le Groupement européen de coopération territoriale.

En conclusion, Madame Mutsch invite tous les conseillers à participer à ce conseil communal transfrontalier.

**Daniel Codello (LSAP)** se rallie aux propos de Madame Mutsch concernant l'importance des conseils transfrontaliers. Il pense même que deux conseils par an ne suffisent pas.

Il propose d'instaurer un groupe de suivi avec secrétariat permanent qui s'occupera du suivi des points traités aux conseils transfrontaliers et de mettre moins de points à l'ordre du jour pour pouvoir traiter chaque point plus en profondeur. Il propose en outre de créer un centre de coordination des questions transfrontaliers et des relations intracommunautaires avec deux agents qui s'occuperaient en outre du suive des fonds structurels européen.

Il se réjouit de l'idée du GECT mais pense qu'il faudra encore y avoir plus de concertations du côté des communes luxembourgeoises. Il est convaincu que les communes françaises de leur côté sont très intéressées de créer ce GECT et Monsieur Codello souligne que les travaux pour l'instauration du GECT peuvent déjà commencer avant qu'il soit voté à la Chambre des Députés.

**Everard Wohlfarth (LSAP)** se réjouit que le 1er conseil communal transfrontalier trouve une suite logique mais regrette qu'il y ait un grand nombre d'orateurs avec temps de parole restreints. Il craint que ce conseil devienne alors de nouveau une réunion d'information au lieu d'une réunion de discussion. A cet égard, il propose de tenir un conseil communal semestriel qui s'occuperait des structures nationales et internationales. Il se rallie aux propos de Monsieur Codello concernant la création d'un centre de coordination des questions transfrontaliers et des relations intracommunautaires.

Par contre, Monsieur Wohlfarth n'est pas d'accord avec Monsieur Braz concernant l'importance primordiale de la mobilité douce.

**André Zwally (CSV)** se rallie aux propos de Monsieur Codello et de Monsieur Wohlfarth concernant l'instauration d'une structure pour le suivi des questions transfrontalières et de prévoir des réunions semestrielles. Il propose de désigner un porte-parole pour que les réunions transfrontalières ne dégénèrent pas en un simple club de discussion où chacun se croit obligé de prendre la parole.

**Lydia Mutsch (LSAP)** assure aux conseillers qu'il n'y aura plus de longs monologues comme lors du premier conseil transfrontalier. Elle se rallie aux idées de discuter régulièrement des points concernant les questions transfrontaliers.

Madame Mutsch est consciente du fait qu'un service de coordination des questions transfrontaliers et des relations intracommunautaires serait très utile, mais elle rappelle qu'il y a encore d'autres chantiers qui auraient besoin d'un propre service, mais qu'Esch ne dispose pas des mêmes moyens que la Ville de

Luxembourg. Elle soutient plutôt l'idée d'une cellule de coordination au sein d'un service existant.

**Félix Braz (DÉI GRÉNG)** espère que l'attaque de Monsieur Wohlfarth s'explique par la proximité des élections. Il rappelle que son seul souci n'est nullement la mobilité douce mais qu'il a aussi aidé à instaurer entre autres le City bus avec un cadencement d'un quart d'heure et des infrastructures de parking. Il est par contre convaincu qu'on ne saura résoudre les problèmes du trafic dans les villes sans avoir recours à la mobilité douce.

### 8. PAP rue de l'Usine; 2e vote; décision

**Henri Hinterscheid (LSAP)** explique qu'après le 1er vote il y a eu des réclamations des voisins concernant l'envergure du bâtiment et sa proximité aux parcelles privées. Il y a eu aussi des demandes pour qu'il n'y ait pas de trafic dans la cour intérieure. Les voisins ont demandé en outre s'ils pourraient recevoir une partie du terrain pour pouvoir agrandir leurs jardins.

Après des pourparlers, le gabarit du bâtiment a été réduit et l'accès à la cour se fait par borne escamotable. Le promoteur est aussi disposé à céder du terrain aux voisins.

(Vote)

### 9. City Management Sud Esch-Belval-Sanem; convention; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** rappelle que ce point a été traité in extenso lors d'une séance antérieure. Il s'agit maintenant de régler les détails du financement et elle propose une première subvention annuelle de 57.608.- €.

(Vote)

### 10. Enseignement; identification des écoles; décision

**Jean Tonnar (LSAP)** explique que les secteurs d'écoles s'appellent maintenant « identités scolaires ».

(Vote)

### 11. Convention relative aux aides de la construction d'ensembles; décision

**Vera Spautz (LSAP)** propose d'accepter un subside de 225.000,- € pour la rénovation de 2 logements 68 rue du Fossé.

(Vote)

### 12. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage,....): décision

**Henri Hinterscheid (LSAP)** présente les questions de personnel :

La création d'un poste de fonctionnaire dans la carrière du rédacteur pour le service de la comptabilité.

Une demande pour la modification du contrat d'engagement avec Mme Linda Van Goidse-noven.

Le relevé des primes d'astreintes.

Une allocation au remplaçant du préposé du service écologique, notamment a M. Jean Wagner.

(Votes)

### 13. Convention relative à la rédaction du compte-rendu analytique; décision

En vue d'une amélioration des délais de la rédaction du compte-rendu analytique, **Lydia Mutsch (LSAP)** propose l'engagement d'un rédacteur freelance.

**Marc Baum (Déi Lénk)** se réjouit de cette initiative.

(Vote)

### 14. Relevé et rôle principal de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2009; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose d'accepter la somme de 65.320.- €.

(Vote)

### 15. Commissions consultatives; modification; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** présente les modifications dans les commissions consultatives.

(Vote)

### 16. Contrats de bail; décision

**Vera Spautz (LSAP)** explique qu'il s'agit d'un contrat avec un couple qui reste dans le Foyer de Nuit jusqu'à ce que les travaux dans un logement communal soient terminés.

(Vote)

### 17. Autorisation d'ester en justice; décision

**Vera Spautz (LSAP)** propose de voter une autorisation d'ester en justice à cause d'un problème grave avec un locataire d'un logement communal.

**John Snel (LSAP)** demande que les conseillers puissent voir le jugement final dans cette affaire.

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose à Madame Spautz de faire un court résumé de cette affaire.

**Vera Spautz (LSAP)** explique qu'il s'agit d'une personne vivant avec ses enfants dans un logement infesté de moisissure. Cependant, le locataire refuse à la commune l'accès à son logement.

(Vote)

### 18. Subsides extraordinaires; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** présente la liste des subsides extraordinaires à voter.

(Vote)

### 19. Concessions sépulcrales; décision

**Henri Hinterscheid (LSAP)** présente la liste des concessions sépulcrales à voter.

(Vote)

### 20. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

**Félix Braz (DÉI GRÉNG)** propose de voter les règlements de la circulation.

(Vote)

Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 3. Abrëll 2009

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:
M. Aly Jaerling – M. Roger Roller

# Ordre du jour


| | | Page |
|---|---|---|
| 1. | Correspondance | 26 |
| 2. | PAP 01/03 Université/Cité des Sciences: 1er vote; décision | 26 |
| 3. | PAP „op der Haart“: 1er vote; décision | 27 |
| 4. | PAP Nonnewisen, phase 01A: précisions techniques; 1er vote: décision | 37 |
| 5. | Règlements de la circulation routière; confirmation et décision | 37 |

Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 03 avril 2009 38

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Den Appel nominal wann ech gelift.

(Appel nominal)

Kolleginnen a Kollegen, Dir wësst dass mer haut méi eng kuerz Sëtzung hunn, well der e puer vun lech éischter musse fort goen. Duerfir hu mer haut och um 8 Auer ugefaangen. An duerfir probéiere mer och eist Bescht ze maache fir keng laang Presentatiounen ze maachen.

## 1. Correspondance

Rien à signaler.

## 2. PAP 01/03 Université/Cité des Sciences: 1er vote; décision

Wann Dir d'accord sidd, géinge mer mat der Uni ufänken. Hei ass et wuel de PAP 01/03 dee sech iwwert eng Surface nërdlech vun der Héichuewenterrasse vun 10 Hektar ausbreet a wou d'Universitéit Partie intégrante a vun enger grousser Bedeitung ass. Mä mir hunn awer am Schäfferot décidéiert, wou mer de PAP an de Kontext gesat hunn och vun deem éischte Coup de pelle deen d'lescht Woch gemaach ginn ass vun der Maison du Savoir, do hu mer eis de ganze Planning vum Fonds Belval ugekuckt mat der Maison des Sciences humaines, mat der Maison du Nombre, Maison du Livre, Maison de l'Innovation, déi ganz Biotechnologie-Infrastrukturen, Materialfuerschung, den CNCI, d'Pépinière, de Bâtiment administratif, d'Archiven. An do hu mer eis geduecht, dass mer fir dee ganze Volet eigentlech missten nach separat e Punkt op den Ordre du jour setzen, well mer wëllen den Avancement mam geneeën Timing vun der Universitéit a vum ganze Volet économique ronderëm separat oplëschte, fir dass jiddwereen och ka sech dozou prononcéieren. Well tatsächlech si mer jo och amgaang ronderëm eise Plan d'action, dee mer tëschebilanzéiert hunn, eis och ze positionéieren um wirtschaftleche Plang fir ronderëm d'Universitéit en neie Pilier économique opzebauen. An duerfir wollte mer lech proposéieren, haut just de bauleche Volet vun deem PAP ze kucken, an dann huele mer op déi nächst oder iwwernächste Sëtzung den nämlechte Volet nach eng Kéier fir Démarche économique an de Suivi des dossiers, fir dass mer eise Gesamtiwwerbléck, dee mer hei am Gemengerot jo alleguer awer hunn, dass mer deen och behalen. Dat ass also e Wonsch, dee mir als Schäfferot hunn, well mer net wëllen déi Diskussiounen ze kuerz handhaben.

An haut wëlle mer op alle Fall de „Go" ginn, fir dass mer d'Maison du Savoir, déi am Moment Autorisatiounen huet fir Terrassementsaarbechten ze maachen, dass mer do och déi definitiv Baugenehmegung kënne ginn esoubal mer den Dossier erëm hunn. An dann hänke jo och all déi aner Baugenehmegungen nach dru vun deene parallele Gebailechkeeten déi ulafe wéi ebe wéi gesot, d'Maison des Sciences humaines déi fir Dezember 2012 virgesinn ass, d'Maison du Nombre fir Januar 2013 an esou weider an esou weider. Dat ass also e Wonsch dee mer hunn, esou dass ech dann direkt eisem Bauteschäffe géing d'Wuert gi fir de bauleche Volet duerzestellen.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Ech maachen et eigentlech genau esou kuerz wéi Dir, well et ass wéineger haut eng baulech Diskussioun déi mer ze féieren hunn. Mir sinn haut amgaang de PAP kloer ze maachen, dass déi Concoursen, déi alleguer gelaf sinn am Kontext vun de Konstruktioune vun der Universitéit, dass déi kënne materialiséiert ginn, an dass déi am PAP kënne festgeschriwwe ginn.

Et dréit sech am wesentlechen ëm déi Gebaier: d'Maison du Savoir, d'Maison du Nombre, d'Maison du Livre, d'Maison de l'Innovation, d'Maison de l'Ingénieur. Also, Dir hutt matkritt an der Press, dass do an deene leschte Wochen déi Concoursen ofgeschloss gi sinn. Dass do d'Projete vergi gi sinn, an dass mer elo do sinn, dass mer kënnen d'Baugenehmegung ausstelle wa mer de reglementareschen Deel hunn. Et ass och hei esou gaangen, dass net fir d'éischt de PAP festgeluegt ginn ass, well mer jo awer do an engem méi Laboratoire architectural an urbanistique waren, an dass, étant donné dass mer zesummen awer mam Stat, mat der ëffentlecher Hand hei développéieren an net do direkt Angscht mussen hunn, dass iergendee privat Promoteur all Regele vum Urbanismus géing vergiessen, ass dat do deen éischter onorthodoxe Wee.

Also, de PAP ass ugrenzend un de Park Belval Nord a kraakt era bis an d'Terrasse des Haut-Fourneaux, de Site vun der Universitéit. Et ass e ganz klengen Zipfel wou jo och op dem Suessemer Terrain läit, mä u sech läit de Gros op dem Escher Terrain. An et ass och elo wichteg fir déi Projeten, déi elo décidéiert sinn, dass dëse PAP sech hei materialiséiert. Ech mengen, wat wichteg ass, dat ass och, dass déi Degrés d'utilisation du sol, den COS an den CMU, definéiert sinn. D'Gebaiformen wéi se bis elo am PAP festgeluegt sinn, inspiréiere sech un deene Concoursen. Ech mengen, déi konnt Dir alleguer an der Press verfollegen.

Ech ginn elo do net méi an den Detail an, an et ass och u sech e PAP mat ganz wéineg architektonesche Virschrëften, well déi an de Concourse scho festleien. Et ass e PAP, dee sech am wesentlechen op dat beschränkt wat e PAP och ka sinn, Flächennutzungsplanung a wou Gabariten definéiert sinn. Mer hunn do Gebaier déi e Maximum vun 30 Meter Héicht hunn. Mer hunn natierlech d'Maison du Savoir dra mat hirem Tuerm. Dat ass och elo iwwert dëse PAP erméiglecht ginn. An ech wéilt eigentlech domat déi baulech Presentatioun ofschléissen. Dir hutt e ganz gudden, aussagekräftege Plang virleien. Dat ass deen hei, wou ee gesäit wou déi eenzel Gebaier sinn. Uewen un der Front d'Maison du Savoir, d'Maison des Nombres. Hei hu mer dann déi verschidde Centres de Recherches an et ass u sech déi Opdeelung vum Campus déi mer haut am PAP reglementaresch festleeën.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Den Här Huss.

**Jean Huss (DÉI GRÉNG):** Merci, Madame Buergermeeschtesch. Just och ganz kuerz. Mir haten dee PAP hei an eiser zoustänneger Stadentwécklungskommissioun virgestallt kritt. Mir hunn deen diskutéiert an no den Diskussiounen ass et zu engem positiven Avis dozou komm. Ech mengen, mer hunn et hei elo mat den techneschen Detailer ze dinn, an déi hu mer jo hei elo vum Här Hinterscheid presentéiert kritt. Ech mengen, datt jiddwereen am Fong misst kënne fir dee PAP do stëmmen, well mer alleguerten interesséiert sinn, datt et endlech viru geet. Et ass zënter dräi, véier Joer wou mer iwwert de Projet Universitéit diskutéieren als eng unique Chance fir eng wirtschaftlech Restrukturéierung hei am Süden. Ech géif soen, dass et déi Haaptchance ass vun enger wirtschaftlecher Restrukturéierung, mat all deem wat dorunner hänkt. An ech sinn am Fong frou, datt viru ronn 14 Deeg deen éischte Spuetestéch konnt gemaach ginn, an datt mer elo dat heiten hei och kënne verabschieden. Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Huss. Den Här Codello.

**Daniel Codello (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Ech ka mech de Wierder vum Här Huss nëmmen uschléissen. Dir hutt et schonn an Ärer Presentatioun gesot, dat ass haut de baulechen Dossier dee mer hei virgeluegt kritt hunn. Dir hutt virun zwou Wochen op der Pressekonferenz nom premier coup de pelle gesot, dass dobausse schonn eng gewëssen Nervositéit, an och bei eis war: Wéini geet et endlech lass mat där Universitéit? Mir schwätze scho ganz laang dovun, dass d'Universitéit op Esch soll kommen. Hei gi mer elo konkret. Mir ginn haut als Gemengerot dem Schäfferot hei mat op de Wee duerch eise Vote, déi definitiv Baugenehmegung ze ginn. Dat ass och gutt, dass mer haut déi Diskussioun trennen, dass mer haut op dem bauleche Plang eis kënnen eens sinn an dat heite schnell huelen an iwwert den Impakt vun der Uni fir eis Stad a fir eis Regioun, wéi mer dat regelméisseg am Gemengerot maachen, och nach eng Kéier kënnen diskutéieren. Also vun eiser Säit, vun der LSAP, gréng Luucht fir deen dote PAP. Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Codello. Mir kéinten dann zur Ofstëmmung kommen.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité provisoirement le PAP "01/03 Université/Cité des Sciences".*

## 3. PAP „op der Haart“: 1er vote: décision

Da kéime mer direkt zum PAP fir de Cactus. 24.000 m$^2$, iwwer 2.600 Parkplazen. Dovunner iwwer 2.000 fir d'Clienten. Bal 300 Parkplaze fir d'Personal vum Cactus. 50 nei Plaze fir d'Résidanten, déi nei Appartementer an der rue de Cologne kréien. Dat heiten ass, mengen ech, e Projet deen onheemlech wichteg fir eis Stad Esch ass, och fir eng Grande surface an en Tissu existant eranzekréien. Et ass kee Cactus deen op der grénger Wiss gebaut gëtt. Mir hunn, mengen ech, och e bësse gekämpft am Ufank, andeem mer gesot hunn, net alles kann a soll op Belval kommen. Och am gewuessenen Esch muss et Infrastrukture ginn, déi eiser dynamescher Entwécklung am gewuessenen Esch Rechnung droen a mir sinn duerfir frou, dass de Grupp Cactus mat op deen dote Wee gaangen ass.

Ech mengen och vun der Prozedur hier wiere mer esou virgaange wéi een et muss maachen. De Projet gouf de Kommissioune presentéiert, diskutéiert. Et war eng grouss Biergerinformatioun. Et ass alles entaméiert fir den Doléancen déi op eng ganz konstruktiv Aart a Weis presentéiert gi si vun de Bierger, Rechnung ze droen. A mir sinn duerfir frou als Schäfferot, dass mer dee Projet elo op den Instanzewee kréien, wa mer haut de „Go“ vum Gemengerot kréien. An ech géing dann an deem Sënn direkt eisem Bauteschäffen d'Wuert gi fir eis d'Eckdaten nach eng Kéier ze nennen.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Also Dir hutt et gesot et ass u sech d'Escher Äntwert op Wickreng. Et ass eng Grande surface awer net op der grénger Wiss, mä am Tissu urbain. Et ass eng Surface commerciale déi och, an an engem ganz staarke Mooss, op foussleefeg Clientèle, op Clientèle mat ëffentlechem Transport tabléiert, déi selbstverständlech och Clientèle huet, déi sech mam Auto dohin déplacéiert.

Et ass um Site wou den heitege Cactus Hobby – stoung, kann ee bal soen, well et steet net méi vill do. Mëttlerweil ass en ofgerappt. Et muss een och wëssen, dass dat e Site ass, deen ëmmer eng kommerziell an eng artisanal Aktivitéit hat, well do virdru stoung do eng Brauerei drop. Wat ass do elo geplangt a wat ass dat, wat Dir haut virleien hutt? Et ass esou, dass déi Versioun déi Dir haut virleien hutt, déi véiert ass mëttlerweil, an et ass déi, déi nom Avis vum Ministère de l'Intérieur zesummen nach eng Kéier mat dem Grupp Cactus duerchgeschafft ginn ass. An déi vun dohier sech och wesentlech verännert huet. Si huet sech och verännert par rapport zu där Presentatioun zu deem Projet, deen am Oktober, wann ech et richteg an Erënnerung hunn, an eise Kommissioune war, an deen elo nach eng Kéier an eise Kommissioune presentéiert ginn ass.

Also ech géing einfach wëllen op déi grouss Eckwäerter eng Kéier agoen. Et gëtt e Parking Souterrain mat dräi Niveauen am Souterrain gebaut, wou awer deen éischten Niveau Souterrain, en Niveau en sur-élévation au rez-de-chaussée ass, op der Héicht vum Boulevard Grande-Duchesse Charlotte. Wou dann déi natierlech Topographie vum Terrain genotzt gëtt fir dat ze versenken. D'Topographie bleift eigentlech herno erëm esou erhale wann d'Gebai drop steet. Also et sinn dräi Niveaue Souterrain. E Parking mat ronn 2.600 Parkplazen. 2.000 fir d'Surface commerciale, 50 fir déi Residenzen, déi an der rue de Cologne entstinn. 250 fir d'Personal vum Cactus oder vun der Surface commerciale. An dann 300 fir e Park & Ride, e Parking fir longue durée, dat ass en Arrangement wat d'Gemeng fonnt huet mam Grupp Cactus am Kontext vun där Cessioun vu 25%, déi jo e Promoteur muss un d'Gemeng cédéiere fir Infrastructures publiques. Well mer net onbedéngt do nach eng Spillplaz op den Daach vum Gebai wollte setzen, ech wëll dat elo e bësse plakativ soen, mer awer e grousse Besoin hunn un ëffentlechem Parkraum à longue durée, hu mer dat Arrangement do fonnt. D'autant plus, wou mer op där anerer Säit och amgaang ware schonn ze iwwerleeën, um Boulevard Aloyse Meyer ... an domat ass och vläicht eng grouss Diskussioun an eng grouss Suerg déi mer ëmmer hunn, ewech.

Ech wéilt net op déi technesch Froen agoen, déi reglementaresch Froen, wéi ee wat fir e Stréch muss zeechnen, wat den Intérieur eis recommandéiert huet. Do hu mer einfach tel quel eis den Avis vum Intérieur zu eege gemaach. Dir hutt dee virleien a mer hunn dem Grupp gesot, an hiren Architekte gesot, si sollen et esou zeechnen an esou opbereede wéi dat vum Ministère de l'Intérieur verlaangt gëtt. Souwuel wat d'Partie graphique wéi d'Partie écrite ugeet. Elo sinn awer aner e bësse méi wichteg an e bësse méi wesentlech Froen och vum Intérieur artikuléiert ginn an déi meescht huet de Schäfferot och seng eege gemaach. De Projet ass do nach eng Kéier mam Grupp Cactus iwwerschafft ginn.

Dat éischt war, dass sollt ganz kloer e Parkraumschlëssel nach eng Kéier kritesch hannerfrot ginn. An deen ass och nach eng Kéier kritesch hannerfrot ginn, an ass och par rapport zur initialer Planung nach eng Kéier erofgaangen, ëm ronn 300 Parkplaze fir elo finalement op 2.600 tout confondu ze landen, inklusiv déi 300 fir de Parking longue durée. Eng grouss Suerg, wou den Intérieur hat, déi mir och haten, war, dass an deem Projet, deen am Oktober presentéiert ginn ass, am alleréischte Projet dee mer och an den

Intérieur geschéckt hunn, do nach e Parking en toiture virgesi war, mat enger Schneck bausse leiend, fir erop ze fueren an der Richtung vun der rue de Cologne. Dat war eppes, wou mer direkt och eis eege gemaach hunn a gesot hunn, also dat kënnt net a Fro, kuckt dass Dir dat ewech kritt a kuckt, dass Dir déi Léisung do an dem Souterrain fannt, dee Parkraum deen Dir eventuell braucht. Mä finalement ass festgestallt ginn, dass en dann awer no engem Recalcul méi gebraucht ginn ass, dass deen am Souterrain crééiert ginn ass.

Domat sinn zwee Effekter erreecht ginn. Éischtens war dat positiv fir der Versigelung vun där ganzer Parzell entgéint ze wierken. Doduerch, dass elo kee Parking méi um Daach ass, kënnt eng Toiture verte drop, zum Deel mat enger intensiver Begréngung déi eng ganz wichteg Roll huet. Souwuel fir de Mikroklima wéi awer och fir d'Rétention des eaux. A vun dohier ass där Angscht déi bestanen huet, an déi mir och haten, dass mer eng zousätzlech Versigelung géinge maache vu Surfacen, entgéint gewierkt ginn.

Zweete Problem deen domat ewech gefall ass, war déi Opfaartramp an der rue de Cologne déi zousätzlech Verkéier an d'Monnerecher Strooss gezunn hätt. Déi ass domat och ewechgefall an och huet et der Ästhetik vum Gebai gutt gedoen.

Drëtt Fro déi och zréckbehale ginn ass, dat ass, dass e ganz grousse Souci op d'Plantatioune geluegt ginn ass. An da gesidd Dir an der Partie écrite, dass deem Deel eng ganz grouss Suergfalt zoukomme gelooss ginn ass, an dass souguer an der Partie écrite mentionéiert ass, dass de Grünordnungsplan nach muss erstallt ginn, an dass dee Grünordnungsplan nach muss mat de Gemengenautoritéiten ofgekläert ginn. A mir gesinn dat och esou, dass dee Grünordnungsplan mat an d'Convention de viabilité integréiert gëtt, déi en dernier ressort jo och nach vum Gemengerot muss approuvéiert ginn. Ech wëll elo net hei op den Detail agoen. E steet och nach net ganz ‚den Detail, well e muss mat de Bierger, déi concernéiert sinn, déi an direkter Noperschaft wunnen, ofgekläert ginn. Well net méi spéit wéi bei der Biergerversammlung ass jo do d'Suerg artikuléiert ginn, notamment vun deene Leit an der rue de Rotterdam: "Jo, kënne mir dann do matschwätzen?" An do ass gefrot ginn: "Wär et do net méiglech, héich Beem hinzesetzen?" Do ass vum Promoteur selbstverständlech Jo gesot ginn, mä dat soll zesumme mat de Leit vun der rue de Rotterdam, dat si jo déi éischt déi concernéiert sinn, soll dat mat développéiert ginn.

Grouss Suerg déi och war, dat war generell de Verkéier. Et kann ee resüméierend elo soen, dass d'Haapterschléissung vum Autosverkéier sech iwwert de Boulevard Grande-Duchesse Charlotte mécht. Eran, eraus, mat engem Souterrain fir eran ze fueren. Also mat enger Ënnertunnelung vum Boulevard Grande-Duchesse Charlotte fir riets laanscht den ALTENA dann ënnerierdesch no lénks ze queere fir dann an de -1 eranzekommen. An ech mengen, et ass an de Kommissiounen och en long et en large exposéiert ginn, wat domat eng weider Fluiditéit um Boulevard Grande-Duchesse Charlotte sécher stellt. Dass déi Leit, déi wëllen an de Supermarché erafueren, net do blockéieren.

Et ass och wichteg ze wëssen, an Dir gesidd dat och op Äre Pläng déi Dir virleien hutt, dass d'Ponts et Chaussées wëlles huet, déi Kräizung zu Lalleng, déi mat roude Luuchte gesteiert ass, ersetzen duerch e Rondpoint an dee Rondpoint ass développéiert ginn zesumme mat Ponts et Chaussées, zesummen op der Verkéiersetüd, déi awer vun engem renomméierte lëtzebuerger Büro gemaach ginn ass: Schroeder & Associés. Déi huet och elo den Aval vum Bauteminister fonnt, sou dass dee Rondpoint do och elo net méi eng Hypothes ass, mä dee Rondpoint huet den Aval vum Bauteminister fonnt a gëtt och esou da geplangt a soll och ugefaange ginn esou schnell wéi méiglech, dass e fäerdeg ass, dee Moment wou de Supermarché och fäerdeg ass.

En anere grousse Souci war d'Integratioun an de Quartieren. Et ass elo esou, dass do eng Gréngfläch ass, zum Deel awer och eng asphaltéiert Parkplaz, wou awer eng gewësse Perméabilitéit méiglech ass. Och wann dat Privatterrain ass, hunn d'Leit sech awer ugewinnt doriwwer ze goe fir aus der rue de Turin oder vun der Place de l'Europe bis an d'Monnerecher Strooss ze goen. D'Kanner sinn zum Deel ënne laanscht gaangen iwwert de Parking fir an d'Schoul ze goen. An do war eng grouss Suerg déi mir och als Schäfferot haten, dat war fir déi foussleefeg Duerchlässegkeet vun där Parzell sécher ze stellen. An no laangen Diskussiounen déi mer mat den Architekten haten, hu se awer eng ganz, ganz korrekt Solutioun fonnt an déi läit op zwee Niveauen.

Deen éischten Niveau ass deen, dass duerch d'Galerie marchande e Foussgängerduerchgang ass, wéi eng Mall, déi iwwerdeckt ass mat Glas, déi e Passage ass an déi op ass fir de Public, esou laang wéi d'Galerie marchande op ass. Also am Prinzip wéinstens vun 8 Auer moies bis 8 owes kënnen d'Leit aus deem Deel vum Quartier duerch d'Galerie marchande ofkierzen op där anerer Säit an d'Monnerecher Strooss duerchgoen an et dréit deem souguer Rechnung, dass do d'Topographie verschidden ass an déi Duerchgängegkeet duerch d'Galerie marchande ass och mobilitéitsgerecht.

Zweete Phenomène war dee vun de Kanner, déi sech hir Trampelpfaden, wéi dat genannt ginn ass, gesicht hunn, an déi einfach iwwert déi Parzell gaange si fir an d'Schoul eriwwer ze goen. Do ass och elo an deene Gréngsträifen déi ëstlech leien, déi rue de Cologne leien, do bleiwe Gréngfläche recht an déi ginn och erschloss, déi ginn och zesumme mat der Gemeng erschloss an do sinn d'Trampelpfade agezeechent. Do hunn en Deel Enseignante sech och bereet erkläert fir awer schonn ier dee Projet hei ëffentlech presentéiert ginn ass, gegebenefalls zesummen do mat de Planer, mat den Ingénieuren, mat de Kanner, esou e Projet ze maachen: Wou solle mer elo de Schoulwee duerch d'Gréngfläch hei vum Cactus maachen? An do ass eng grouss Réponse gewiescht. Et ass sécher esou, dass dee Wee deen d'Kanner sech eraussichen och deen ass, dee se herno trëppelen an net dee wou d'Architekten oder d'Ingenieuren um Räissbried zeechnen. Dat ass net onbedéngt dee wou se trëppelen.

Eng aner grouss Force, déi de Projet mëttlerweil huet, dat ass, dass e véier Entréeën huet. Véier Entréeën huet, an déi véier Entréeën an enger grousser Proximitéit ënnert deem 300 m Radius deen allgemeng ugeholl gëtt fir de Bus, dass en akzeptabel ass fir déi nächst Bushaltestell, dass iwwerall do den 300 m Radius respektéiert gëtt, an dass op deene véier Entréeën u sech an direkter Proximitéit e Busarrêt ass. An et ass en neie Busarrêt, dee soll virgesi ginn um Niveau vum Boulevard Grande-Duchesse Charlotte. E Busarrêt an der Monnerecher Strooss, deen awer mat den Opérateure vum ëffentlechen Transport nach elo ze diskutéieren ass a festzeleeën ass, wou e genau ass. A vun dohier ass déi Suerg och ewech. An domat ass de Supermarché och sécher méi mobilitéitsgerecht wéi een deen op der grénger Wiss gebaut gëtt.

Grouss Suerg déi nach war, a wou och eng korrekt Léisung fonnt ginn ass, war déi, wat geschitt mam Verkéier an der Monnerecher Strooss duerch d'Proximitéit vun der Schoul? Ideal hat de Schäfferot sech virgestallt, dass nëmmen eng Entrée wär um Niveau vum Boulevard Grande-Duchesse Charlotte. Dann hätte mer de Problem geléist gehat. Et schéngt awer net esou einfach ze goe vun de Virschrëfte wat d'Sécherheet vum Parking ugeet. Et ass elo eng Léisung an deem Sënn fonnt ginn, dass keen Zougang an de Supermarché iwwert déi Entrée/Sortie vum Parking an der Monnerecher Strooss méiglech ass. Et kann een net vu Monnerech kommen a riets ofbéie fir an de Supermarché eranzekommen. Wat huet dat zur Konsequenz? D'Leit fueren net dee Wee, well wann ech net riets erakommen, wann ech fir d'éischt muss an de Rondpoint eroffueren, dann am Rondpoint eng Éiereronn dréien a fir dann erëm an d'Monnerecher Strooss zréck ze kommen, da fueren ech direkt um Boulevard Grande-Duchesse Charlotte eran, dat ass méi einfach. Da fueren ech ëmmer 'riets ofbéien'. Et kann een och nëmmen op där Plaz erausfuere Richtung Esch. Also och net Richtung Monnerech. Et ass bautechnesch esou gebaut, dass do lénksofbéie Richtung Monnerech net méiglech ass. Deen Deel Monnerecher Strooss, deen tëschent, ongeféier der heiteger Entrée vum Parking vum Hobby bis Richtung Boulevard Grande-Duchesse Charlotte läit, do spillt sech deeselwechte Verkéier of wéi haut a méi kënnt es net dobäi.

De Ministère de l'Intérieur hat virgeschloen, fir eventuell deen Tronçon vun der Monnerecher Strooss, deen awer eng Statsstrooss ass – vun dohier ass et net esou einfach – fir deen ze condamnéieren an do en Espace public ze maachen. Dat hätt awer den désagréabelen Nieweneffekt gehat, an dat hu mer en long et en large diskutéiert, och mat der Circulatioun, mat dem Verkéiersschäffen, dass mer dann hätte misste de Verkéier komplett laanscht d'Schoul leeën. Entweder ënnen am Boulevard Pierre Dupont oder uewen erop, laanscht de Lycée technique. Also mir hätten näischt gewonnen do dermat a mer hätten éischter méi Verkéier an de Quartier eragezunn. Esou dass dat do déi Léisung war, an dat weess een, dat huet ee sécher schonn op Parkinge gesinn, dass et duerchaus méiglech ass dat baulech esou ze maachen, dass een net anescht ka fuere wéi déi baulech Guidelines een da féieren. Et kann een et probéieren, da kascht et normalerweis eng Felg déi een duerno muss reparéiere loossen.

Et ass och esou, dass mer do wäerte verlaangen an do och matschwätzen, dass d'Signalisatioun am Parking esou ass, dass e Maximum am Parking schonn orientéiert gëtt, dass d'Leit guer net d'Tendenz kréien, fir an d'Monnerecher Strooss eraus ze fueren.

Wat sinn elo nach d'Suerge vun de Leit aus dem Quartier? Et war am wesentlechen d'Proximitéit zur rue de Rotterdam. No der Presentatioun sinn do en Deel Ängschte verschwonnen, virun allem doduerch, dass de Grupp sech bereet erkläert huet, an dorop hu mir och insistéiert, dass deen Développement vun där iwwerdecktener Fournisseurszoufaart – déi ass iwwerdeckt mat engem halwe Meter Terrain drop, wou een also richteg Plantatioune kann drop maachen, net nëmme Gras wat am Summer souwisou verbrannt ass, mä richteg Plantatioune – dass een d'Gestaltung dovu wéi deen Talus bis un d'Grondstécksgrenz vun de Leit, zesumme mat den Awunner kann développéieren. Sou dass dat zesumme mat den Awunner entwéckelt gëtt, gestaltet gëtt, a sécher esou, dass d'Awunner zefridde sinn. A wann een et da kuckt, da vergréissert sech u sech de Raum vun den Awunner ëm deen Talus, dee Gréngraum, de Gaarderaum vun den Awunner, an ëm dat wat uewendrop steet, bis un d'Fassad vum Cactus. A vläicht wa se en Arrangement mat hinne fannen an Notzungsrecht kréien, dee wäert sécher net do dergéint sinn, da kréie se eigentlech eng Verdräifachung vun hire Gäert déi se haut hunn. An dat ass op eng Kéier verstane ginn, an do ware ganz vill Ängscht fort wéi d'Leit gemierkt hunn: Hei, mir däerfen do matschwätzen. Mir kréien do eppes dohi wat schéin ass, wat flott ass. Mir hunn e Matsproocherecht. Do ware ganz vill Ängschten do ewech.

Nach eng Kéier, wat och net üblech ass an engem PAP wou mir awer drop insistéiert hunn, dass et hei misst an der Partie graphique festgeluegt sinn, dat ass de Manuel d'architecture. A wann Dir dee kuckt, deen ass ganz detailléiert. Also et geet net, dass mer elo e PAP stëmmen an dann herno, ech soen et mol, eng véiereckeg Wellblechkëscht dohi kréien. Hei ass am PAP genau festgeluegt, wéi dat soll ausgesinn an dat ass virgeschriwwen an dat gesäit dann och herno esou aus wéi dat elo an deene Publikatioune presentéiert ginn ass. Mat Cortainstol deen eng lieweg Fassad duerstellt, mat ganz vill Glas, mat Duerchliichtunge maximum op natierlech Beliichtung. Deen Hall d'entrée an déi Mall, an dee Passage ass mat virgesinn, ass mat beschriwwen, ass eng Obligatioun, ass schonn architektonesch dra beschriwwen. En Aménagement vun den Espaces verts ass scho bis an e ganz grousse Schäerfegrad beschriwwen, an et ass nach eng Kéier festgehale ginn, dass e Manuel do och nach ze definéieren ass. Dee wollte mer elo net méi am Detail definéieren opgrond vun deem wat ech virdru gesot hunn. Do sollen d'Noperen aktiv nach mat agebonne ginn. An de Manuel énergétique deen ass och ganz detailléiert schonn. Also och nach méi perfektionéiert ginn an an der Erschléissungskonventioun festgehale ginn.

Ech hunn elo ganz vill iwwert de Supermarché geschwat. Et ass awer och ze soen, dass ënnen an der rue de Cologne och nach Residenzen entstinn. Déi Residenze sinn architektonesch schéi Residenzen. Do kann een natierlech ëmmer gedeelter Meenung sinn, mä et ass awer eppes wat sëcher eppes, wat ausgefeilt ass. Et ass net eppes Véiereckeges dohigepechtenes an et ass och esou gestalt, dass et sech integréiert, an dass et an d'Bausubstanz déi haut do ass, sech parfaitement integréiert, souwuel wat d'Héichte wéi wat d'Volumen ugeet. Den Iwwergang zu där bestehender Bebauung an der rue de Cologne, wat Eefamilljenhaiser sinn, ass gelongen ,well op deem Niveau fänkt et un an da gëtt et e bësse méi héich an dann adaptéiert et sech un deene Bléck déi vis-à-vis an der rue Schaeftgen sinn, esou dass ee vun dohier och ka soen, dass dat dann deen Eck, déi Vaine déi do haut besteet, dass déi dann och domat geschloss ass den terrain vague deen do besteet, déi Baulücke, dass déi dann och domat zougebaut gëtt. An dass mer och nach ronn 35 héichwäerteg Wunnengen do bäikréien, an de Quartier, an domat och deen Eck dann do urbanistesch ofgeschloss ass.

Ech mengen dat hei ass en Gros dat wat elo zum Projet nach ze soe bleift. En ass presentéiert ginn an de Kommissiounen. Et ass ee vun deene Projeten an deene leschte Joren dee wierklech permanent begleet ginn ass, och vun eise Kommissiounen. Deene Bemierkunge vun de Kommissiounen ass Rechnung gedroe ginn an de Projet ass dofir geräift an ass haut op engem Maturitéitsstadium ukomm, wou een e ka sécher mat guddem Gewëssen dem Gemengerot proposéieren. An de Projet ass sécher eng

Beräicherung fir Esch. An d'Madame Buergermeeschter huet et gesot, et soll net alles op d'gréng Wiss kommen. A genau esou wéineg soll alles herno op Belval sinn. Well mir hunn am Ufank, wéi mer vu Belval geschwat hunn, hu mer heiansdo gefaart, dass dat zevill e Magnéit géing ginn, deen alles géing dohin zéien an näischt méi an Esch géing bleiwen. An och de Grupp Cactus war bal deem Sirenegesang so erleeën a mir sinn dofir frou, dass en him net erleeën ass, an dass en elo an engem ganz staark bewunnte Quartier déi Struktur gemaach huet a geplangt huet, an dass een net muss den Auto oder de Bus huele fir op Belval ze fueren.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Hinterscheid. Den Här Zwally huet nach Froen.

**André Zwally (CSV):** Ech wollt awer dem Bauteschäffe Merci soe fir nach eng Kéier ze rappeléiere wat de ganze Projet duerstellt. Ech wäert awer hei keng Caleçonsdiskussioune féiere wéi dat de Fall war an der Biergerversammlung. Ob de Projet elo gutt ass oder net, ob ech ka mäi Caleçon dohinner kafe goen oder hei an Esch. Ech denken dat war e bëssen, wann ech déi Diskussioun do mat suivéiert hunn, déplacéiert an dat wäert eis och net dovun ofhalen, fir eis Meenung zu dem Projet ze soen.

Ech menge gemeinsam hu mer schonn Ustrengunge gemaach an deene gesamte PAPen déi mer op eisem Territoire op der Gemeng gemaach hunn an deene leschten aacht Joer. Mir hate gréisstendeels keng fundamental Meenungsverschiddenheeten. Bei den Exploitatioune vun de fräistehende Baulücken hunn d'Avisen an de Kommissioune bal ëmmer d'Unanimitéit fonnt.

D'CSV huet och ëmmer versicht, tëschent de gewuessene Strukturen, déi mer hei an Esch kennen, an der neier Struktur um Niveau vum Quartier Belval/Ouest, en Equiliber ze fannen. Obscho mer der Meenung sinn, dass et an Al Esch mat deene gewuessene Strukturen wichteg ass fir Upassunge baulecher Natur ze siche fir och eng Weiderentwécklung vun de Projeten an engem Sënn vu Wunnen, Schaffen an och virun allem en Deel vu Mobilitéit mat anzeschléissen. Ech menge Belval/Ouest hu mer ëmmer gesot, datt dat fir eis de klenge Quartier vun den Défense ass, wéi deen zu Paräis. Eppes ganz neits, eppes wat mer kënne plangen an ech denken, dass d'CSV dës öfteren hei bewisen huet, dass dat fir eis kee Problem ass fir alles dat dote mat ze begleeden.

Mir hunn haut dräi PAPen zur Ofstëmmung. Ee vun deenen ass de Cactus PAP, deen am Quartier Lalleng sech wäert presentéieren. Ech géif nach gär eng Kéier kuerz den Historique maache vun deem wat an deene leschten aacht Joer um Niveau vun deem Quartier Lalleng selwer geschitt ass. Do hu mer zwee grouss PAPe gehat. Dat ass dee vum Pudel 1 a Pudel 2 a mir hunn d'Diskussioun iwwert de PAP vu Montpellier gehat. Staatlechersäits ass de Lycée technique nei gemaach ginn, esou dass ee ka soen, dass innerhalb vun deem ganze Quartier déi doten dräi PAPen déi waren, déi déi wichtegst waren déi mer an deene leschten aacht Joer geholl hunn. Elo schwätze mer vun deenen dräi Haaptachsen, déi och hei de Bauteschäffen mol mentionéiert huet. Dat sinn déi, déi ronderëm de Quartier lafen. An ech huelen do mol d'Lëtzebuerger Strooss, ech huelen de Boulevard Grande-Duchesse Charlotte deen dann d'Verbindung mécht zu der Pénétrante. An op de Périphérie selwer vun deenen dräi Haaptachse begéine mer och nei PAPen.

Dat ass den ALTENA dee mer och hei matgestëmmt hunn. Den ALTENA selwer, fir dat mol eng Kéier esou an Zuele virzestellen, dat sinn 204 Appartementer an 18 eenzel Haiser. Mir hunn de PAP vu Montpellier gehat, dat sinn 113 Appartementer. A mir kréien elo um Niveau vun dem Grande-Duchesse Charlotte, an der Diskussioun wou mer ëm den Henri Dunant geschwat haten, déi drëtt Phas. Wann dann déi gréng Schoul eng Kéier fort ass, gëtt eng drëtt Phas dohinner gebaut wou zousätzlech och nach véier Appartementshaiser kommen. A mir hunn an der Pénétrante, d'Nonnewise brauch ech net hei virzestellen, wou mer jo prinzipiell gesot hätten, mir géingen nëmmen eng Entrée an eng Sortie maachen, wou jo 5.000 Leit sollen heihinner wunne kommen. Dat sinn eigentlech d'Périphérien déi Haaptachsen déi herno nach zousätzlech belaascht ginn opgrond vun deene bestehenden, deenen neie PAPen déi herno wäerten dohinner verwierklecht ginn, wat haaptsächlech den Niveau vun der Mobilitéit ubelaangt.

Wann ech elo de Kreesverkéier huelen dee mer ugeschwat hunn, do géif ech e Beispill ginn, dat ass dee vun der Gare. Ech denken dass de Kreesverkéier net alles wäert léisen. Mir wësse wann do Foussgängersträifen do sinn, mir kennen dat jo och alles, da gëtt dee fléissende Verkéier, dee mer eis virstelle wéi e sollt lafen, souwisou ënnerbrach. Dat ass een Zeechen dat net extra gutt ass an dat fir eis als CSV e wierkleche Problem elo duerstellt.

Mir hunn och déi Diskussioun vun deenen 2.600 Parkplazen. Dat ass vill. Wann een dann och kuckt wat fir e Rendement de Cactus selwer brauch a wat fir ee Flux dass e brauch fir permanent Leit ze kréien, wou jo vu 400 Entrées/Sorties geschwat ginn ass fir kënnen d'Saach ze garantéieren, da kënnt dat nach zousätzlech dobäi. Et geet net duer wa mer soen, mir hunn haut eng bestehend Struktur wou mer de Cactus Hobby hunn. Mir hunn dee klenge Cactus, do wou fréier och ëmmer d'Jeunesse Terraine waren ...

(Interruptioun)

D'US Esch, jo. Mä d'Jeunesse hat dat och. Jo d'Trainingsterrainen ... Ech mengen, fir dat nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen, fir dat dohinner ze konzentréieren. Ech mengen opgrond och vun der Unzuel vun den neie Parkplaze seet dat vill aus. Fir eis en zousätzleche Problem bei der ganzer Verkéiersproblematik.

Mir hunn och ëmmer drop higewise bei deene PAPen déi ech elo mentionéiert hunn, datt elo schonn d'Densitéit, respektiv och de Verkéiersproblem extrem schwéier ass an dat wäert sech nach esou bewahrheiten, dass et wierklech wäert déi grouss Erausfuerderung gi fir de Verkéiersschäffen, wann dat doten eng Kéier bis realiséiert wäert sinn.

Mir hunn et als lokal Optik gesinn. Lokal ass dovunner geschwat ginn, dass jiddweree wäert zu Fouss dohinner goen. Ech ka mer et schlecht virstellen, well jiddwereen deen haut akafe geet, deen ass gewinnt fir eng gewësse Konfortsituatioun ze kréien, wou hie mam Auto wäert an de Cactus erafueren. D'Méiglechkeet ass ginn, hie wäert dat och maachen. Ech ka mer net virstellen, dass Leit do sinn, wa se nëmmen e Sixpack Evian ze kafen hunn, déi da wäerten zu Fouss dohinner goen.

De regionale Charakter hunn ech schonn eng Kéier gesot, dee gréisstendeels duerch d'Lëtzebuerger Strooss leeft. Eng vun deene groussen Achsen déi mir hei hunn. Dee wäert och net ofhuelen. Och net dann, wann den Niveau vum Boulevard Micheville wäert gebaut ginn, wou mer nach ëmmer drop waarden. Ech menge mir hunn an dem

Transfrontalier doriwwer geschwat, 2012 kann dat goen. Dann ass vun eis d'Suggestioun komm gewiescht, fir iwwerhaapt de Projet als Ganzes, fir dee kënnen op de Monkeler ze bauen, well dat dee regionale Charakter vun deem wat mer do als Verkéiersinfrastuktur hunn, eis kéint hëllefen op d'mannst de Problem aus dem Quartier eraus ze halen.

Ech géif awer nach drop opmierksam maache bei deem Ganze wat mer elo hei vun der verkéierstechnescher Diskussioun hunn, datt mer och de Schlassgaart nach hunn. De Schlassgaart, dee mer amgaange sinn ze développéieren, a wou mer och versichen eng Strooss ze fannen, déi eis de Schlassgaart als Ganzes géif entlaaschten a wou jo verhandelt gëtt. Ech weess net wéi wäit dass déi Verhandlunge sinn. Mä op d'mannst verhandelt gëtt mat deem Terrain deen haut nach Arcelor Mittal gehéiert fir da kënnen de Schlassgaart ze dégagéieren innerhalb vun deem bestehende Perimeter vun Arcelor Mittal op den Niveau vun der Lëtzebuerger Strooss, respektiv méi wäit eraus fir op de Boulevard Aloyse Meyer ze kommen, fir da kënnen iwwert d'Pénétrante vu Lalleng op d'A4 ze kommen.

Ech denken, dass mir prinzipiell net géint de Projet sinn, wëll ech hei och nach eng Kéier kloer betounen, hunn ech och schonn eng Kéier gesot, ëffentlech, dass mer net géint de Projet sinn. Mir fannen en eng Revalorisatioun um Niveau vun deem wat Esch kann duerstellen. Mir hu just de Problem mat der Verkéierssituatioun, déi net wäert einfach sinn. A mer géifen och haut scho soen, dass de Verkéiersschäffe sech sollt Alternativen ausdenken am Fall wou mer dat doten iwwerhaapt net méi geléist kréien. Well mir gesinn d'Problemer op den Haaptachsen, mir gesinn d'Problemer mat den Densitéiten, mir gesi Problemer wéi mer dat dote kënnten als Gemeng léisen.

An, wéi gesot, aus där Ursaach an aus deenen Erklärungen déi ech elo ginn hunn, wäerte mir eis och bei dësem PAP enthalen.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Zwally. Dann ass et um Här Codello an dono um Här Knaff an um Här Weidig an um Här Huss.

**Daniel Codello (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wéilt dann och kuerz op dëse PAP agoen. Wéi den Här Hinterscheid a senger Presentatioun et gesot huet, waren déi zoustänneg Kommissiounen e puermol mat deem heite Projet befaasst, och opgrond vun deem wat den Här Zwally ugeschwat huet, der Verkéierssituatioun, do sinn zwou Kommissiounssitzungen extra aberuff ginn. An d'Partner wéi Schroeder & Associés hunn och do de Considératioune vun de Kommissiounen awer Rechnung gedroen an och herno dem Schäfferot senge Considératiounen. An doropshin huet de Schäfferot awer och, an dat ass, mengen ech, esou däitlech awer nach net gesot ginn, de Considératioune vum Inneminister sengem Avis vun der Commission d'aménagement zu 100% Rechnung gedroen. Esou dass dat wat haut hei virläit, wéi den Här Hinterscheid et gesot huet, eng gewësse Maturitéit huet fir kënnen dem Conseil virgestallt ze ginn, an och dem Vote ënnerluegt ze ginn.

Mir hunn hei am Gemengerot schonn dës öfteren, meeschtens an de Budgetsdebatten, virgehäit kritt, mer géingen eis net ëm d'Expansion économique bekëmmeren. Et ass ëmmer, meeschtens vu Säite vum Här Knaff komm. Et wäert vläicht haut dann net kommen, well hei ass eent vun de Beispiller, dass mer eis awer fir d'wirtschaftlech Ausdehnung vun eiser Stad an och an hirem regionale Rôle hei am Süden Gedanke maachen. An net nëmme Gedanke maachen, mä hei läit e Projet um Dësch dee ka realiséiert ginn, deen en ekonomeschen Impakt huet fir d'Stad Esch a fir d'Regioun deen net ze negligéieren ass. Här Knaff, huelt dat dann och eng Kéier zur Kenntnis.

An Zäite wou mer vun enger ekonomescher Kris an enger finanzieller Kris schwätzen, ass dat heiten och e Secteur, ee vun de wéinege Secteuren hei am Land, deen Aarbechtsplaze crééiert. Mir sinn hautesdaags net op Rouse gebett wat dat ugeet. Jiddweree liest all Dag an der Zeitung oder héiert am Radio vu Firmen hei am Land wou ofgebaut gëtt. Dat heiten ass awer e Secteur, e kommerzielle Secteur deen ee vun de wéinegen ass deen direkt gesot huet, bei eis gëtt nach en générale Plaze geschafen. An hei ass ee vun de konkrete Beispiller ob Escher Territoire wou nach Aarbechtsplazen an deene schlechten Zäite geschafe gëtt. Och dat ass en Considératioun ze zéie wann ee sech mat deem heite Projet ausernee setzt.

D'Madame Buergermeeschter ass och schonn drop agaangen, dass et eng eenzegaarteg Chance ass déi mer hei huele fir d'Realisatioun vun esou engem Hypermarché wéi et am Avis vum Minister Halsdorf steet, ze realiséieren a quasi net wäit vun eisem Zentrum vun der Stad ewech. An et ass och schonn een Argument hei ernimmt gi wat ech och opgeschriwwen hunn: Mat aller Léift wou mer hu wat d'Entwécklung vu Belval ugeet, zesumme mat eise Suessemer Kollegen, musse mer awer hei dann och begréissen, dass dat heiten eng Complémentaritéit soll duerstellen, dass mer net wëllen, dass alles op Belval kënnt. Mir hunn déi Angscht, mir hunn déi Suergen, dass net alles soll dohinner drainéiert ginn. Hei hu mer déi eenzegaarteg Chance ze huelen an dofir schwätzt dat heiten och fir d'Realiséierung vun deem Hypermarché an deem urbane Raum.

Ech wëll net op d'Aussoe vun der Circulatioun agoen. De Kolleg Weidig deen do besser placéiert ass, well hie scho méi laang de Führerschäin huet wéi ech, wäert op déi Problemer vun der Circulatioun kënnen agoen. Ech wäert mech mat deem Volet Transport en commun befaassen. Wann den Här Zwally seet, natierlech geet net jiddwereen zu Fouss akafen. Mir och net. Dat stëmmt. Dach, fir d'Zeitung géinge mer mol vläicht an d'Librairie goen. Et ass awer net nëmmen den Hypermarché deen ugeschwat gëtt. Mä wa mer awer kucken, et ass awer och dee Wellnesszenter dee soll do entstoen, deen awer och eng gewësse Partie Leit usprécht, dann ass et awer wichteg, dass dëse Centre commercial mat all sengen niewesächlechen Tätegkeeten zu Fouss, iwwert den Transport en commun an och mam Auto kann erreecht ginn. A wéi gesot, wat d'Problemer vun der Circulatioun ugeet, d'Monnerecher Strooss wou awer och Bedenke gréisstendeels konnten aus dem Wee geschafe ginn, wäert den Här Weidig nach eng Kéier drop agoen.

Dann huet den Här Zwally ugefaange mat der Ausso – ech war leider net do op där Soirée zu Lalleng wou de Promoteur de Projet virgestallt huet – do wier et dann drëm gaangen, kann ech dann elo mäi Caleçon zu Lalleng kafen oder am Brill? Fir de Quartier geet et driwwer eraus, iwwert déi Ausso, kann ech mäi Caleçon do kafen. Et ass awer fir déi Lallenger Awunner och déi eenzegaarteg Chance eng Post bei hinnen am Quartier ze behalen, eng ... ech weess net ob déi Lallénger Caleçon undinn, dat ass elo eng aner Affaire, Här Zwally,

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Dir dierft lech elo net goe loossen.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Soss kucke mer, wat déi Hieler undinn.

**Daniel Codello (LSAP):** Eng Post am Quartier ze behalen, eng Agence vun enger Bank gëtt integréiert do, a virun allem eppes, dat ass engem vläicht ni esou opgefall, mä an dësem Projet sinn och zwee Restaurante virgesinn. Zwee oder dräi, do wäerte mer elo net do net driwwer streiden. Mä et ass awer bis elo, dass déi Lallenger net grad verwinnt waren a sech och ëmmer hu misste wäit bewegen. An dat ass awer fir d'Liewensqualitéit vun deem Quartier e grousse Fortschrëtt wat do wäert op där enger Säit bestoe bleiwen, op där anerer Säit wäert dobäi kommen.

Da kënnt déi Ausso, ech weess net, Här Zwally, d'Nonnewise wäerten tëscht 1.500 an 1.800 Awunner hunn. Ech weess net wéi Dir och schonn an der Kommissiounssitzung op déi 5.000 komm sidd. Also de Projet Nonnewise wäert tëschent 1.500 an 1.800 Awunner bedeiten. 5.000, bon, ech weess net wou déi op de Nonnewise sollen hikommen. Da kommt mir bleiwe bei de richtegen Zuelen, tëschent 1.500 an 1.800 kommen an d'Nonnewisen. Mä mir däerfen net klenglech si wat d'Awunnerzuelen ugeet. Da si mer schnell op 5.000.

Wann Dir Iech schonn enthaalt, da musst Dir eis awer och nach déi Logik erklären, Dir hutt gesot, mir hunn all PAP matgestëmmt an deem Beräich, an deem Quartier. D'ALTENA hutt Dir ugeschwat, Montpellier, wat nei Wunnméiglechkeeten uginn, mä da muss Dir mer dann awer och erklären, firwat Dir Iech haut enthaalt. Well wa mer do awer nei Wunnprojeten an de Quartier bréngen, da musse mer deene Leit awer och déi Méiglechkeet ginn do kënnen akafen ze goen. Deen Hypermarché huet jo net nëmmen eng regional Aufgab. Do ginn ech Iech recht, mat ALTENA a mat Montpellier, ass ganz vill an deem Quartier fir d'Densitéit geschitt. Da musse mer dann deene Leit awer och d'Méiglechkeet gi quasi virun der Hausdier, wéi et an anere Quartieren ass, hir Kommissioune kënnen ze maachen an och aner Déngschtleeschtunge kënnen an Usproch ze huelen.

Wat d'Idee ugeet, den Hypermarché, oder de ganze Projet op Monkeler unzesetzen. Do hunn ech eng éischt Iwwerleeung déi mer an de Kapp komm ass, wat et ganz schwiereg géing maachen. Mir hunn hei e groussen Avantage, wat d'Realisatioun vun deem heite Projet ugeet, dat ass, dass dee ganzen Terrain wou dat drop gebaut gëtt, dass deen an der exklusiver Propriétéit vun där Sociétéit ass. Wa mir elo géingen op de Monkeler goen, dat géing nach Diskussioune mat sech bréngе wat d'Propriétéitsverhältnisser ugeet an da wéi den Här Knaff et elo grad schonn ugeschwat huet: Wa mer scho bal um Monkeler sinn, dann hätte mer et och grad esou gutt kéinten direkt ausserhalb vun der Stad Esch maachen. Et ass scho wichteg, dass et op där heiter Plaz ass fir d'Entwécklung ekonomescher Aart vun eiser Stad. An dofir ass dat heiten dee richtege Choix. Och a Verbindung mat deenen dräi Appartementsgebaier, déi awer och op urbanisteschem Plang deem Quartier e Pluspunkt wäerte bréngen. Den Här Hinterscheid huet et och scho gesot. Vum architektoneschem hier, gëtt dat elo näischt, wou Këschten dohinner gebaut ginn. Also et gëtt deem ganzen och vun der Ästhetik hier, nieft dem Centre commercial, e Pluspunkt fir dee Quartier a fir d'ekonomesch Entwécklung fir d'Stad. A fir d'Regioun e weidere Pluspunkt um Wee zu der Entwécklung vun eiser Stad Esch zu der Haaptstad vum Süden.

Dofir, Madame Buergermeeschter, vun eiser Säit e Jo zu dësem PAP. Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Codello. Dann déi Häre Knaff a Weidig.

**Pierre-Marc Knaff (DP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Dir presentéiert eis hei e wonnerschéine Projet dee vum Grupp Cactus soll realiséiert ginn. Effektiv fannen ech, a begréissen ech och, datt dat elo gemaach gëtt no aacht Joer wou dee Projet huet. Et ass jo och Zäit ginn, datt een do mol e Vote dozou hëlt. Wann dee Projet aacht Joer al ass, da géif ech net mengen, Här Codello, datt Dir, respektiv Är Partei ... dass dat d'Resultat vun Ärer Prospection éonomique ass, datt dee Projet elo hei virläit. Mä ech géif mengen et wier einfach esou gewiescht, datt e Promoteur, en Investisseur hei ass, deen un Esch gleeft, deen en Terrain zu senger Verfügung hat, deen hie gemengt huet, kéint nach besser auszenotzen an deen dofir wollt e Projet maachen, deen am groussen a ganzen allen Escher ka profitéieren. Vun deem hee profitéiert, bien sûr, mä deen awer och den Escher profitéiert, do si mer eis alleguerten eens.

Dat eenzeg wat ech menge wat ee muss bedaueren, dat ass, dass esou ee Projet awer aacht Joer brauch bis datt e prett ass fir gestëmmt ze ginn. Et muss ee sech froen ob do déi bürokratesch Hürden déi een awer muss huelen, bis een dann endlech e Projet prett huet fir dee kënnen ze entaméieren, muss ee sech awer froe wat effektiv geschitt ass. A wa mer heiansdo eis esou Froe stelle firwat leeft et manner gutt oder firwat leeft et méi lues oder firwat komme manner Investisseuren, da muss ee sech vläicht d'Fro stellen effektiv, huet et eppes mat där Durée ze dinn déi ee brauch, bis ee finalement dono ka vun de Planungen zu der Realisatioun iwwertrieden.

Ech wollt d'Gemeng an déi Responsabel vun der Gemeng félicitéieren, datt se dee Projet esou minutiéis begleet hunn an opgepasst hunn, datt allen Intérête Rechnung gedroe gëtt. Den Intérête vum Promoteur an och den Intérête vun den Awunner vun Esch.

Et ass e Projet elo do opgestallt ginn, deen och verkéierstechnesch, hoffe mer mol, dem reegen Interessen deen de Projet wäert mat sech zéien, datt en deem gerecht gëtt. Dat muss d'Erfahrung eis soen. Mä et ass esou, datt deeselwechte Grupp och zu Käerjeng e gréissere Supermarché gemaach huet an datt do och am Virfeld ganz vill Bedenke waren ob dat géif goen, ob dat net géif total Käerjeng do am Trafik erstécken. An ech mengen et huet gewisen, datt dat net de Fall war. Esou datt ech mengen, datt dëse Projet, deen awer och mengen ech, op enger gutt gefouerter Etüd baséiert, géif all deene Problemer am Verkéier Rechnung droen.

Mir begréissen et ausdrécklech, datt nach Leit do sinn déi esou un Esch an un den Zentrum vun Esch gleewen an ech menge mir wësse jo och, datt d'Escher mat deem dote Grupp en particulier awer relativ enk verbonne sinn an et ass och gutt, datt do erëm esou eppes an och där Gréisstenuerdnung do gemaach gëtt, ech mengen dovunner kënne mer alleguerte profitéieren.

Pour ma part géif ech de Feu vert ginn, datt dee Projet elo ka lancéiert ginn. Ech fannen, datt Dir als Gemeng Är Aufgab gemaach hutt andeem datt Dir d'Problemer opgefouert hutt, quitt datt Dir de Grupp natierlech domatter och e bëssen embêtéiert hutt, mä dat ass jo net schlëmm. Ech mengen, Dir musst kucken nom Intérêt vun den Escher Leit, an dat mengen ech, hätt Dir an dësem Fall gutt gemaach.

Wat elo d'Délocalisatioun vun deem Site, wéi dat proposéiert ginn ass elo vun der CSV, op de Monkeler ugeet ... jo, do ass et esou e Problem an dat verstinn ech an der Lescht net bei der CSV. Si ginn dann ëmmer esou Sites alternatifs un. Wann een dann anzwousch eppes wëll maachen, da soe se: Nee, maacht et net do, mir kéinten et jo do maachen. Zum Beispill: Maacht et net zu Lalleng mä maacht et um Monkeler. Bon, de Problem ass natierlech, datt dee Grupp ëm deen et geet, deen hat en Terrain zu Lalleng an net um Monkeler. Esou wéi mer nach deeselwechte Fall haten zu Wickreng, wou och ee wollt eng grouss Surface commerciale maachen. Voilà, da seet hien: Ech bauen elo gär zu Wickreng eng Zone commerciale. Nee, soe se, bau net zu Wickreng, bau zu Léiweng! Mä et ass just de Problem, zu Léiweng huet hie keen Terrain! Hien huet den Terrain zu Wickreng! Voilà, esou datt deen Dirigismus deen do vun der CSV ëmmer wëll gemaach ginn, deen ass e bëssen, mengen ech, aus der Loft gegraff. Kuckt dach, loosst dach Leit do baue wou se hir Terrainen hunn. Ech weess net wat do an lech gefuer ass, mä d'CSV huet sech do eppes ugewinnt fir de Leit ëmmer erëm ze soen: Nee, baut net do wou s du den Terrain hues, bau anzwousch anescht. Mir kënnen dat net richteg verstoen, ech mengen Dir sidd e bësselche midd an ech mengen et géif duerfir Zäit ginn, datt Dir déi nei Saachen do mol anere Leit confiéiert. Mä all Kéiers soen, Nee, gidd anzwousch anescht, dat mengen ech huet kee Sënn. Dofir mengen ech, Är Propos fir op de Monkeler ze goe fannen ech och net esou gutt. Ech mengen de Cactus, fir en elo net ze nennen, hat jo och e Recht fir dohinner ze baue wou hien den Terrain huet. Et gëtt jo awer wesentlech méi bëlleg. Merci.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Knaff. Dann den Här Weidig an duerno nach den Här Baum an den Här Huss.

**Paul Weidig (LSAP):** Also ech wäert mech hei mat der nüchterner awer wichteger Problematik vum Verkéier beschäftegen. Also ech muss soen et ass esou, dass ee scho muss Bedenken hunn an sech seriös mat der Problematik ausernee setzen. Dat gëtt schonn e riese Projet deen awer, wéilt ech gläich vun Ufank u soen, ganz gutt integréiert ass, dee sécher eng Rei Verkéier mat sech bréngt. Dat ass kloer. An duerfir ass och schonn bei der Preparatioun, an ech mengen et muss een dem Schäfferot dofir félicitéieren, dass där Problematik Verkéier wierklech Rechnung gedroe ginn ass, doduerch dass eng zimlech emfangräich Etüd gemaach ginn ass, déi och ënner anerem dozou geféiert huet, dass déi ganz Kräizung vu Lalleng ëmgebaut gëtt.

Mä mir mussen eis awer bewosst sinn, dass deen dote Verkéier awer am Laf vun der Zäit evoluéiert. Dee Verkéier, dee generéiert gëtt duerch deen Akafzentrum. Et entsteet e Méi u Verkéier, dee generéiert gëtt duerch dee vergréisserten Akafzentrum. An deem Kontext wëll ech just dorun erënneren, dass ganz vill an der leschter Zäit vun der Stad vun de kuerze Weeër geschwat ginn ass, an dat heiten ass eng Léisung fir deem kënnen ze begéinen. Wou ee sech misst awer vläicht e bësse Gedanken driwwer maachen, dat ass d'Situatioun vun de Foussgänger. Besonnesch aus der Cité ALTENA, aus Lalleng, aus Lankhelz mat Pudel a souguer aus den Nonnewisen. Dass ze Fouss kënne bequem am neie Cactus akaafen. Mir mussen duerfir suergen, dass mer et fäerdeg bréngen d'Foussgänger gutt iwwer d'Pénétrante ze kréien. An do empfielen ech awer wierklech och d'Situatioun eng Kéier ze analyséieren an ze kucken ob et méiglech ass, mat enger Ënnerführung ënnert där ganz staark befuerener Pénétrante, fir do mat enger Ënnerführung, dat heescht ouni Traapen, dee Problem vun der Ubannung vum Verkéier vun den Nonnewisen u Lalleng an dann och un de Cactus ze léisen. Dobäi kéint och de Schoulwee vun de Kanner aus Lallengdéi an den Nonnewisen an d'Schoul ginn, optimal geséchert ginn. De Problem vu Verkéier fir de Foussgänger, mengen ech, misst eng Kéier op de Leescht geholl. Haut hu mer d'Méiglechkeeten, dass déi Leit, déi an de Cactus ginn, kleng Weenercher huelen, d'Trollye wéi een dat nennt, an dass doduerch awer Leit op kuerz Distanz d'Méiglechkeet gi gëtt, fir kënnen am Cactus foussleefeg anzekafen. Haut hunn d'Leit déi wëllen ze Fouss an de Cactus akafe goen, d'Méiglechkeet, dat wat se kaaft hunn, bequem mam Weenchen ze transportéieren. Kommt, mir ënnerstëtzen déi Initiativ duerch sécher Foussweeër.

Ech mengen et ass ganz wichteg, dass mer e Cactus an Esch hunn. An nach eng Kéier, Monkeler, onofhängeg elo mol vun der Propriétéit vum Terrain, ass keng Léisung. Monkeler ass weder eng urban nach eng rural Léisung. Mer hunn déi Chance fir dat kënnen am Zentrum ze maachen, an engem dicht besiedelten Quartier, ganz no beim Zentrum vun der Stad, mä wéi gesot och fir déi Siedlungen déi ronderëm leien, vun deene Quartieren, mengen ech, ass dat doten eng ganz gutt Léisung. An ech si frou, dass de Cactus sech, no laangen Diskussiounen déi geféiert si ginn, konnt duerchrénge fir awer do ze bauen.

An ech muss lech éierlech soen, datt net d'Lenteur administrative dozou geféiert huet, dass et aacht Joer gedauert huet. De Cactus ass am Ufank geplangt gi vun engem Architekt deen aus Amerika komm ass, dee berühmten, ech weess net, ech kennen den Numm net méi. Mä am Ufank ass effektiv virgesi gewiescht fir do eng Këscht ze bauen. A laang Diskussiounen hunn dozou geféiert, net zu Lescht op d'Insistance och déi zéi Verhandlunge vum responsable Schäffen a vun de Servicer hei, datt mer hei eng Léisung fonnt hunn, déi sech ganz gutt an den Tissu urbain existant intégréiert. An ech mengen dat ass ganz wichteg. Mir hunn eng gutt Léisung fonnt.

Ech bedaueren et e bëssen, dass och an der Lescht an de Sitzungen, ënner anerem och vum Mouvement écologique, hei ënner anerem ökologesch Aspekter opgeworf si ginn, mä nach eng Kéier, d'Situatioun kann nëmme besser ginn. Doduerch dass d'Daachfläche begréngt ginn, hu mer eng Rétentioun vum Reewaasser déi vill méi grouss ass wéi se elo ass. D'Situatioun ass besser wéi virdrun.

Voilà, dat ass dat, wat ech wollt zum Projet Cactus soen. Nach e Wuert zur Architektur. Ech géif mengen, dass et fäerdeg bruecht ginn ass, fir hei eng flott Architektur ze bauen. An dat doten, zesumme mat anere Projeten an Esch an och um Belval, besonnesch um Belval, duerch déi Concours d'architecte, kréie mer ganz flott Objeten dohinner gesat, architektonesch héichwäerteg Objeten. An ech ka mer virstellen, dass Esch och iergendwann eng Kéier eng wichtege Stad gëtt, wou et sech rentéiert heihinner kucken ze kommen, an net nëmme fir de Stadzentrum, dee gewuessenen, mä virun allem och déi flott Architektur, déi hei entsteet dëse flotten Akafsprojet, zesumme mat anere Projeten an Esch, besonnesch um Belval, déi duerch Concours d'architecte erausgesiicht goufen, beräicheren eis Stad duerch eng architektonesch héichwäerteg Baukultur, déi et sech louhnt, ze besichtegen.

Merci, dat war mäi Bäitrag.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Weidig. Den Här Baum an den Här Huss dann duerno.

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** Jo, Merci. Traditionnellerweis ass déi Lénk jo keen terribel grousse Frënd vun Hypermarchéen, well mer mengen datt et méi wichteg a méi sënnvoll wier dezentral Unitéite vun engem Commerce de proximité ze hunn. Mir mengen awer datt dëse Projet ganz wichteg ass fir d'Entwécklung vun Esch, souwuel wat d'urbanistesch Entwécklung ugeet, wéi och d'ökonomesch Entwécklung. Ech mengen am Géigesaz zum Här Knaff och net, datt de Grupp Cactus onbedéngt esouvill un Esch gleeft, wéi datt e virun allem u säi Benefiss gleeft, wat awer duerchaus och fir Esch schwätze kann.

Ech félicitéieren awer och de Schäfferot wéi e mat deene berechtegte Bedenken ëmgaangen ass, déi vu verschiddene Säiten, och vum Mouvement komm sinn, och vum Inneministère komm sinn, wéi se adaptéiert gi sinn an de Projet, notamment wat d'Versigelung vum Buedem ugeet, wat d'Verkéiersproblematik ugeet, wat d'Integratioun vun deem ganze Komplex an de Quartier ugeet. Dat ass relativ virbildhaft an ech ginn dem Här Weidig och recht, datt et absolut wichteg ass, datt een eng urban Léisung fënnt, amplaz eng rural fir esou e Centre commercial.

Nawell muss ee sech d'Fro stellen, wéi een Impakt dëse Cactusprojet op d'Geschäftswelt vum Zentrum wäert hunn. Also ech mengen déi Geschäfter déi ronderëm d'Uelzechtstrooss leien, dat bleift ofzewaarden. Do muss een och Suerg droen, datt dem Zentrum awer och seng Geschäftswelt erhale bleift. D'selwecht mengen ech, datt een och kucke muss wat den Impakt op d'urbanistesch Entwécklung vun den Nonnewise wäert sinn, wou et jo och ganz vill drëm gaangen ass an deem Projet e Commerce de proximité ze hunn, datt deen och wierklech dohinner kënnt. Net, datt sech elo alles just konzentréiert an zentraliséiert op de Cactusprojet.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Baum. Dann als leschte Riedner den Här Huss an dann äntwert de Schäfferot.

**Jean Huss (DÉI GRÉNG):** Jo, en éischte Punkt fir ze soen, datt déi Gréng der Meenung sinn, datt hei de Schäfferot an eis Gemengeservicer an eis Kommissiounen op eng, mengen ech, zimlech exemplaresch Aart a Weis dëse Projet ugaange sinn a begleet hunn. Ech mengen hei ass et ronderëm dëse Projet eng länger Diskussioun ginn, net nëmmen an de Kommissiounen, mä och eng Diskussioun mam Public, mat der Lallenger Bevëlkerung selwer, an et ass jo hei scho gesot ginn, datt et zu Verbesserungen, zu Adaptatioune komm ass op enger ganzer Rei vu Punkten, esou datt ech mengen, datt déi demokratesch Approche hei bal net hätt kënne getoppt ginn. Also méi demokratesch diskutéiert wéi dat dote kann am Fong a mengen Ae bal net méi méiglech sinn.

Zweete Punkt, wat d'Konzept selwer ubelaangt. An do wëll ech mol fir d'éischt soen, den Här Knaff huet hei geschwat vun engem wonnerschéine Projet. Dat war mer net ganz kloer am Ufank wéi hie vu wonnerschéinem Projet geschwat huet, ob hien dat éierlech oder ironesch géif mengen. Elo musse mer kucke wat mer elo do stoen hunn, oder wat mer do stoen haten, well den Hobby ass jo schonn ofgebaut. A mer hunn nach eppes an der Lëtzebuerger Strooss stoen, wat dann och ofgebaut wäert ginn. Ech menge reng vun engem ästhetesche Point de vue gekuckt, wäert dëse Projet formidabel sinn, wierklech wonnerschéi par rapport zu deem, wat mer elo do stoen hunn. Dovu konnt jiddwereen sech iwwerzeegen, deen déi Pläng gesinn huet, déi mer an der Kommissioun presentéiert kritt hunn an déi mer an der Biergerversammlung presentéiert kritt hunn. Also vun der Ästhetik hier gëtt et wierklech e flotte Projet.

Doniewent muss een och soen, dass de Projet selwer och vun engem grénge Point de vue eng Rei vu Kritären erfëllt, déi dem Schäfferot ganz wichteg waren, déi eis an der Kommissioun och ganz wichteg waren, nämlech genügend Begrünung, an zwar Daachbegrünung engersäits, mä och Begrünung zu de Stroosse ronderëm wou och e Maximum vun Efforte gemaach gi sinn, fir datt dat sech gutt an de Quartier an och hannenaus bei de Gäert vun de Leit konnt upassen.

Da wichteg an deem Konzept aus grénger Vue ass natierlech och, datt och en Energiekonzept amgaang ass ausgeschafft ze ginn, wou mer och versichen den Optimum do eraus ze huelen, wat d'Energieversuergung vun deene Gebailechkeeten ubelaangt. Wichteg ass och ze soen, datt mer no laangen Diskussiounen och elo en Ofwaasserkonzept hunn, wat sech weise léist. An da ginn et eng Rei vu méi, géif ech soen, soziale Fonctiounen, déi entweder erhalen oder geschafe ginn duerch dëse Projet. Positiv fanne mir beispillsweis, datt an deem Projet eng Crèche integréiert ass. Positiv fanne mer fir d'Leit déi do wunnen, datt och um Niveau vun der Restauratioun eppes geschafe gëtt, um Niveau vum Fitness eppes geschafe gëtt, dat ass och an deem Quartier net onwichteg. Da bleift d'Post. D'Servicer vu Bank bleiwen erhalen. All dat ass wichteg fir déi Leit, déi an deem Quartier do wunnen. An den Här Codello huet richtegerweis och op d'Aarbechtsplazschafung duerch esou e Projet higewisen.

Dat sinn also eng Partie vun de positive Punkten déi ech wollt duerstellen. Natierlech ass an der Kommissioun sech eng Rei vu Froe gestallt ginn, an der Kommissioun vum Mouvement écologique an esou virun, wou da gesot ginn ass, dee Projet gehéiert net dohinner. Dee gehéiert net dohinner. Wann en net dohinner gehéiert, da muss e jo op eng aner Plaz kommen. Fir eis ass et op jidde Fall vun Ufank u kloer gewiescht, datt dat net kënnt op Belval kommen. Datt et net kënnt op Belval kommen, éischtens well mer net wëllen, datt alles op Belval kënnt. Mä well mer nach wëllen de gewuessenen Deel vun Esch erhalen a valoriséieren, souguer ausbauen. An zum zweeten ass et esou, egal wou dee Projet gebaut gi wier, wieren d'Verkéiersproblemer nach eng Idee méi grouss, egal wéi.

Dat heescht also, mir als Gréng sinn op jidde Fall der Meenung, datt dee Cactus grad an dee Quartier dohinner gehéiert. Ganz einfach, well éischtens traditionell war dee Cactus jo schonn an deem dote Quartier an zum zweeten ass Lalleng e Quartier deen immens gewuess ass an der leschter Zäit an nach amgaang ass ze wuessen. An da muss ee sech mol virstellen, wann de Cactus net dohinner gebaut gi wier an e wier op Belval komm, wat hätt dat da fir d'Leit bedeit déi alleguerten do wunnen? Da wiere se alleguerte gezwonge gewiescht an den Auto ze klammen an op Belval ze fueren oder egal wou ze fueren. Hei kënnen awer d'Leit aus dem Quartier, ob dat vum Cinquantenaire ass oder vun hannen an der Monnerecher Strooss oder den neie Quartier ALTENA, do kënnen awer wierklech vill Leit mam Weenchen zu Fouss an dee Cactus do goen. Dat heescht, et ass e Cactus vun de kuerze Weeër deen do gebaut gëtt. Doniewent ass an der Kommissioun jo och driwwer diskutéiert ginn. De Kolleg Hinterscheid huet eng Partie Erklärunge ginn, wéi versicht gëtt de Verkéier a Grenzen ze halen. An et muss ee jo och dobäi soen, wat fir eis Gréng och wichteg ass, datt et net nëmmen de Problem ass, datt vill kann zu Fouss gemaach ginn, mä datt jo och vum Buskonzept hier, datt mer do engersäits schonn eng Situatioun hunn déi relativ positiv ass an déi elo nach soll

ausgebaut ginn. Ech huelen un, datt mäi Kolleg Félix Braz dooropper herno nach wäert an den Äntwerten agoen.

Och d'Vëlospisten déi baulech getrennt sinn. Dat heescht et gëtt e Maximum versicht fir de Verkéier an de Grëff ze kréien. A wann, wéi bei all Projet, et trotzdem zu Vergréisserunge vum Verkéier kënnt, da lafe se haaptsächlech iwwert de Boulevard. Net an de Quartier selwer an dofir si mer der Meenung, dass wuel nach ka gekuckt gi wéi mer déi Situatioun nach besser an de Grëff kënne kréien. Dee Cactus brauch jo och elo nach eng Zäit bis e gebaut ass, a wann de Boulevard Micheville gebaut ass, giff deen eis vun engem ganz groussen Deel vun de Fransousen, déi bis elo d'Lëtzebuerger Strooss erofgefuer sinn, entlaaschten, sou datt mer eng Situatioun kréien, déi och verkéierspolitesch an de Grëff ze huelen ass. Ech mengen, datt de Kolleg Félix nach wäert dooropper souwisou op e puer Punkten an den Detail agoen.

Dann ass gesot ginn, datt d'Uelzechtstrooss géif riskéiere benodeelegt ze ginn. Ech mengen, datt engersäits mer eng Situatioun hate wou schonn e grousse Cactus do war. Mat engem groussen Hobby. Dat heescht vun dohier géif ech net mengen, datt et zu enger gréisserer Benodeelegung hei an der Uelzechtstrooss géif kommen. Zum zweeten ass et awer kloer, datt dat wat e Gemengerot ka maachen, dat si mer amgaang hei zu Esch ze maachen. Eischtens hu mer fir d'Geschäftswelt, net nëmmen, mä och fir d'Geschäftswelt en ënnerierdesche Parking gebaut a mer bauen um aneren Enn vun Esch uewen, baue mer e grousse Parking ënnerierdesch bei der Brillplaz. Dat heescht dass also vun dohier d'Geschäftswelt a mengen Aen net geschiedegt gëtt.

Wou ech mam Här Zwally averstane sinn, dat ass, datt ech och onbedéngt wichteg fannen, datt mer derhannert bleiwe fir dee Projet Schlassgaart deen esou laang an der Diskussioun ass, datt mer do kucken och zu Léisungen ze kommen. Well dat wier eng ideal Ergänzung. Dann hätte mer nämlech uewen d'Brillstrooss, de Brillquartier deen total renovéiert géif ginn an deenen nächsten dräi Joer. Dann op där anerer Säit hu mer de Quartier Lalleng deen also déi Akafsméiglechkeet mat allem wat dozou gehéiert, géif behalen. An dann de Schlassgaart hei. Dann hätte mer eng Achs déi formidabel wier, vun der Brillplaz d'Uelzechtstrooss erof, Schlassgaart a Lalleng. Dann hätte mer eng gewuesse Stad, déi wierklech géif souguer nach méi zesumme wuessen duerch déi Saachen do, well dat alles matenee liéiert ass. An ech mengen datt dat eng Léisung ass déi fir eng gläichgewiichteg Entwécklung vun der Stad immens wichteg wier an immens wichteg an der Zukunft wäert sinn. Mir hate vun Ufank u gesot, Belval däerf net goen op Käschte vum gewuessenen Zentrum vun Esch an ech mengen dofir, datt de Schlassgaartprojet, do sinn ech absolut mam Här Zwally d'accord, datt dat wichteg ass, datt mer do derhannert bleiwen. De Retard hänkt jo net un eis, mä ech menge mir sollten awer virun Drock maachen an där Richtung, datt och dee Projet ka realiséiert ginn.

Dat gesot, ass et kloer, datt mir als Gréng zu dësem Projet op där Plaz stinn. Trotz eventuelle Problemer déi ëmmer kënne bei all Projet sinn, mä hei ass e ganz gudde Projet, dofir stëmme mir do derfir.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Huss. Dann hätte mer d'Interventiounen ofgeschloss. Dann äntwert de Verkéiers- an de Bauteschäffen.

**Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG):** Merci, Madame Buergermeeschter. Merci fir d'éischt och un de Kolleg Hinterscheid fir seng ganz detailléiert Presentatioun déi et mir dann erlaabt fir just brauchen op zwee dräi Punkten anzegoen.

De Verkéier ass natierlech all Kéiers bei esou Themen e wichtege Punkt a mir sinn eis eens. Mer bewegen eis an engem Kontext, an engem Ëmfeld wou de Verkéier insgesamt am Land klëmmt. Mir hunn am Moment eng Kris déi verschidde Saachen e bëssen ausgebremst huet, mä déi geet och eng Kéier laanscht. An da bewege mer eis schonn nees an engem Szenario wou insgesamt am ganze Land d'Mobilitéit, d'Besoine wuessen, a wou mer och bei de Mobilitéitsangebote wäerte mussen nozéien. Et ass zu Esch net anescht. Mir si keng Insel. Et ka keen erwaarden, dass mer zu Esch manner Verkéier hu wann am ganze Rescht vum Land de Verkéier wiisst. Mir bewegen eis also och zu Esch an deem Szenario, dass de Verkéier insgesamt wiisst. Wat eis als Gemeng dozou muss verleeden, d'Investitiounen an déi Alternativen déi et gëtt, weider ze verstäerken. Dat just als klenge Rappel insgesamt. Lalleng wäert dovun och net verschount bleiwen. Onofhängeg vum Projet Cactus. Dofir war et jo esou wichteg, dass mer zwou kloer Prioritéiten hate wou mer dëse Projet diskutéiert hu mat de Leit vum Grupp Cactus. Dat eent war d'Accessibilitéit vum Supermarché esou ze organiséieren, dass de Quartier, déi Leit déi do wunnen, keng Nodeeler kréien. Dass mer de Verkéier esou drainéiert kréien, dass de Supermarché ka fonctionnéieren ouni dass et nodeeleg ass fir déi Leit déi am Quartier wunnen. Dat hu mer erreecht.

Déi zweet Prioritéit ass, dass et fir d'Kanner aus der Primärschoul net nodeeleg gëtt. Dat si besonnesch fragil a vulnérabel Verkéiersteilnehmer. Un der Gemeng war et dofir ze suergen, dass de Verkéier esou organiséiert gëtt, dass och déi keen Nodeel kréien. An ech mengen dass och dat, mat dësem Projet, mat der Organisatioun déi mer hikritt hunn, absolut erreecht ginn ass.

D'Gemeng huet eppes drëttes ronderëm dëse Projet am Intérêt vun der Stad Esch erausgeschloen. Dir wësst, dass mer schonn zënter laange Joren diskutéiere fir iergendwou e Park & Ride ze kréien. Mir hu contrairement zu anere Gemenge keng Terrainen. Soss wär et einfach. Iergendwou eng gréng Wiss, Schlaken, Makadam dann hätte mer een. Mir hunn deen Terrain awer net. Also hu mer eng Alternativ misste sichen. Dir wësst vun deene Gespréicher ronderëm den Aloyse Meyer. Hei hu mer d'Geleeënheet genotzt fir mam Cactusgrupp ze diskutéieren, ob et dann net méiglech wier am Kontext vun hirem neie Supermarché och e bestëmmtene Quantum vu Parkraum eraus ze schloen dee kann als Park & Ride genotzt gi fir Leit déi den Zentrum vun Esch wëlle besichen. Dat hu mer erreecht. Als Gemeng kréie mer do e Park & Ride vun iwwer 300 Plazen deen eis kee Cent kascht. Dat muss awer och mol gesot ginn a vläicht och beluewend vun de Conseilleren ënnerstrach ginn. Mir hunn elo ganz no bei der Foussgängerzone e Park & Ride wann dëse Projet fäerdeg ass. Mir hunn net mussen, contrairement zu all deene Projete wou mer amgaange waren ze préiwen, déif an d'Täsch gräife wat eis géif schwéier falen. An den nächsten zwee dräi Joer nach vill méi, well Dir wësst jo dass fir d'Gemengefinanzen net grad roseg Zäite virun der Dier stinn. Insgesamt, net zu Esch, am ganze Land. Dat hu mer awer domatter erausgeschloen. Dat ass awer net näischt, dass mer déi Infrastruktur do konnten erausschloen.

Nächst Remarque, den Här Weidig huet vill dovunner geschwat an ech fannen zu Recht. Stéchwuert Foussgänger. Ech sinn net onbedéngt der Meenung, dass ee soll fir Foussgänger Unterführunge bauen, ech mengen d'Foussgänger gehéieren un d'Uewerfläch. Ech ginn dem Här Weidig awer ganz Rescht. Mir hu praktesch alles färdeg ausgedäischt bei deem dote Projet, mä bei de Foussgänger musse mer nach Detailplanung weider féieren. Notamment déi ganz Situatioun ronderëm deen neie grousse Rondpoint. Dat ass eng ganz gutt Infrastruktur fir de Verkéier fluid ze behalen. Dat ass awer fir Foussgänger net onbedéngt déi allerbescht Solutioun. E Foussgänger ass méi sécher wann e rout Luuchten huet fir kënnen eriwwer ze goen. Wat dann awer erëm eng Kéier en Afloss op d'Fluiditéit vum Verkéier huet. An déi Quadratur vum Krees un där musse mer nach schaffen. Do ass Detailaarbecht ze maachen. Ech sinn dem Här Weidig senger Meenung. Bei de Foussgänger tëschent der Lallenger Kierch, der Apdikt vis-à-vis an dem neie Cactus musse mer nach am Detail eis Solutiounen ausdenken. Do sinn nach Verbesserunge méiglech. D'Grondstruktur steet, an déi ass och gutt, mä den Detail ass awer nach net gemaach. An ech si ganz Ärer Meenung, dass mer do nach eng Kéier mussen dru goen.

Wat de Bus an de Vëlo betrëfft, déi aner Mobilitéit. Beim Bus wësse mer, dass och eleng schonn aus der Perspektiv vun deem Park & Ride, dee mer elo do kréien, mer beim Busangebot nach mussen dropleeën, obwuel d'Busangebot schonn immens gutt ass. Mir hu schonn dräi Buslinen do ronderëm fueren. Am Véierelstonnentakt hu mer schonn elo en Topangebot, mer wëllen dat awer nach verbesseren.

Zwou lescht Remarquen. Eng éischt. Och wa gesot gëtt, esou vill Leit wäerten net zu Fouss kommen. Ech wëll just nach eng Kéier op déi Etüd vum CEPS verweisen déi et awer gëtt, déi hu mir net gemaach. Et gëtt eng Etüd vum CEPS déi seet, wéivill Leit keen Auto hunn. Zu Esch, wann een d'Gesamtpopulatioun hëlt, do sinn d'Kanner mat dran, ech weess dat, mä d'Gesamtpopulatioun ass en Drëttel vun de Leit ouni Automobil. En Drëttel. Net just eng Randgrupp. Dat si ganz vill Leit.

An déi lescht Remarque an da sinn ech färdeg. Et ass vill geschwat gi vun der Interventioun vum Mouvement écologique. Mir deelen hir Aschätzung net wat de Site betrëfft. Si hunn awer ganz vill Saachen an hirem Avis opgeworf gehat déi mir als Gemeng och an dee Projet erafléisse gelooss hunn. Dat war hinne just zu deem Zäitpunkt net bekannt wou se et publizéiert hunn. Si louchen also och net mat allem falsch. Mä wat de Site betrëfft, an de Kolleg Huss huet dat och scho gesot, ganz däitlech, fir eis gehéiert en op déi dote Plaz a mir hu mat dofir gestridden datt en dohinner kënnt an net op Belval an dozou sti mer zu 100% a mir sinn houfreg a frou driwwer, datt en dohinner kënnt.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Braz. Dann den Här Hinterscheid.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Et sinn hei Remarquë gemaach gi vu Siten. Eigentlech, wa mer en op Monkeler geluegt hätten, Här Zwally, dann hätt jiddwereen aus der Regioun eppes dovu gehat, just déi Lallenger hätten näischt dovu gehat, well déi hätten dann awer den Auto missten eraushuele fir an de Cactus ze fueren an déi hätten eng Verschlechterung gehat, par rapport vun elo. Well et muss ee just d'Pénétrante iwwerqueeren. Och Är Remarque, dass Dir all PAPe matgestëmmt hutt vun de Bauprojeten. Do wär et eigentlech an der Konsequenz, datt Dir de PAP vun de Versuergungsstrukture fir déi Bauprojeten och géingt matstëmmen. Mä Dir stëmmt jo net dergéint, Dir enthalt lech. Dat sief lech da wéinstens gutt geschriwwen.

Här Knaff, e Promoteur deen un Esch gleeft, vläicht aus ënnerschiddlechen Iwwerleeunge wéi den Här Baum et gesot hutt wéi Dir et gesidd. Mä mir sinn houfreg, well dat beweist och, dass déi Aarbecht, déi hei vun deem Schäfferot gemaach ginn ass fir Esch erëm ze attraktivéiere jo net ëmsoss war. An ech hoffen, dass Dir dat spéitstens bei der nächster Diskussioun, wa mer iwwert eppes anescht diskutéieren, net vergiesst, dass Dir eis elo just certifiéiert hutt, dass Esch erëm attraktiv ass, well esou e grousse Grupp wéi de Grupp Cactus doru gleeft an dodran investéiert.

Dass de Projet aacht Joer gedauert huet, huet näischt mam Schäfferot ze dinn. Et huet eppes mat de finanziellen Iwwerleeungen an de finanzielle Strategië vum Grupp Cactus ze di gehat, dee sech laang iwwerluegt huet wou hie sollt investéieren. A seng Prioritéiten a seng Investitioune vläicht momenterweis anescht gemaach huet an dofir fir d'éischt deen zu Käerjeng gebaut huet, well deen zu Esch Lalleng nach fonctionnéiert huet. Ech wëll lech just soen, dass vun deem Moment un, wou de Schäfferot fir d'éischt mat deem konkreten alleréischten Avant-Projet vum Grupp Cactus konfrontéiert war, dass dat manner wéi zwee Joer hier sinn. A ganz fréi dono ass de Prozess vu Consultatioun an de Kommissiounen ugaange wéi den Här Huss et gesot huet. Eis konsultativ Kommissioune ware quasi vum éischten Dag u wou mir mat deem konkrete Projet vum Grupp Cactus konfrontéiert waren, mat involvéiert. Esou dass et novollzéibar ass wéi laang dass et gedauert huet a wéi laang dass de Schäfferot dru geschafft huet. An ech mengen d'Resultat ass eis jo vu quasi alle Bänken hei certifiéiert ginn, dass mer an där kuerzer Zäit dann awer e gutt Resultat erauskritt hunn.

Ech wëll awer nach zwou Remarquë maachen déi och wichteg sinn. De ganze Chantiersverkéier, dee geet iwwert de Boulevard eraus. Dee belaascht de Quartier net. Et wäert es e bësse ginn. Well wann ee sech virstellt wat een do muss ofdroen, also dat ass ganz kloer, dat gëtt esou organiséiert, dass dat iwwert de Boulevard erausgeet an net duerch de Quartier. Domat ass eng Fro vläicht beäntwert ier se sech gestallt gëtt am Quartier.

An eng zweet ganz wichteg Remarque wëllt ech awer och hei maachen, virun allem an dësen Zäiten. Et gëtt vu Versuergungsinfrastrukture geschwat, et gëtt vun Investitioune geschwat, et gëtt vum Glawen an d'Stad Esch geschwat. Mä hei schwätze mer och vu 500 Aarbechtsplazen déi do net onbedéngt alleguer nei entstinn, mä déi awer zum groussen Deel erhale bleiwen an net ofgebaut ginn a 500 Aarbechtsplazen déi an der direkter Proximitéit besat ginn. A mer hunn och do eng Diskussioun mam Grupp Cactus gefouert, dass mer eis eng Art Charte sociale ginn, dass gekuckt gëtt hei an der Gemeng, respektiv an den Nopeschgemengen ze rekrutéieren, fir déi Mobilitéitsfrëndlechkeet déi mer eis eigentlech ginn, hei, wat dee kommerziellen Deel ugeet, och wat d'Main d'oeuvre ugeet, kënnen ze poursuivéieren. Gläichzäiteg och do enger sozialer Verantwortung gerecht ginn, well all Aarbechtsplaz, awer wierklech all Aarbechtsplaz déi mer an der Stad an an der Regioun behalen, ass eng Réussite, an dat ass och ee vun den Challengë bei dësem Dossier gewiescht. A vun dohier géing ech am Numm vum Schäfferot Merci soe fir déi allgemeng grouss Zoustëmmung déi dëse Projet kritt huet an indirekt domat och eis Aarbecht.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Hinterscheid. Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve par 12 voix oui et 4 abstentions provisoirement le PAP "Op der Haart".*

*Ont voté oui:*
*Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid et Spautz ainsi que les conseillers Baum, Becker, Codello, Huss, Knaff, Snel, Weidig et Wohlfarth. Les conseillers Hannen, Hildgen, Maroldt et Zwally se sont abstenus.*

### 4. PAP Nonnewisen, Phase 01A; précisions techniques: 1er vote; décision

Et soll ee jo, Dir Dammen an Dir Hären, net zevill abuséiere mam Begrëff „historesch". Mä wann een awer gesäit, dass mer haut dräi Punkten um Ordre du jour hunn, d'Universitéit, eisen neie Cactus an eis Nonnewise Schoul, déi e feste Bestanddeel vum Entwécklungs-quartier Nonnewisen ass, dann dierf een awer roueg soen, dass d'Saachen amgaange si sech wierklech op eng rasant Aart a Weis ze entwéckele wat och am Hibléck op de Wirtschaftsstanduert Esch enorm, enorm wichteg ass. Och fir déi Atouten déi mir hunn ze consolidéieren, a fir hinnen an Zukunft weider déi richteg Jalonen ze setzen, fir eise Commerce, fir eis aktuell an zukënfteg Wunnbevëlkerung a wierklech och am Zesummenhang mat deem neie Quartier ronderëm d'Universitéit.

Mir hunn d'Nonnewise Schoul hei scho presentéiert. Dat heiten ass eng Modifikatioun, mä et fält awer op, dass mer haut op dësem Ordre du jour dräi enorm wichteg Projete fir d'Stad Esch stoen hunn an ech géing lech dann als leschte Punkt proposéieren, fir déi Modifikatioun zum PAP Nonnewisen hei ze presentéieren an dat mécht eise Bauteschäffen.

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hale mech wierklech dës Kéier ganz, ganz kuerz, well mer hate souwuel de Projet Nonnewisen, de PAP schonn hei, wéi de Projet Schoul. Béides ass approuvéiert gi mat Unanimitéit.

Wat musse mer haut stëmmen? Mer mussen eigentlech eng Modification oder eng Précision technique un eise PAP bäibréngen andeem mer d'Baulinne vun der Schoul definéieren. Déi sinn an engem Secteur à étude. Mir mussen d'Baulinnen definéieren, an opgrond vun Experienzen déi mer elo gemaach hu mat eise Maisons témoins, präziséiere mer d'Achse wéi soll gebaut ginn an d'Volumen an d'Gabariten an deem éischten Achs do nach eng Kéier e bësse méi präzis. Dir gesidd, dass et e reng graphescht Dokument ass wat d'Baulinnen definéiert an ech menge méi ass haut och net dozou ze soen. Mä mir brauchen dat do fir einfach och elo virun ze kommen an der Approbatiounsprozedur vun eiser Schoul.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** Merci, Här Hinterscheid. Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – M: Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité provisoirement le PAP "Nonnewisen – Phase 1(A)".*

### 5. Règlements de la circulation routière: confirmation et décision

Vu dass nëmmen temporär Verkéiersreglementer ze stëmme sinn, ginn ech dovunner aus, dass de Verkéiersschäffen d'Wuert do net wëllt dozou huelen, da géinge mer déi och direkt ofstëmmen. Au vote.

*Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – M: Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation.*

Sou, Kolleginnen a Kollegen, domat ass eis Sëtzung eriwwer a mir gesinn eis erëm den 8. Mee zu der gewinnter Zäit.

Schéin Ouschterdeeg.

## Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 03 avril 2009

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

### 1. Correspondance

Rien à signaler.

### 2. PAP 01/03 Université/Cité des Sciences: 1er vote; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose de faire une présentation du volet concernant les bâtiments et de traiter la démarche économique et le suivi des dossiers de ce projet lors d'une autre séance.

**Henri Hinterscheid (LSAP)** explique qu'il s'agit aujourd'hui d'inscrire les résultats des concours d'architecte pour la Maison du Savoir, la Maison du Nombre, la Maison du Livre, la Maison d'Innovation et la Maison de l'Ingénieur au PAP. Le PAP se trouve adjacent au Parc Belval Nord. Pour les détails des bâtiments, Monsieur Hinterscheid renvoi les conseillers aux plans disponibles.

**Jean Huss (DÉI GRÉNG)** pense que tout conseiller devrait pouvoir voter en faveur de ce PAP pour que le projet, qui reste une chance unique pour la restructuration économique du Sud, puisse avancer.

**Daniel Codello (LSAP)** se rallie aux propos de Monsieur Huss et se réjouit du fait que le Collège échevinal puisse alors enfin donner l'autorisation définitive de bâtir à ce projet.

(Vote)

### 3. PAP „op der Haart": 1er vote: décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** se réjouit du fait que le groupe Cactus a décidé de réaliser ce projet de 24.000 $m^2$ avec plus de 2.600 places de stationnement au centre-ville au lieu de s'installer à Belval.

**Henri Hinterscheid (LSAP)** insiste sur le fait que cette nouvelle surface commerciale sur l'ancien site de Cactus Hobby restera accessible à pied.

Il présente ensuite les données clés du projet. Un parking souterrain à 3 niveaux avec 2.600 emplacements : 2.000 pour la surface commerciale, 50 pour les nouvelles résidences de la rue de Cologne, 250 pour le personnel de la surface commerciale et 300 pour le parking Park&Ride.

Après les recommandations du Ministère de l'Intérieur, le projet a été retravaillé par le groupe Cactus ce qui a conduit le groupe à renoncer au parking en toiture et à accepter une diminution du nombre d'emplacements à maintenant 2.600. De ce fait, La toiture peut être utilisée pour la création d'un espace vert.

Monsieur Hinterscheid souligne le grand souci apporté à l'élaboration d'un plan vert, en collaboration avec les riverains, qui devra encore trouver l'aval du conseil communal.

Un autre grand souci était le trafic. Pour garantir un flux maximal du trafic, l'accès principal au parking se fera par le boulevard Grande-Duchesse Charlotte. A cet effet, il ne sera pas possible d'accéder au parking par l'entrée/sortie rue de Mondercange, qui est nécessaire pour raisons de sécurité, en tournant à droite dans la rue de Mondercange et on ne peut pas quitter le parking par cette sortie en tournant à gauche vers Mondercange. Il faudra toujours passer par le rondpoint qui remplacera le croisement à Lallange ce qui amènera les conducteurs à utiliser plutôt l'entrée/sortie Grande-Duchesse Charlotte.

Un dernier souci était la perméabilité du projet pour les piétons, ses connexions et jonctions aux quartiers environnants. Celle-ci est assurée à deux niveaux : par la galerie marchande qui permettra, lors de l'ouverture des commerces, de passer d'un côté à l'autre, et par des pistes battues, principalement pour les élèves, qui ont été élaborées ensemble avec des enseignants.

Le projet dispose de 4 entrées qui se trouvent chacune à 300 m du prochain arrêt de bus.

Une crainte des riverains était la proximité du projet à la rue de Rotterdam. Afin de remédier à ces craintes, la conception de cette partie ce fera en coopération avec les riverains qui ont pu voir entretemps que leurs jardins vont en fait s'agrandir.

Monsieur Hinterscheid souligne l'importance du Manuel d'architecture qui garantit que l'architecture des nouveaux bâtiments de la surface commerciale et des nouvelles résidences aura un aspect agréable et lumineux.

**André Zwally (CSV)** rappelle que d'habitude son parti soutient les PAPs. Il fait ensuite un historique des développements des 8 dernières années au quartier Lallange surtout en vue d'éventuels problèmes de mobilité pour ce quartier. En ce qui concerne le futur rondpoint Lallange, Monsieur Zwally craint que l'exemple du rondpoint à la gare démontre que ces dispositifs n'ont pas forcément une influence bénéfique sur le flux du trafic.

Il ne pense pas que beaucoup de personnes vont se rendre à pied à l'hypermarché. Le trafic dans la rue de Luxembourg et dans tout le quartier va donc augmenter et le CSV propose à cet égard d'installer le projet plutôt au « Monkeler ».

Son parti va s'abstenir lors du vote de ce PAP.

**Daniel Codello (LSAP)** souligne que le projet respecte les considérations des commissions consultatives et du Ministère de l'Intérieur et se réjouit du fait qu'il sera réalisé à proximité du centre-ville. Sa proximité au centre garantira que les gens pourront s'y rendre en voiture, en bus ou à pied et le fait qu'il y aura une agence de la poste, une agence de banque et quelques restaurants bénéficiera aux gens du quartier Lallange.

Il est d'avis que ce projet aura un important impact économique sur a Ville et pourra créer des emplois.

Monsieur Codello ne comprend pas, pourquoi le CSV a l'intention de s'abstenir lors du vote. Le CSV a soutenu les PAPs de logements dans ce quartier ; il est donc incompréhensible pourquoi le CSV ne soutient pas un PAP qui donnera maintenant aux habitants de ces nouveaux logements la possibilité de faire leurs achats. Monsieur Codello rejette l'idée d'implanter ce projet au Monkeler puisque le groupe Cactus est en possession du terrain à Lallange et puisqu'il est important que cet hypermarché ce réalise près du centre de la Ville.

Il se rallie aux propos de Monsieur Hinterscheid concernant l'aspect architectonique des nouveaux bâtiments.

Son parti soutiendra ce PAP.

**Pierre-Marc Knaff (DP)** pense qu'après huit ans il était grand temps que ce projet, dont profitera et le promoteur et la ville, peut enfin se réaliser. A cet égard, il se demande si les tracas administratifs ne sont pas un peu

responsables d'un certain ralentissement économique. Il remercie en tout cas le groupe Cactus qui croit encore en Esch.

Il félicite aussi les responsables de la commune pour le bon suivi qu'ils ont accordé à ce projet. Il est d'avis que les études préalables faites pour sa réalisation sauront éviter d'importants problèmes de la circulation à cet endroit.

Cependant, Monsieur Knaff ne comprend nullement l'attitude du CSV de proposer systématiquement aux promoteurs d'implanter leurs projets sur des terrains qui ne sont pas dans leur possession au lieu d'utiliser leurs propres terrains. Il trouve cela complètement absurde.

Son parti soutiendra le PAP.

**Paul Weidig (LSAP)** souligne l'importance du problème du trafic et se réjouit à cet égard des études préalables pour remédier dès le début aux éventuelles difficultés. Il pense cependant qu'il serait important de se pencher surtout sur le problème des piétons et propose à cet égard un passage souterrain sous la Pénétrante.

Il ne pense pas que Monkeler soit la bonne solution ; il est important que ce projet se réalise au centre-ville.

Monsieur Weidig explique que ce n'étaient pas des tracas administratifs qui étaient responsables de la lenteur du projet mais d'importantes discussions concernant son aspect architectonique. Il est en outre d'avis que les récents concours d'architecte auront pour conséquence que la Ville aura bientôt aussi un attrait pour des gens intéressés par l'architecture.

**Marc Baum (Déi Lénk)** est d'avis qu'il s'agit d'un important projet pour le développement urbain et économique d'Esch. Il se demande cependant si le groupe Cactus ne croit pas plutôt en son propre bénéfice qu'en Esch.

Il félicite le collège échevinal de la façon qu'il a traité les considérations, notamment du Mouvement écologique et du Ministère de l'Intérieur.

On devra cependant surveiller l'impact du projet sur le commerce du centre-ville et sur le développement urbain des Nonnewisen.

**Jean Huss (DÉI GRÉNG)** salue la manière démocratique exemplaire avec laquelle ce projet a été discuté avec toutes les personnes concernées et se réjouit de son aspect esthétique et écologique.

Quelques points importants de ce projet sont le concept énergétique, le concept de traitement des eaux, l'intégration d'une crèche, restaurants, fitness, poste, banque ainsi que la création d'emplois.

Son parti est d'avis que le projet doit se faire au quartier Lallange. Si on l'avait implanté à Belval, il n'aurait pas été accessible aux piétons. De toute façon, le trafic passera par le Boulevard Grande-Duchesse Charlotte et non pas par le quartier Lallange. En plus, dès son achèvement, la liaison Micheville apportera un allègement à la rue de Luxembourg.

Monsieur Huss ne pense pas que le nouveau Cactus sera un danger pour le commerce du centre-ville puisqu'il y a eu un supermarché Cactus à Esch pendant des décennies maintenant. En plus, les nouveaux projets de la Ville, comme le parking souterrain Brill, bénéficieront au commerce local.

Il souligne l'importance du projet Schlassgaart pour le développement urbain de la ville.

Son parti votera en faveur du PAP.

**Félix Braz (DÉI GRÉNG)** explique que tout le pays est touché par l'augmentation du trafic et le quartier Lallange n'en sera pas épargné, peu importe si le projet y est réalisé ou non. Il y a donc eu deux priorités lors des discussions avec le groupe Cactus : d'organiser l'accessibilité au supermarché de façon à ce que le quartier n'aura pas de désavantages et de respecter surtout la sécurité des élèves de l'école primaire. Ces considérations ont été respectées.

Monsieur Braz souligne le fait important que ce projet procure un parking Park&Ride à la Ville, à proximité du centre-ville, et cela tout à fait gratuitement.

Il se rallie aux propos de Monsieur Weidig concernant les piétons. Les responsables devront encore trouver une solution pour traverser le futur rondpoint. Il rappelle à cet égard qu'un tiers de la population eschoise, enfants compris, n'a pas de voiture. En outre, l'offre du bus devra encore être améliorée pour pouvoir répondre aux nouvelles dispositions à cet endroit.

Il n'est pas du même avis que le Mouvement écologique concernant le site du projet et se rallie à cet égard aux propos de Monsieur Huss.

**Henri Hinterscheid (LSAP)** rejette l'idée de Monsieur Zwally d'implanter le projet au Monkeler puisque cela serait au détriment des gens de Lallange. En outre, il ne comprend pas pourquoi le CSV ne soutient pas un PAP pour une structure d'approvisionnement alors qu'il a voté en faveur des PAPs des projets de lotissements dans ce même quartier.

Monsieur Hinterscheid explique que la finition du projet a duré huit ans, non pas à cause du collège échevinal mais à cause des considérations et des stratégies financières du groupe Cactus. Le collège échevinal n'a été confronté avec un avant-projet concret qu'il y a deux ans.

Tout le trafic du chantier ce fera par le Boulevard Grande-Duchesse Charlotte.

Monsieur Hinterscheid souligne que ce projet garantira 500 emplois. Des discussions avec le groupe Cactus ont abouti à une charte sociale qui stipule que ces emplois seront occupés par des gens d'Esch ou de communes avoisinantes.

(Vote)

### 4. PAP Nonnewisen, phase 01A: précisions techniques; 1er vote: décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** constate que l'ordre du jour de cette séance comporte trois points d'une importance capitale pour le futur développement de la ville.

**Henri Hinterscheid (LSAP)** explique qu'il ne s'agit que d'accepter une précision des lignes de construction.

(Vote)

### 5. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose de voter les règlements de la circulation.

(Vote)




**www.fetedesvoisins.lu** **www.nopeschfest.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille et de l'Intégration

7. Juni 2009
Europawalen
ET ASS UN IECH!

EUROPÄESCHT PARLAMENT
Informatiounsbüro fir Lëtzebuerg

COMMISSION EUROPÉENNE
Représentation au Luxembourg

# Plan de carrière professionnelle « Tremplin »

## Retour dans l'emploi – votre „tremplin“ personnel vers un nouveau futur professionnel

### Vous désirez

- réintégrer le marché de l'emploi
- vous réorienter
- développer de nouveaux objectifs
- découvrir ensemble avec d'autres femmes votre savoir et votre savoir-faire
- élaborer votre parcours professionnel futur
- vous informer sur des possibilités de formation continue

**Alors,** vous êtes bien dans notre cours d'orientation de cinq semaines **« tremplin »**, qui se déroulera du **8 juin au 10 juillet 2009** pour toutes les femmes désireuses de réfléchir sur leur futur professionnel et de l'élaborer personnellement.

### Nous

- vous réservons du temps pour un conseil d'orientation professionnel soigné
- vous soutenons dans la réalisation de vos plans
- vous accompagnons dans votre prise de décision personnelle
- vous donnons des renseignements sur des sujets actuels concernant le marché de l'emploi
- vous donnons des conseils pratiques sur des méthodes de concilier vie professionnelle et vie familiale
- vous informons au sujet des possibilités de formation continue

### Vous êtes au centre de nos préoccupations !

### Vous

- travaillez dans un groupe restreint
- recevez le soutien nécessaire pour élaborer votre plan de carrière professionnelle future
- profitez d'un échange convivial sur expériences en groupe
- exercez avec notre soutien des stratégies d'embauche augmentant vos chances de succès

**Notre séminaire peut très bien devenir votre „tremplin“ personnel vers une organisation de vie professionnelle durable. Le cours se tiendra en langue française.**

Si vous êtes intéressée, contactez-nous à l'adresse suivante :

**ZARABINA asbl. -** Initiativen fir Fraën
Jocelyne Massoni / Carole Munhowen
27, rue Emile Mayrisch
L-4240 Esch/Alzette
Tel.: 26 55 12 13 - 1

Le nombre de participantes étant limité, une préinscription est souhaitable.

© ZARABINA

Zarabina asbl. est subventionnée par le Ministère du Travail et de l'Emploi et par le Ministère de l'Education Nationale.

# Programme pour la journée internationale des musées, le dimanche, 17 mai 2009:

MUSEE NATIONAL DE LA
RÉSISTANCE
LIEU DE MEMOIRE ET D'EDUCATION

place de la Résistance (place du Brill)
L-4041 Esch-sur-Alzette tel. 54 84 72
ouvert mercredi - dimanche de 15h00 à 19h00
entrée gratuite

## ouverture de 11h00 à 18h00
## entrée gratuite
## 11h00 / 14h30 / 16h00:
## visites guidées adultes et enfants
## toute la journée:
## ateliers créatifs
## espace de lecture



**Ateliers pratiques** pour enfants et adultes: *Exprimer ses émotions face à des évènements historiques et des images traumatisantes*

- par l'écriture (poèmes, prose, calligraphie expressive
- par le dessin (sur petites cartes ou dessins grand format)
- par la photographie

Il n'est pas nécessaire de s'inscrire à l'avance. La participation est gratuite, le matériel est mis à votre disposition.

**Exposition** de certains travaux réalisés au cours de la journée, ainsi que de travaux de jeunes réalisés en classe.

**Coin de lecture**, avec présentation de livres pour enfants et pour adultes, à consulter sur place

# www.musee-resistance.lu

## Mir freeën eis iwwer all Don vu Material, Dokumenter, Bréiwer a Fotoën aus dem Krich a garantéieren lech, dass äer Saache bei eis professionnel opgehuewen an opgeschafft ginn.




Tel. 54 84 72 / 691 169 111